




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 24.03.2023

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	5
1. CORRESPONDANCE	8
2. CIRCULATION	8
Modifications à apporter au règlement général de la circulation	
2.1. Règlementation de la rue des Champs, rue Schortgen et rue de la Vallée	
2.2. Règlementation de la rue de la Libération (CR184)	
2.3. Règlementation de la cité Aloyse Meyer	
3. FINANCES COMMUNALES	
3.1. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement et de mise en conformité des passages pour piétons pour les années 2023 à 2025 – phase 2	11
3.2. Modification de l'indemnité à allouer aux membres du service de médiation	21
3.3. Approbation des modifications à apporter au chapitre XXI – Repas sur roues – du règlement-taxes général	
3.4. Approbation du contrat de bail commercial avec la société SOURRIRE a.s.b.l. au sujet de la maison sise, 43 Rue Ribeschpont dans le cadre du développement du projet « JuMa House »	
3.5. Approbation de deux avenants aux accords de mise à disposition de deux locaux communaux à la Croix-Rouge Luxembourgeoise	
3.6. Approbation du 3e avenant à la convention « Logis Hôtel-Restaurant Cottage », relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection temporaire entre l'ONA, l'Hôtel Cottage et la Ville de Dudelange	
3.7. Approbation d'un acte de vente avec Madame Carmen Marie-Thérèse Marion Georges au sujet d'une maison d'habitation sise route de Luxembourg	
3.8. Approbation d'un acte de vente avec Monsieur Marc Hoferlin, Madame Christiane Loschetter, Madame Karin Loschetter et Monsieur Tom Loschetter au sujet de terrains sis route de Luxembourg	
3.9. Approbation d'un acte de vente avec la société « CDBgest S.à r.l. » pour des terrains sis rue du Parc	
3.10. Approbation d'un acte de vente avec les époux André Ley et Rose Siedler pour des terrains au lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht »	
3.11. Cession gratuite de terrains à Monsieur Andy John Millim	
3.11.1. Reclassement de parcelles de terrain du domaine communal public en domaine communal privé en vue de leur cession gratuite à Monsieur Andy John Millim	
3.11.2. Approbation d'un acte de cession gratuite avec Monsieur Andy John Millim, terrains sis rue de la Chapelle	
3.12. Échange de terrains avec le « Kierchefong »	
3.12.1. Reclassement de parcelles de terrain du domaine communal public en domaine communal privé en vue de leur échange avec le « Kierchefong »	
3.12.2. Approbation d'un acte d'échange avec le « Kierchefong », terrains sis rue du Commerce et rue Antoine Zinnen	
3.13. Approbation d'actes notariés relatifs à l'acquisition d'emprises	
4.13.1. sociétés « Vegueros Immo S.à r.l. » et « Chameleon Real Estate S.à r.l. », terrains rue Jean Jaurès	
3.13.2. Époux Raoul Michel Wieland et Linda Kiggen, terrains route de Volmerange	
3.13.3. Propriétaires Storck, Marc-Glesener, Marc-Hoffmann, Marc et Jomé-Koster, terrains rue Goethe	
3.13.4. Époux Jeff Merker et Sandra Stoltz, terrains rue Goethe	
3.13.5. Époux Alen Trubljanin et Erza Sabotic, terrains rue Dominique Lang	
3.13.6. Société immobilière civile DACICI SCI, terrains rue de la Libération	
3.13.7. Monsieur Jean Herrmann et Madame Christiane Lokcick, terrains rue du Parc	
3.13.8. Époux Alain Gubbini et Patricia Marie Théa Thill, terrains rue de la Fontaine	
3.14. Approbation du devis estimatif relatif au déplacement du silo de sel du site NeiSchmelz vers le site gaz et eau	
3.15. Approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2021 et approbation et la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2021 par la Direction du contrôle de la comptabilité communale du Ministère de l'Intérieur	
3.16. Approbation provisoire du compte de gestion de l'exercice 2021	
3.17. Subsidés extraordinaires à allouer	
3.18. Approbation des relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2022	
3.19. Approbation des relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2023	

4. AMÉNAGEMENT COMMUNAL	13
4.1. Approbation de la proposition de modification du Plan d'Aménagement Particulier « Wolser » présentée par le bureau d'architecte « WW+ » pour le compte du Ministère de l'Economie	
4.2. Approbation de la convention de mise en oeuvre Pacte Logement 2.0	
5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	39
Approbation d'un changement dans l'organisation fondamentale pour l'année scolaire 2022/2023	
6. PERSONNEL	42
6.1. Création d'un poste de salarié à tâche complète, concierge, carrière de l'artisan (carrière H3) (service conciergerie mobile)	
6.2. Allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections communales du 11 juin 2023	
7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	44

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Bob Claude ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Monsieur Claude Martini, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Messieurs Alain Clement et Romain Zuang, conseillers, excusés. Procurations : Monsieur Alain Clement a conféré une délégation de vote à Madame Martine Bodry-Kohn pour l'ensemble de la séance. Monsieur Romain Zuang a conféré une délégation de vote à Monsieur Dan Biancalana pour l'ensemble de la séance.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur René Manderscheid, échevin, rappelle le dépliant, distribué aux ménages au début de l'année au sujet des différentes aides financières communales et étatiques aux ménages, notamment aussi dans le cadre de la hausse des prix d'énergie. Il informe aussi au sujet de la « Foire à l'économie d'énergie – Energiesparmesse » qui aura lieu le samedi, 29 avril 2023 de 10.00 à 16.00 heures à l'Hôtel de Ville. Monsieur le bourgmestre enchaîne et rappelle que l'inscription sur les listes électorales pour les élections communales du 11 juin 2023 pour les ressortissants non-Luxembourgeois est toujours possible, et ceci jusqu'au 17 avril 2023.

2 – CIRCULATION

Les trois décisions ci-après, ayant pour objet de modifier et de compléter le règlement général de la circulation, sont prises à l'unanimité :

2.1. la réglementation d'arrêts-bus dans la rue des Champs, la rue Schortgen et la rue de la Vallée dans le cadre du fonctionnement d'un service de transport par navettes ;

2.2. la réglementation prévoyant un emplacement de stationnement réservé aux personnes handicapées dans la rue de la Libération, à hauteur de la maison numéro 58 ;

2.3. la réglementation de la cité Aloyse Meyer comme zone résidentielle dans son ensemble.

3 – FINANCES

3.1. Le conseil communal approuve, à l'unanimité, le devis, établi par le service des travaux publics du service gestion et maintien du patrimoine communal, estimant le coût des travaux de réaménagement et de mise en conformité des passages pour piétons pour les exercices 2023 à 2025, phase 2, à 600'000,- € TTC.

4 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Les deux décisions ci-après sont prises à l'unanimité :

4.1. la proposition de modification du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » « ZAE Wolser » concernant des fonds sis à Dudelange au lieu-

dit « In Wolser » présentée par le bureau d'architecte « WW+ S. à r.l. » pour le compte du Ministère de l'Economie. Cette modification est nécessaire afin d'offrir davantage de flexibilité pour l'organisation des lots au sein de la zone d'activités économiques nationale « Wolser » ainsi que pour mettre en conformité les activités économiques exercées au sein de ladite zone à la partie écrite du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange ;

4.2. la convention de mise en œuvre relative au Pacte Logement 2.0 conclue avec le Ministre du Logement, ayant pour objet de préciser les obligations de la Ville et de l'Etat découlant de la loi, dont notamment les modalités de la mise à disposition du conseiller logement, de la mise en œuvre du Programme d'action local logement (PAL) ainsi que des participations financières que la Ville peut recevoir dans le cadre de la mise en œuvre du PAL. Conformément aux dispositions de la loi relative au Pacte logement 2.0, le Pacte logement vise une collaboration étroite entre l'Etat et les communes afin de soutenir la création de logements abordables et durables au niveau communal, la mobilisation des terrains à bâtir ainsi que l'amélioration de la qualité de vie dans tous les quartiers par un urbanisme adapté. La Ville de Dudelange a droit à des participations financières de l'Etat, aux prestations du Conseiller logement et aux projets mettant en œuvre le Programme d'action local logement.

3 – FINANCES (SUITE)

Les points numéros 3.2. et 3.3. sont approuvés à l'unanimité des voix

3.2. L'adaptation de l'indemnité à allouer aux médiateurs agréés à 80,- € par heure (htva)(base n.i. 877,01) avec effet rétroactif au 1er janvier 2023, tout en accordant une indemnité kilométrique pour le déplacement aux médiateurs, conformément aux dispositions légales en vigueur ;

3.3. la fixation du prix d'un repas sur roues, livré aux personnes âgées et/ou invalides, comme suite à l'application des tranches indiciaires, à partir du 1er avril 2023 à 18,30- € ;

3.4. le conseil communal approuve avec 11 voix contre 6 et 2 abstentions, le contrat de bail commercial, conclu entre notre collège des bourgmestre et échevins et l'association SOURRIRE a.s.b.l. au sujet de la location, aux conditions retenues dans ledit

contrat de bail commercial, la maison sise 43, rue Ribeschpont, L-3548 Dudelange, pour y réaliser une maison de thérapie psychologique, dénommée « JuMa House », offrant le suivi, des groupes de thérapie et des groupes de prévention contre le stress pour des patients disposant de possibilités financières, pour des entreprises, mais aussi et surtout pour des patients qui sont dépourvus de possibilités de pouvoir se payer un tel suivi, avec concentration sur des personnes réfugiées.

Les points numéros 3.5. à 3.14. sont approuvés à l'unanimité des voix

3.5. Les deux avenants aux accords de mise à disposition, passés avec la Croix-Rouge Luxembourgeoise prolongeant la mise à disposition à la Croix-Rouge, dans le cadre de l'accueil de personnes fuyant la guerre en Ukraine, du studio, ancienne épicerie, sis 27, rue Gare-Usines et l'appartement au 2^e étage de l'immeuble sis 73, rue Tattenberg jusqu'au 31 mars 2024 ;

3.6. le 3^e avenant à la convention conclue entre l'Office national de l'accueil (ONA), la société BDPX gestionnaire du Logis Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire ;

3.7. l'acte de vente, aux termes duquel Madame Carmen Georges vend à la Ville de Dudelange une maison d'habitation avec place et toutes ses appartenances et dépendances, lieu-dit « route de Luxembourg », place (occupée), bâtiment à habitation, faisant 5,80 ares au prix de 1'145'000,- €. L'immeuble est acquis en vue de la construction de logements abordables ;

3.8. l'acte de vente, aux termes duquel Monsieur Marc Hoferlin, Madame Christiane Jeanne Loschetter, Madame Karin Loschetter et Monsieur Tom Loschetter vendent à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, lieu-dit « route de Luxembourg », sentier, faisant 76 centiares pour le prix de 38'000,- € pour l'intégration de la parcelle dans la voirie publique ;

3.9. l'acte de vente, aux termes duquel les copropriétaires de la « Résidence Royal A », 54, rue du Parc, représentés par la société « CDBgest S.à r.l. », vendent à la Ville de Dudelange, une parcelle de terrain, lieu-dit « rue du Parc », place (occupée), faisant 46 centiares au prix de 40'852,- €. L'acquisition est faite par la Ville pour l'installation d'une station de gaz ;

3.10. l'acte de vente, aux termes duquel les époux André Ley et Rose Siedler vendent à la Ville de Dudelange une terre labourable, lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht », faisant 9 ares 20 centiares au prix de 230'000,- €. L'acquisition est faite dans un but d'utilité publique en vue de la réalisation de logements sociaux ;

3.11. l'acte de cession gratuite, aux termes duquel la Ville de Dudelange cède gratuitement à Monsieur Andy Millim une parcelle de terrain, lieu-dit « rue de la Chapelle », place, contenant 23 centiares. En amont de l'approbation de la cession gratuite, le terrain est reclassé du domaine communal public en domaine

communal privé en vue de permettre sa cession ;

3.12. l'acte d'échange sans soulte, aux termes duquel la Ville de Dudelange cède au « Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique » deux parcelles de terrain, sises aux lieux-dits « rue du Commerce », place (occupée), contenant 1 centiare et « rue Antoine Zinnen », place (occupée), contenant 1 centiare, les deux parcelles représentant une valeur totale de 100,- €. En contrepartie, le « Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique » cède à la Ville de Dudelange quatre parcelles de terrain, dont trois sises aux lieux-dits « rue du Commerce », places voirie, contenant 2, 18 et 4 centiares et une sise au lieu-dit « rue Antoine Zinnen », place voirie, contenant 11 centiares, les quatre parcelles représentant une valeur totale de 100,- €. En amont de l'approbation de l'acte d'échange, les terrains à céder par la Ville sont reclassés du domaine communal public en domaine communal privé en vue de permettre leur cession ;

3.13. les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises en vue de l'intégration des terrains dans la voirie publique : avec les sociétés « Vegueros Immo S.à r.l. » et « Chameleon Real Estate S.à r.l. » pour des terrains sis rue Jean Jaurès ; avec les époux Raoul Wieland et Linda Kiggen pour des terrains sis route de Volmerange ; avec les propriétaires Storck, Marc-Glesener, Marc-Hoffmann, Marc et Jomé-Koster pour des terrains sis rue Goethe ; avec les époux Jeff Merker et Sandra Stoltz pour des terrains sis rue Goethe ; avec les époux Alen Trubljanin et Erza Sabotic pour des terrains sis rue Dominique Lang ; avec la société immobilière civile DACICI SCI pour des terrains sis rue de la Libération ; avec Monsieur Jean Herrmann et Madame Christiane Lokcick pour des terrains sis rue du Parc ; avec les époux Alain Gubbini et Patricia Marie Thill pour des terrains sis rue de la Fontaine ;

3.14. le devis estimatif établi par le service gestion et maintien du patrimoine, pour un montant de 125'000,- € toutes taxes comprises, relatif au déplacement du silo de sel du site Nei Schmelz vers le site gaz et eau.

3.15. Le conseil communal arrête, avec 11 voix contre 1 et 7 abstentions, provisoirement, le compte administratif de l'exercice 2021 et la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2021 par la Direction du contrôle de la comptabilité communale du Ministère de l'Intérieur.

Les points numéros 3.16. à 3.19. sont approuvés à l'unanimité des voix

3.16. Le compte de gestion de l'exercice 2021 du receveur communal ;

3.17. les subsides extraordinaires suivants : 500,- € à l'association Médecins du monde pour l'aider à assurer la continuité des programmes de soins ; 4'105,85- € à l'association Les peaux rouges – FNEL – Dudelange pour le remplacement du système d'alarme ; 100,- € à l'association Ile aux clowns a.s.b.l. pour subventionner ses diverses activités ;

- 4.18. les relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2022 s'élevant au montant de 4'340,- €, équivalant à 124 chiens ;
- 4.19. les relevé et rôle de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2023 s'élevant au montant de 47'530,- €, équivalant à 1'358 chiens.

5 – ENSEIGNEMENT

Le changement du plan de surveillance de l'école Lenkeschléi, proposé par le comité de l'école Lenkeschléi en accord avec l'administration communale et la direction de région de l'enseignement fondamental, dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2022/2023 est approuvé avec 16 voix et 3 abstentions.

6 – PERSONNEL

Les décisions suivantes sont avalisées à l'unanimité :

- 6.1. la création d'un poste de salarié à tâche complète, concierge, carrière de l'artisan (carrière H3) (service conciergerie mobile) suivant dispositions de la convention collective des salariés des communes du sud ;
- 6.2. l'allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections communales du 11 juin 2023.

7 – QUESTIONS

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Gréng » sur différents sujets. Il est répondu aux questions séance tenante.

Fin de la séance vers 12.40 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 24.03.2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech begrëssen lech alleguer ganz häerzlech hei am Gemengerot. Schéine gudde Mueren. Och de Public, deen zougestouss ass begrëssen ech. Fir d'Formalitéite wëll ech hei soen dass krankheetshalber entschëllegt ass den Alain Clement, deen dem Martine Kohn eng Procuratioun ginn huet an de Romain Zuang, och krankheetshalber entschëllegt, dee mir selwer eng Procuratioun ginn huet, sou dass mer an deem Sënn och komplett sinn.

I. KORRESPONDENZ

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt just dem Gemengerot matdeelen, dass de Schäfferot seng Versprieche, déi en am Hierscht, Spéithierscht am Kader vun der Hausse vun den Energiepräisser, agelëst huet. Mir waren eis am Gemengerot jo alleguer eens, dass mer eis Matbierger géifen informéieren iwwert d'Méiglechkeete wou se hu fir kënne Subside unfroen a Kader vun den Energiespuermoosnamen, respektiv all déi Hëllef, wou se kréien, sief dat vum Staat, sief dat vun der Gemeng, an du hu mer jo och gesot gehat, mir géifen dann och déi sozial Hëllef mat dobäi leeën, an Dir hutt gesinn, dass mir am Januar a Februar effektiv dat Versprieche ëmgesat hunn an du hu mer dee Flyer hei an d'Boîté geluecht, sou dass jiddwereen och weess, wat e ka maachen, fir kënne déi finanziell Hëllef unfroen. An dat zweet Versprieche, wou mer gesot hu mer géife kucke fir eng Energiefoire an d'Liewe ruffen, fir och do d'Leit kënne konkret ze informéieren. An déi hu mir da lo geplangt. Dat geet net sou einfach. Do muss ee ganz vill Acteuren un den Dësch kréie fir dass ee kann do lassfueren. An do hu mer eis dann op Samschdes, den 29. Abrëll hei am Festsall vum Nic Birtz, respektiv ënnen am Gemengerotssall sinn dann déi Foiren, wou jiddweree kann am Dag vun 10:00 bis 16:00 hei virstelleg ginn. An do gëtt en alles gewuer, wat en zu deem Thema hei wëll gewuer ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Ren. Nach weider Punkten? Da géif ech nach vläicht bäifügen als Informatioun. Quitt dass jo nach e bëssen Zäit ass, fir sech anzeschreiwen an d'Wielerlëschten, dass mer hei zu Diddeleng bei 18,2% leien, also largement iwwert der Moyenne nationale. Mee wéi

gesot, et ass jo nach e bëssen Zäit, fir deen doten Taux nach no uewen ze drécken. Mee ech menge mir sinn do ee vun deenen, déi am meeschten Aschreiwungen à ce stade hunn.

2. CIRCULATION

MODIFIKATIOUNEN UM ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT

2.1 Reglementatioun vun der Rue des Champs, Rue Schortgen a Rue de la Vallée

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir wësst, am Gemengerot vum 10. Februar dëst Joer hate mer dat provisoirescht Verkéiersreglement geholl betreffend déi nei Buslinn duerch d'Quartiere Champs a Vallée. Déi Navette, déi leeft lo gläich zwee Méint a se huet och Succès e gëtt vun de Leit gutt ugeholl. D'Preparative fir d'Soumissioun – ech hat lech jo d'leschte Kéier gesot, dass mer eng Soumissioun géife maachen, déi ass och lo am Gaang. Sou datt mer lo kënne dat definitivt Verkéiersreglement huelen. Well Dir wësst, wa mir dat bis aschécken, dann dauert dat ëmmer nach eng Zäitche, bis mer dat accordéiert aus der Stad wäerten erëm hunn. Ech wäert och elo, vu datt et nach net laang hir ass, et war de leschte Gemengerot, wou ech dat hei presentéiert hunn, net méi nach eng Kéier all déi Arrête hei opzielen an lech och net nach eng Kéier alles dat erzielen, wat ech lech d'leschte Kéier scho sot, mee ech géif nach just eng Kéier kuerz op ee speziellen Arrêt agoen, an zwar d'Haltestell Stade Meyer. Déi war deemools vum Här Gangler an der Madame Heinen am leschte Gemengerot ugeschwat ginn. Am Reglement hu mer den Arrêt virun den Haiser 69 bis 71, Rue des Champs geschriwwen, fir genuch Flexibilitéit ze hunn. Aktuell fonctionéiert se ganz gutt virun 71, Rue des Champs. Solit dat awer an Zukunft e Problem ginn, da kënne mer se dann awer direkt op 69, Rue des Champs placéieren. Et war e Bushaische gefrot ginn, bon, dat kënne mer aktuell leide net dohi stellen, well den Trottoir hei ze schmuel ass.

Ech wëll dann nach op e puer aner Umierkungen agoen, déi d'leschte Kéier komm sinn. De Bus, dee gëtt ënnert „DudBus1“ an der Mobilitéitszentral ugemellt an domat wäert en dann och op den Arrête, wou mer déi digital Anzeigen hunn och sou an Zukunft kënne ugewise ginn an zousätzlech fënnt een en dann och op der App vun der Mobilitéitszentral an natierlech och op der App vun der Gemeng erëm. De Service Circulation, deen huet sech och mat der Mobilitéitszentral a Verbindung gesat fir dass déi digital Anzeigen erëm richteg fonctionéieren. Ech weess net méi, wien dat d'leschte Kéier opgeworf hat, datt do Problemer wäeren. Wéi gesot, eise Service huet sech do mat hinne kuerz geschloss, fir do Remedur ze schafen. Ech mengen domat hunn ech vu menger Säit elo alles gesot, ouni alles dat ze widderhuelen, wat ech de leschte Gemengerot lech scho sot.

Ech si frou, datt dee Bus gutt ugeholl gëtt an ech hoffen Dir och, an datt mer dann dat definitivt Reglement kënne stëmmen an et och séier aus des Stad erëm

hunn. A fir all weider Froen ass jo eise Service Circulation de Moien och hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia nach eng Kéier fir déi dote Presentatioun an Erklärungen, an d'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Ech war jo frou, dass dee Bus do agefouert gouf. Ech wollt just froen, wéi ass d'Benotzung am Moment? Geet et duer mam Bus? Et ass jo kee ganz grouse Bus, mee e klengen. A wéi ginn déi Leit eens, déi eng Kutsch dobäi hunn? Mir kruten do eng Kéier e Feedback vun enger Madame, déi do net sou richteg eens ginn ass domadder. Hutt Dir och e Feedback kritt, oder hutt Dir do e Verbesserungsvorschlag ze maachen? Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et geet an déi selwecht Richtung. Ech hu mech och gefrot, de Bus ass jo kleng, d'Madame Dall'Agnol huet gesot, et gëtt elo eng Soumissioun gemaach. Gëtt do elo méi e grouse Bus iergend eng Kéier agesat? Well och wann ee wëllt en Kutsch mathuelen oder e Buggy, eng Trottinette, dat ass awer dann e bësse komplizéiert. Bon, mat der Visibilitéit ass jo och elo gesot ginn, dass de Bus eng Nummer kréich, ech hunn déi awer elo net verstanen, wéi e genannt gëtt.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): DudBus1 – also Dud, wéi Dudelage, Bus 1.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): OK. Well ech hu gëschter nach gekuckt an der Mobilitéitsapp. An och déi jonk Leit, déi siche ganz jo oft iwwer Google Maps, do hunn ech de Bus néiers fonnt, mee dat schéngt jo dann ze lafen, dat kréie mer jo dann awer geschwënn do ugewisen. Jo, dat waren am Fong meng Froen. A wéi gesäit d'Zukunft vum Bus aus? Ob et da méi e grouse Bus gëtt? Dat leeft jo dann ënner City-Bus, well et ass jo awer eng privat Linn, déi mir lo ganz finanzéieren. An ob dat och eng Kéier als City-Bus mam TICE arrangéiert gëtt? Dat wier jo awer dann net schlecht. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ma da probéieren ech kuerz drop anzegoen. Also fir d'Benotzung, do hu mer nach keng Zuele vun hinne matgedeelt kritt. Ech gesinn et selwer, well ech de Bus méi dacks huelen a mir gesinn et och hei virun der Gemeng, dee kënnt ganz gutt un. Ech hunn allerdéngs nach net matgedeelt kritt, datt eng Kéier ee keng Plaz krut. Ech ginn awer gären zou, dass ech schonn zwee Mol déi leschte Plaz bei mir an der Strooss krut. Ganz éierlech, ech wousst, datt do e Bus géif feelen an deene Quartiers. Ech hat awer net geduecht, datt en direkt géif sou gutt ugeholl ginn. A mäin Dram, soen ech, ass och deen, datt den TICE, dat hat ech d'leschte Kéier scho gesot an och beim Budget, datt den TICE dat dote kéint eng Kéier iwwerhuele mat engem méi groussen, mat engem normale Bus eigentlech, an datt mer dat kënnen als City-Bus-Linn och kënnen auswäiten. Nach hänkt et nach ëmmer un deenen nämmlechte Saachen, wou ech lech d'leschte Kéier scho sot: Net genuch Busser beim TICE an och net genuch Chauffeuren, fir dat dote momentan kënnen ze maachen. Mee och dat sot ech schonn: Dat hei ass net a Stee gemeesselt mat där privater Firma.



Mee mir hoffen, datt den TICE dat kann iwwerhuelen. Dir sot, mir bezuelen dat lo ganz. Och wann den TICE dat mécht, da bezuele mer et och. Et ass kif-kif, ob mer lo dat dote bezuelen oder déi heiten. D'Fro ass just, ob et herno en Ënnerscheid vu Präis ass. Dat gesi mer dann mat der Kutsch. Also ech hu lo keng Echoe kritt dovunner: Weeder ech perséinlech nach de Service mengen ech. Si wénke mam Kapp Neen, datt do näischt erakomm ass. Et ass jo och eng elektresch Dir, déi relativ wäit opgeet. Ech ginn och dovun aus, datt de Chauffeur hëlleft, wann e Problem ass. Mee mer kënne se awer nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt se dat solle maachen, falls e Problem wär.

D'Soumissioun, déi gëtt lo virbereet. Do kann de Pit vläicht och eng Kéier drop agoen. An déi gëtt och fir dee kleng Bus lo virbereet. Nach verhënnert dat net, datt wa mer gesinn, datt d'nächst Joer Nout u Plazen am Bus ass, datt mer da fir méi e groussen ausschreiwen. Dat ass net a Stee gemeesselt. A wann dat wierklech weiderhi sou gutt ukënnt, da kann een dat duerchaus maachen. Datt et nach net op der App, respektiv op der Anzeig ass, dat ass warscheinlech well si an der Stad nach net sou séier si wéi mir an eise Servicer. An ech mengen dann hätt ech op alles geäntwert, an déi Saachen, déi kann dann eise Service och viruginn un den Exploitant, falls muss gehollef gi bei enger Kutsch oder enger Trottinette soen ech mol, datt de Chauffeur och bereet ass ze hëlleften, wann dat néideg wär. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.2. Reglementatioun vun der Rue de la Libération (CR 184)

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): De Club Senior, deen hat gefrot, fir an hirer Géigend eng PMR-Plaz ze kréien, fir dass hir Memberen och do kënne parken, falls se net méi sou gutt zu Fouss sinn. An no enger Analys hunn eis Servicer proposéiert, datt mer déi géifen op Héicht vum Haus 58, Rue de la Libération maachen. Aktuell sinn an der Géigend vum Club Senior keng PMR-Plazen, déi nächst, déi sinn am Schwaarze Wee oder op der Place Fohrmann, wat awer fir Leit déi lo net méi sou gutt zu Fouss si vläicht awer e puer Meter ze trëppele sinn. Wa mer déi dohi maachen, da passt dat jo och an d'Philosophie, déi mer eis ginn hunn, fir virun ëffentlech Gebaier an Administratiounen oder och op de grouse Parkinger där PMR-Plazen ze maachen.

Ech hoffen, Dir sidd domadder averstanen. A wéi ëmmer wa mer eng PMR-Plaz hei stëmmen, de Message erëm eng Kéier vu menger Sait aus un lech: Wann lech nach eng Plaz opfält, wou mer eng vergiess hunn oder wou et Sënn mécht, einfach eng Kéier mir Bescheid soen oder telefonéiert eisem Service de Circulation, an da wäerte mer dat natierlech kucken a wann et méiglech ass och hei am Gemengerot stëmmen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech war déi Plaz net nach eng Kéier selwer kontrolléieren, mee wann s de am Rollstull sëtzt a wëlls e Parkticket siche goen, da muss de gutt den Trottoir erop an erof kommen, wat net iwwerall de Fall war. Ech weess net, wéi et hei op der Plaz ass. Ech war net selwer kucken dohinner. Ech wollt just drop opmierksam maachen, dass wann s de am Rollstull aus dem Auto klëmms, dass de muss iergendwou bei den Automat goe fir däin Ticket ze huelen, a wann do de Bord relativ héich ass, da klappt dat net sou gutt. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also ech ka just soen, eis Servicer hunn dat elo héieren, an da kucke si dat, wéi dat op där doter Plaz ass, a wann lech elo nach aner Plazen an de Kapp kommen, wou dat vläicht och sou ass, dann dat vläicht mat hinnen ofschwätzen, da kucke si dat an engems.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, wa keng weider Stellungname sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? **Och dat ass unanime.** Villmools Merci.

2.3. Reglementatioun vun der Cité Aloyse Meyer

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, mir kruten eng Rei Demandë vun de Biergerinnen an Bierger aus der Cité Aloyse Meyer, ob et méiglech wier, d'Strooss an eng Zone résidentielle vu Vitesse 20 ëmzewandelen. Well aktuell ass déi Strooss nach eng 30er Zon an et ass eng Sakgaass. De Service Circulation, dee war sech déi Situatioun ukucken, an dat kann een direkt an ouni Ëmbau als Zone résidentielle ëmklasséieren, wa mer dat elo hei stëmmen, well et gëtt keen Trottoir an et ass alles och een Niveau. Mir hunn och du direkt den Avis vun der staatlecher Verkéierskommissioun ugefrot an déi hunn eis och e positiven Avis zeréckginn, an ech géif lech deemno bieten, dëst och elo guttzeheeschen, fir datt mer et kënnen aschécken an d'Stad, a wa mer et och vun do geneemegt erëmkreien, wat ech unhuelen, vu datt mer e positiven Avis jo schonn hu vun der staatlecher Verkéierskommissioun et da kënnen a Muséi ëmsetzen. A wann nach Froe sinn, dann ass eise Service do.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Ech kennen déi Plaz do gutt, a souwäit ech weess, war et souwisou bal onméiglech, fir do mat 30 ze fueren, well du bass jo widder d'Mauer gerannt dann. Well dat ass jo just 20 Meter Strooss. Also ech wär do nimools op 30 komm. Och dat mam Vëlo. Also keng Anung. Wat ännert sech elo an där Strooss, wa mer lo Zon 20 maachen, also par rapport zu deem, wat lo war? Wat ass do den Avantage? Mir begrëissen et natierlech, dat ass flott.

D'Schëld gesäit och ëmmer gutt aus, da kënnen d'Kanner do spillen, dat gëtt e bëssen eng Sécherheet fir d'Leit déi do wunnen a fir d'Kanner. Mee wat ännert sech do?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech soe just eppes. Onméiglech ass näischt. Dir wësst selwer, dat d'Leit et fäerdeg bréngen op deenen onméiglechste Plaze mat Vitessen ze fueren, déi mir zwee warscheinlech ni drop kréichen, éischstens well mer eis net géifen trauen an zweetens, well mer raisonnabel Bierger sinn. A fir de Rescht wat sech ännert, géif ech direkt dem Service d'Wuert ginn, fir wann nach Detailer sinn, do-robber anzegoen. Dat meescht hunn ech gesot, et muss näischt ëmgebaut ginn an et ass eigentlech alles schonn esou.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Merci Claudia fir d'Wuert. Et ass just reglementaresch wou sech eppes ännert, mee un der Situatioun, wéi den Här Martini gesot huet, ännert sech näischt. Mee et ginn anscheinend ëmmer där Experten, déi mat engem Bläifouss ënnerwee sinn an déi d'Kéier e bësse schnëppelen. An deen d'Strooss e bësse kennt, dee weess jo dass am Ufank eng Garage ass, an da gëtt d'Strooss nach eng Kéier méi breet. An do war et scho méi wéi eng Kéier zu enger brenzeleger Situatioun komm, dass z.B. Firmaen, déi Päck ausdroen ëm d'Kéier geschoss komm sinn a sou e Stéck laanscht d'Kanner gefuer sinn, déi an der Strooss gespilt hunn an déi net drop gefaasst waren, dass do ee géif sou séier ëm den Eck kommen. Dat war eng vun den Ursaache firwat mer dat do elo sou maachen. Dann hu mer d'nächste Kéier och eng Handhab, wann eppes passéiert, dass de Chauffeur wierklech am Feeler ass, wat en d'office och ëmmer ass. Mee méi ännert sech am Fong an där Strooss do lo net.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech mengen eng kleng Saach géing sech änneren. Dat heescht an enger Zon 20 kann een, souwäit ech weess, Parkplazen anzeechenen, an enger Zon 30 net.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Richtig, dat stëmmt och.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wann Der dat jo awer da maacht, da kann een déi awer sou anzeechenen, dass et zu enger Verkéiersberouegung kënnt. Well et ass jo am Fong de Problem déi Camionnetten, déi elo ran dréine kommen. Wann der elo e Schëld 20 km/h dohinner maacht, déi fueren awer net mat 20 do. Déi fueren awer schnell hir Päck ausdroen an da gëtt d'Kéier schnell geholl, da muss ee jo schonn eppes dohinner maachen, fir dass d'Vitess reduzéiert gëtt, fir dass d'Geforenzonen erausgeholl ginn. Dann ass et jo awer net fir ze waarden, bis eppes geschitt ass an ze soen, mir hunn elo e Schëld 20, da kënne mer lech elo ukloen. Dat ass jo och net ganz richtig, net?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Ech hu mer lo direkt d'Plaz hei nach eng Kéier ugekuckt. D'Strooss selwer gëtt lo net direkt eng Parkplaz hir, well iwwerall Garagé sinn, dat heescht, do ass et onméiglech. Mee mir kënnen awer déi eng oder aner Mesure huelen an der Entrée oder sou, dass een net méi direkt erakënn.

Ech mengen dat ass nach ëmmer méiglech ze maachen. Do kucke mer lo wat machbar ass an dann, ob mer do lo eng Schikan abauen oder e Retrecissement, also dat musse mer nach eng Kéier am Detail kucke wann et sou wäit ass.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Réischt souwisou wa mer et aus der Stad erëm hunn an et ass accordéiert. Réischt da kënne mer iergend eppes änneren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir d'Froen an d'Diskussioun. Da géif ech proposéieren, dass mer géifen zum Vott iwwergoen. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

3. GEMENGEFINANZEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op d'Gemegefinanzen iwwerginn. Ech gesinn dass eis Invitéeën nach net do sinn. An da gi mer bei Passage pour piétons, Devis estimatif. Claudia.

3.1. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Aarbechte fir de Reamenagement an d'Mise en conformité vun den Zebrastreife fir d'Joren 2023 bis 2025 – Phas 2

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo dat huet jo am wäitste Sënn, och wann et ënnert de Finanze steet mat der Circulatioun ze dinn. Dir wësst datt et hei ëm de Budget geet fir déi zweet Phas vun der Mise en conformité vun den Zebrastreife guttzeheeschen. Wat heescht awer elo eng Mise en conformité? Ma d'Zebrastreifen, déi solle jo alleguerste sou reamenagéiert ginn, dass se a) fir all d'Leit accessibel sinn, dat heescht Leit mat Aschränkungen, z.B. déi schlecht gesinn, déi blann sinn, déi am Rollstull sinn oder mat enger Poussette, Kutsch kommen. Dat si Leit, dat wësst Der, déi hunn dacks Problemer, bei den Zebrastreifen iwwert d'Strooss ze kommen, well se d'Bordüren net gesinn oder déi ze héich sinn. Nom Reamenagement vun den Zebrastreife sinn déi all laut Norme beliicht, et gëtt och eng Blanneleitlinn an d'Bordüre si erofgesat ginn op 3 cm, respektiv op 0,5 cm Héicht fir dass een eebe mam Rollstull oder Kutsch driwwer kënnt. Dat sinn 0,5 cm. Respektiv e Blannen et erkennt, dat sinn déi 3 cm, déi ech genannt hunn. Dat ass och alles sou wéi et de Recommandatioun vum der ADAPTH entsprécht, dat ass de Centre de compétences national pour l'accessibilité des bâtiments, respektiv se nennen sech och Bureau de conseil en Design for all, wéi déi dat virgesinn.

An enger éischter Phas, déi vun 2019 bis 2022 gaangen ass, do hat de Gemengerot jo de 14. Dezember 2018 schonn e Budget vu 700.000.- € guttgeheescht. Mat dësem Budget konnte vun den 147 Zebrastreifen, déi mer aktuell zu Diddeleng hunn, der 60 konform gemaach ginn. Dovu waren iwwregens 35 Zebrastreifen an engem gréissere Reamenagementsprojet integréiert, dat sinn z.B. de Shared Space, d'Phasen 2 an 3, oder och an der Rue de la Brasserie, d'Rue Dr. Welter, d'Rue de l'Étang, ech hu just elo déi puer als Beispill genannt.



An dëser Phas bleiwen der dann nach 87 konform ze amenagéieren. Eng 13 vun deene Foussgängeriwergäng ginn dann an den nächste Joren, dat heescht vun 2023 bis 2025 a folgende gréisser Reamenagementsaarbechten och mat realiséiert. Dat wäre mol ënner anerem d'Route de Boudersberg an d'Rue Mont-Saint-Jean, d'Place Gymnich, d'Rue des Écoles, Rue de l'Indépendance, all Kéiers just fir der e puer opzezielen, fir datt Der gesitt, wat mat an deene gréissere Projekte scho realiséiert gëtt. An all déi aner, déi dann nach iwwreg bleiwen, déi pake mer dann no an no un.

Iwwregens gouf och an der Verkéierskommissioun vum 29. Juli 2021 schonn e Bilan gezu vun där éischter Phas an eng Rei Zebrastreife waren zu deem Zäitpunkt och schonns realiséiert, an d'Membere vun der Verkéierskommissioun konnten do och hir Remarken a Suggestiounen iwwer aner Foussgängeriwergäng maachen. Zum Beispill ass hei den Zebrastreif op Héicht 95, Route de Burange bäikomm an deen ass haut och realiséiert. Fir hei eeben den Awunner d'Méiglechkeet ze ginn, besser op de Bus ze kommen a se kee méi sou e groussen Ëmwee musse goen, fir sécher iwwert d'Strooss ze kommen. Sollten nach Froen zu den Zebrastreife sinn, da sinn eis Verrieder vun Travaux publics an awer och vum Service Circulation jo nach heibliwwer fir kënnen do-robber anzegoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia fir d'Presentatioun vun dësem Devis. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech wollt just eng Fro stellen. Dir hutt elo gesot, op deenen enge Plaze maache mer 3 cm, dat ass fir déi Leit, déi malvoyant sinn an déi 0,5 cm fir d'Rollstull. Mee wou decidéiere mer da wou mer wat maachen?

CLAUDE MARTINI (CSV): 2017/2018 hat ech ëfters hei banne gesot, dass déi Trottoiren hei zu Diddeleng net adaptéiert wäre fir eeler Leit a fir Kanner mat enger Kutsch an ech begrëssen et natierlech immens, datt mer dat do an deene leschte puer Joer an Ugrëff geholl hunn an dass dat elo geännert gëtt. Ech muss soen, dass mat de Kutschen, mat de Kanner, mat den Trottoiretten ass et och vill méi einfach, erop an erof ze kommen. Wann ee vill mat de Kanner ënnerwee ass, da mierkt een dat am Fong ëmsou méi. An ech wollt dem Mica a sengem Service an dem Pit a sengem Service do wierklech Merci soen. Op de Chantiere gëtt nämlech och elo plazeweis den Trottoir mat adaptéiert, well elo e provisoreshen Iwwergang gemeet gëtt, wou's de anstänneg kanns mat denge Kanner erop an erop trëppe-

len. Merci dofir. An ech wollt dat just hei eng Kéier kuerz bemierken. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech fügen deem dann nach de Vëlo bäi, well mam Vëlo kënnt een och besser erop, wann déi Trottoiren adaptéiert sinn. An ech hat an der Verkéierskommissioun och nach gefrot, fir déi Säitestroossen, déi an d'Lëtzebuergers-trooss eraginn, d'Rue de l'Abattoir zum Beispill, ob een do vläicht och kéint eng Kéier en Zebrastreife maache, an do war gesot ginn, dat géif ugefrot ginn. Ech wollt mol froen, wéi wäit dat ass? Merci.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, dat Meescht ass gesot ginn, ech brauch elo net nach laang alles hei ze widerhuelen. D'Claudia hat gesot, dass dee Sujet ënner Finanzen a Circulatioun fält. Fir mech fält en och ënner Sécherheet. Dat gouf lo méi wéi eng Kéier hei betount. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer déi zweet Phas ent-améieren, sou dass mer a ganz Diddeleng eise Bierger dës Sécherheetserweiderung, eise Matbierger, ënner anerem mat Behënnerung, kënne bidden. 600.000.- € fir dës zweet Phas héiert sech no vill un. Mir sollten awer widerhuelen, dass et fir 2023 bis 2025 virgesinn ass, ergo roundabout 200.000.- € pro Joer. Jiddefalls als LSAP droe mir dësen net onwichtige Budget mat. Wéi gesot, hei steet d'Sécherheet un éischter Stell. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech wëll just Merci soe fir d'Mercien un eis Servicer, déi sech effektiv ganz ganz vill Méi ginn hunn zënter mer dee Budget do 2018 gestëmmt hunn. Merci och un d'Verkéierskommissioun, déi eis deemools nach e puer Iddie mat op de Wee ginn huet. An ech mengen fir de Rescht ginn ech einfach dem Mica an dem Pit d'Wuert, da brauche mer eis net géigesäiteg ze widerhuelen.

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS): Gudde Moien a Merci fir d'Wuert. Also fir op déi éischt Fro zréckzekommen, wou decidéiert gëtt fir déi 3 cm an déi 0,5 cm ze amenagéieren. Dat ass ganz einfach, dat ass e Schéma de principe de vun der Ponts & Chaussées virginn ass an och vun ADAPTH. Dat heescht, do wou déi 0,5 cm fir de Rollstull amenagéiert gëtt, dat ass och do, wou déi Pododaktillen, déi Längsstraße parallel zu der Bordür sinn. Et ass e Champs d'arrêt, wou de Rollstull sech kann op déi Straße stellen an dann och eng gewësse Sécherheet, fir drop ze stoen. An do wou déi 3 cm bis zu 6 cm amenagéiert ginn, dat ass u sech do, wou dann déi Champs d'éveille sinn, dat sinn déi Pododaktillen mat deenen Noppen drop. An dann zum Schluss zu der Bordür kënnt dann nach eng Ligne de guidage, dat heescht, domadder gëss de guidéiert, wou's de muss iwwert d'Strooss goen. Dat ass schonn e Schéma de principe, dee wierklech dat doen am Detail virgëtt. Dee fënnt een och um Site vun ADAPTH. Voilà, dat ass scho sou virginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, dat hunn ech verstanen. Mee d'Fro ass, wou decidéiere mir op wéi engen Trottoir maache mer wat? Ass dann op all Trottoir, also op all Iwwergang déi zwou Saachen? Dat war d'Fro.

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS): Neen, do ginn et och déi Schémas exceptionnels, dat ass dann dass mer déi ganz Breet vum Zebrastreifen op 0,5 zéien. Dat ass meeschtens d'Amenagement. An eise Gemengestroossen ass et de Fall a bei Ponts & Chaussées-Stroossen, wou mer un enger Permission de voirie hänken, do si mer effektiv och op deem Schéma de principe wou Ponts & Chaussées och ugëtt. Dat heescht et kann een déi zwee Variante maachen, déi sinn och an deene Schéma de principe bei Ponts & Chaussées uginn, dat heescht e Cas-type standard mat deenen 3 bis 6 cm an op 0 erof. Oder de Cas exceptionnel ass dann iwwert déi ganz Breet op 0,5 cm rof.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, wéi maache mir et dann elo?

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS): Also an eise Gemengestroossen ass et meeschtens, dat hänkt och ëmmer vun der Situation existante of, ob mer Bordüren hunn déi existent sinn op 13 cm héich oder op 6 cm héich. Et hänkt ëmmer dovun of. Mee meeschtens an eise Gemengestroossen hu mer keng 13er Bordüren op der Voie publique, dat heescht, do maache mer alles op 0,5.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et war awer nach eng Fro gestallt ginn, dat wat se och an der Verkéierskommissioun gesot hate mat de Säitestroossen. Abattoir war dat, gell?

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS): Jo dat hu mer och gekuckt. Also do si mer ofhängeg vun enger Permission de voirie, well mer un eng National ugrenzen. Dat ass och an der Maach, a soubal mer déi hunn, kënne mer dat mat op de Programm huelen. Dat heescht mir schaffen awer ëmmer eis Prioritéiten aus, déi definéiert goufen an en cours de route, déi zousätzlech déi bäikommen, well et muss een all déi Demarchen am viraus maache mam Ministère. Soubal mer déi hu kënne mer déi och mat an de Programm huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen alleguerten d'Fro wäre beäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Devis estimatif, sou wéi en hei presentéiert an diskutéiert gouf averstanen?

Dat ass unanime.

Da soen ech lech villmools Merci. An ech soen dem Mica an dem Pit och Merci fir d'Presenz am Gemengerot.

4. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

4.1. Approbatioun vun der Proposition fir d'Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Particulier „Wolser“ presentéiert vum Architektbüro „WW+“ fir de Wirtschaftsministère

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech begréissen eis Gäscht vum Architektbüro WW+, den Här Luc Wagner an d'Madame Marie Bolzinger, vum Wirtschaftsministère den Här Yves Hoschet a vun eisem Service Architecture et Domaines, d'Eva Gottschalk an d'Cathy Mambourg. Um Ordre du jour hu mer d'Modifikatioun vum PAP Nouveau quartier Zone d'activité économique Wolser, dee mer an d'Prozedur geschéckt hunn an den Architektbüro WW+ fir de Wirtschaftsministère ausgeschafft huet an deen och haut presentéiert gëtt a virläit. De PAP Nouveau quartier war jo entretemps eise PAG, well säit ufanks Hierscht den neie PAG en vigueur ass an do virdru jo och d'Zone d'activité économique. An hei si mer jo an enger nationaler Industriezon, sou wéi de Plan sectoriel et och virgesäit, an hei ass natierlech och eng Parzell viséiert, déi à cheval ass tëschent Diddeleng a Beetebuerg vu 37,3 ha. Ech wëll lo als Intro nach e puer Remarque maachen an duerch déi ganz Prozedur goen. An da wäert jo sécherlech nach den Architektbüro respektiv de Wirtschaftsministère op e puer Punkten agoen.

Mir hunn déi heite Modifikatioun vum PAP an d'Prozedur geschéckt. Ech mengen initialement ass hei e Vott geholl ginn 2017 fir och hei zwou Entreprises d'Méiglechkeet ze ginn, sech kënnen unzesidelen. Dat war deemools FAGE an Arthur Welter. Ech mengen d'Episode FAGE, do huet jo jiddweree matkritt, wéi een Ausgang dass dat kritt huet, an Arthur Welter hu sech finalement net op där doter Plaz niddergelooss, mee um Eurohub Süden, also ganz um Territoire vun der Stad Diddeleng. Doropshin ass natierlech och deen heite PAP iwwerschafft ginn, a sou wéi een hei och ka rausliesen ass en och sou iwwerschafft ginn, dass mer engersäits eng Mise à jour vum PAP maachen, dass mer eis och e bësse méi Flexibilitéit gi fir déi Entreprises, déi sech do kënnen usidelen, an dofir och am Kader vun där Prozedur och eng Procédure alléegée maachen.

Hei sinn natierlech och déi néideg Prozeduren agehale ginn, wou mer dat un den Interieur geschéckt hunn, respektiv och den Aushang gemeet hunn. Et si keng Reklamatioun wat deen dote PAP ugeet rakomm. An och vum Inneministère koume weider keng Remarken. Ech menge wat wierklech hei wichteg ass, wa mer deen heite PAP haut hei diskutieren an och guttheeschen, dat ass, net méi spéit wéi gëschet gouf jo eng Diskussioun gefouert vun der Wichtigkeet vun der Wirtschaft, vum Wirtschaftsstanduert, respektiv Industriestanduert Lëtzebuerg a méi spezifesch hei Diddeleng. Mir wëssen dass d'Industriezone do entstanen sinn an den Enn 70er, Ufanks 80er als Äntwert zu der Stolindustriekris, déi mer hei haten. A mir sinn natierlech frou, wann ee weess, dass sech do international Entreprises usidelen. A wa mer dee PAP hei virhuelen, da wäert dat net anescht sinn. A mir sinn dann och frou, dass hei zu Diddeleng, nodeems am Kader vun enger Covid-Kris mat



alle Schwieeregkeeten, déi dat mat sech bréngt, respektiv och engem Ukrain-Krich mat der Energiekris, déi mer hunn, dass och am Kader vu Wirtschaftsmissionen awer och nach international Entreprises sech usidelen. Well een hei virop ka soen, an do wäert och nach de Verrieder vum Wirtschaftsministère nach kënnen drop agoen... Et war jo schonn an der Press, ech mengen et ass keen neie Moment, dass jo Vodafone sech op dësem Site wäert usidelen. Also mir lëften hei kee Geheimnis. De Wirtschaftsministère huet dorëm schonn eng Kommunikatioun gemaach, do wäert Vodafone sech usidelen mat 40 Aarbechtsplazen an e Logistikzenter hunn.

Engersäits also Industriepolitik awer och d'Diversification économique, déi hei héichgehele gëtt, well jo och d'Logistik e Wirtschaftszweig ass, dee säit iwwer 15 Joer hei zu Lëtzebuerg entwéckelt gëtt a wou Lëtzebuerg am internationale Verglach jo och zimmlech gutt do steet. Natierlech kann een och hei soen, vun 2017 un, wann ee kuckt, de Verlaf vun der ganzer Prozedur, dass natierlech och hei den Nohaltegkeetscheck systematesch gemeet gëtt wann nei Betriber sech usidelen an den nationalen Industriezone. Dat ass deementspreechend hei och net Aarbecht. Mee fir dass déi Industriepolitik konkret kann ëmgesat ginn ass et och hei un de Gemengen, hiert Bekenntnis ze ginn, ob se zur Industriepolitik an dem Industriestanduert Lëtzebuerg respektiv Diddeleng stinn. Dofir ass et jo och interessant ze wëssen, wéi déi verschidden Diskussiounen hei wäerte verlafen.

An éier ech elo d'Wuert weiderginn u WW+ fir duerch de PAP ze féieren, wollt ech soen, dass den Exercice, dee mir haut hei maachen, dee gouf och viru gutt zwou Wochen am Gemengerot zu Beetebuerg gemeet an du gouf de PAP hei unanime gestëmmt. Dat war déi Diskussioun, déi och do am Gemengerot gefouert gouf. Et ass den identesche PAP, dee mir hei stëmmen, dee gëtt och op Beetebuerger Säit gestëmmt, vu dass déi heite Parzell à cheval ass tëschent Beetebuerg an Diddeleng an tëschent Diddeleng a Beetebuerg. Dëst gesot, géif ech da gären de Verrieder vu WW+, der Madame Bolzinger d'Wuert ginn, déi dann hei duerch de PAP wäert féieren an och déi verschidden Ännerungen, déi mer hei am PAP virhuele wäert lech hei virstellen. Merci.

MARIE BOLZINGER (WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL): Merci pour l'introduction. Bonjour à tous. Je m'appelle Marie Bolzinger, je vais vous expliquer en une dizaine de slides rapidement juste les modifications concrètes qui ont été réalisées concernant ce projet, qui était un PAP existant. La particularité de ce projet, c'est donc qu'il est installé à cheval sur les deux

communes de Bettembourg et de Dudelange. Donc on a dû réaliser une réglementation commune pour les deux villes. C'était déjà fait dans le PAP à l'époque, et vous voyez sur les extraits des plans qu'on a mis ici en couleur orangée, que c'était effectivement pour de très grandes entreprises. Tout avait été pensé en fonction de ces entreprises bien spécifiques. Et donc la commande initiale du Ministère de l'Economie, c'était de dire on voudrait maintenant un projet beaucoup plus flexible pour permettre à un plus grand nombre d'entreprises et des entreprises de taille plus variée, petite, moyenne. Et aussi un plus large éventail de possibilités d'entreprises de se mettre sur ce terrain-là. Donc le projet a été repensé dans une logique d'implanter un maximum de flexibilité sur le terrain.

On a prévu quelque chose de beaucoup plus flexible. On a adapté 4 points principalement sur le dossier. C'était déjà cette flexibilité que je viens de décrire. Ensuite les PAG ont été mis à jour depuis 2019, depuis la réalisation du premier PAP. Donc il a fallu adapter certains détails aussi techniques, pour que ce soit conforme au nouveau PAG. On a également dû adapter certains points puisqu'il y a une phrase dans le PAG qui dit que tout ce qui n'est pas réglementé dans le PAP-NQ est à prendre en compte dans le PAP-QE. Donc on a du également bien analyser les quartiers existants des deux communes et ajouter quelques spécificités pour éviter qu'il y ait des articles trop contraignants qui s'appliquent. Donc ce travail-là a également été fait. Et on a aussi adapté le projet à certains nouveaux besoins, soit de la commune, soit du ministère. Voilà les quatre points principaux qui ont été adaptés. D'un point de vue technique il y a plein de petites choses qui ont été changées à gauche et à droite dans le projet. De manière générale, les plus grosses modifications on concerné déjà la transformation du terme „lot“ en „îlot“. Par exemple cette partie à Dudelange, c'était un lot unique où vous pouviez mettre une seule entreprise. Maintenant on a transformé ça en îlot, qui peut être sub-divisible en plusieurs lots qu'on ne définit pas de manière précise et qui pourront donc être adaptés selon les besoins des entreprises à venir. On a aussi supprimé le niveau de référence. On avait un niveau de référence, puisque c'était déjà une entreprise unique. Maintenant on a une autre manière de réglementer les hauteurs qui est basée sur la réglementation actuelle du PAG.

On a également adapté toutes les zones qui sont maintenant dans le nouveau PAG, qui n'étaient pas dans l'ancien. On a une zone urbanisation et éléments naturels qu'on a rajoutée dans le PAP. Une zone de bois coulee verte, ça c'était le cas de Bettembourg. On a ajouté différents éléments à titre indicatif, donc une conduite électrique aérienne, des habitats d'espèces protégées, article 17, article 21. Toutes ces nouvelles choses qui ont été intégrées dans le nouveau PAG ont également été repris dans le PAP dans un souci de conformité. On a également supprimé la zone Seveso puisqu'elle n'a plus lieu d'être maintenant. Ça c'était concernant la partie graphique. Il y a d'autres éléments également pour Bettembourg et, un point très important, c'est qu'on a adapté les coefficients d'utilisation du sol qui étaient différents à l'époque, puisqu'il n'y en avait pas. C'était uniquement un ratio volumétrique. Et dans les

nouveaux PAG on a des coefficients, qui sont à respecter, le COS, le CUS, un CSS et une densité de logement qu'on a appliqués dans ce PAP. Ça c'est aussi une modification majeure qui a été effectuée pour être conforme au nouveau PAG. Donc tous les tableaux que vous pourrez retrouver en bas de la partie graphique ont également été adaptés.

La partie écrite, en fait, les modifications réalisées, ça concerne les mêmes choses que je viens de vous expliquer sur la partie graphique. C'est simplement que ça se retrouve également dans les textes. Donc on a dû adapter tous les termes „lot“ en „îlot“. On a supprimé, ça c'est très important, la définition de la zone d'activité industrielle qui était précédemment décrite. Et on a simplement fait un renvoi vers le PAG en vigueur pour que si la définition vient à évoluer, on n'ait pas besoin d'effectuer de nouvelles modifications ponctuelles par la suite. Donc ça c'était aussi un élément très important. Donc également dans ces textes on a supprimé le ratio volumétrique remplacé par les coefficients du PAG. L'adaptation de la clé de stationnement. On a supprimé tout simplement celle de l'époque et on fait un renvoi également vers le nouveau PAG pour avoir une réglementation homogène sur toute la commune. On a adapté les marges de recul, certaines marges de recul, pour permettre justement d'implanter une entreprise sur plusieurs parcelles.

On a eu des discussions concernant les hauteurs des constructions spéciales. Pour toutes les constructions un peu spécifiques qu'il peut y avoir dans les zones industrielles, et on a précisé également le niveau de référence pour les hauteurs de construction. On a ajouté aussi un article qui n'existait pas concernant la deuxième ligne. Possibilité de construire en deuxième ligne parce que les îlots sont vraiment très grands, pour pouvoir vraiment optimiser l'utilisation des terrains. Et on a adapté aussi la hauteur des superstructures pour pouvoir permettre une cheminée un peu spécifique de s'implanter. Voilà. Des éléments comme ça avec aussi une réglementation qui a été également calquée sur celle du PAG en vigueur. Ce sont les points qui ont été faits. Un tout petit rappel de la procédure. A la fin de la procédure on a fait des procédures parallèles sur les deux communes avec un vote à Bettembourg qui a été fait au début du mois. Voilà, c'est tout ce que j'ai à dire.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) : Merci Madame Bolzinger. Vlächtt wellt nach de Vertrieder aus dem Wirtschaftsministerium eppes bäifügen, oder? OK. Villmools Merci fir déi doten Erklärungen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Jo 2017, dat war eng animéiert Diskussioun heibannen, well et jo och e bëssen de Credo war, och an der nationaler Press war et jo net nëmmen d'Diskussioun hei am Gemengerot, och allgemeng, wat déi Jugurtsfabrik ubelaangt, dat war jo e bëssen hin an hir gaangen. Et war jo och e bësse komesch dass, sou wäit ech mech nach kann erënneren, dass deen Terrain och enger Firma zougesprach ginn ass, an do ass lo d'Fro: Deen Terrain gouf jo deemools, wann ech mech net ieren, deemools u FAGE verkaaft an du huet et geheescht, de Staat, deen huet

dat lo rëm zrëckkaaft. Ass do lo eng Perte komm oder ass dat Null von Null geht auf? Dat ass vläicht och eng Fro, déi d'Leit dobaussen interesséiert. Wem gehéiert elo deen Terrain? Wéi war déi ganz Geschicht mam FAGE ausgaangen? Arthur Welter, déi wollte jo och dohi kommen. Dat war jo och e bëssen e Clinch, FAGE an Arthur Welter, wie kritt wat? Gott sei Dank ass do bei eis zu Diddeleng bliwwen. Do si mer ganz frou driwwer. Well dat ass e Service, wéi de Buergermeeschter gesot huet, d'Logistik ass bei eis zu Diddeleng e wichtegt Standbeen an do si mer awer ganz frou, dass déi bei eis zu Diddeleng bliwwen sinn.

Den Här Buergermeeschter huet gesot, Diddeleng ass en Industriestanduert an och ëmmer gewiescht, a mir halen dat och ganz gären dobäi. Eng Kris hate mer lo nach net erwänt. Den Här Buergermeeschter hat geschwat Ukrain-Kris, Covid-Kris, Liberty Steel hu mer nach guer net erwänt. Och en Thema wou mer musse kucke, vou mer nach net wëssen, wéi et an déi Richtung weidergeet. Dofir si mir als CSV och ganz frou, dass mer hei lo op de Wee ginn, dass mer hei déi Zon awer och erhalen wëllen als Industriestanduert an als Industriegebitt. Wat mir immens gutt gefall huet bei der Presentatioun, dat ass e „Maximum u Flexibilitéit“, dat ass en Terme, deen ech immens wichteg fannen. Well wéi Dir och gesot hutt, déi éischt Adaptatioun, déi war wierklech op déi Firma FAGE zougeschneidert ginn. A mir hu jo gesinn, wéi dat ausgaangen ass. Dat war jo wierklech „ein Griff ins Klo“ géifen déi Däitsch soen. Dofir ass et gutt, wa mer lo mol e bësse méi flexibel sinn an eis adaptéieren, jee nodeem wéi eng Entreprise kommen. Dir hutt elo zwee Nimm genannt. Dir hutt gesot, Vodafone déi kënnt heihinner, do kréie mer 40 Aarbechtspazen, ech muss soen, ech hat dat nach net matkritt. Mee lo wollt ech froen, wéi vill vun deene 37,3 Hektar besetzt da Vodafone? An dann hat Der gesot Logistikhub. Ech hat dat net verstanen Här Buergermeeschter. Ass dat am Kontext mat Vodafone? Ass do nach eng aner Firma déi do räkënt? Dat ass nach eng Detailfro. Also wéi gesot, mir si ganz frou dass déi Adaptatiounen kommen.

Meng Fro ass och elo, mir soe jo ëmmer mir brauchen och Plaz fir Kleng- a Mëttelbetriber hei niddereeloossen, well et sinn och Betriber, déi hei aus der Stad Diddeleng gewuess sinn, déi an der Stad Diddeleng gewuess sinn. Déi brauchen och iergendwéi eng Méiglechkeet fir hei zu Diddeleng ze bleiwen wa se wëllen. Mir hunn ëmmer gesot, mir monéieren, dass keng richteg Zon do ass fir Kleng- a Mëttelbetriber. Lo ass meng Fro: Vu dass dat hei lo eng Zone nationale ass, wéi sinn do d'Prozeduren? Kann een dat einfach mol soe fir den normale Public? Wann ee vläicht eng Autosgarage huet, an et wëll ee sech do an dat Gebitt néierloossen, wéi sinn do d'Méiglechkeeten? Geet dat alles iwwert de Staat oder wéi si mer awer limitéiert, dat heescht elo wat Kleng- a Mëttelbetriber ass, déi sech därfe do niddereeloossen? Kënnt Der vläicht just emol soen, wat ass méiglech a wat ass net méiglech? Wéi gesot, mir als CSV, mir begrëssen dat hei. Virun allem, well mer konform mat eise PAG sinn an, wéi Dir gesot hutt, dee Maximum de Flexibilitéit ass gutt. An dass mer den Terme Lot an Îlot geännert hunn, dass dee fortkomm ass an dass mer den Terrain subdiviséieren a plusieurs Loten, dat gëtt

eis eng gewësse Flexibilitéit an dat begrësse mer, an d'CSV kann dat hei matdroen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Merci natierlech och fir déi Presentatioun. Merci pour la présentation. Jo, et ware grouss Diskussiounen. 2017 war ech nach net am Gemengerot. Mee mir wëssen alleguerten, datt ursprénglech sollt de FAGE dohinner kommen. Dat ass eng Entreprise, déi net wierklech eise Virstellunge entsprécht, wat eng zukunftsfaeg Entreprise sollt sinn. Vläch net e positiven Ëmweltpakt, mee op jiddwer Fall keen negativen Ëmweltpakt sollt hunn. De Waasserverbrauch war hei katastrophal. An dofir muss ech soen, an deem Sënn si mir frou, datt de FAGE net heihinner kënnt. Dat wier e Schoss no hanner gewiescht. Engersäits fir dat Soziaalt, fir d'Liewensqualitéit hei zu Diddeleng an och ëmweltbewusst war et net onbedéngt. Fir dass mir eis net falsch verstinn, mir sinn net fir net international oder grouss Betriber heihinner ze kréien, mee et muss natierlech ëmmer duerch den Nohaltegkeetscheck gekuckt ginn, ob déi Betriber, déi sech hei usidelen, eng Plus-value fir eist Land a fir eis Stad hei wäerten hunn. An an deem Sënn muss een natierlech och déi richteg Jalone setzen. Ech mengen hei maache mer matenanner e wichteg Schratt an déi richteg Richtung. Mir begrëssen, also ech wëll d'Madame Kayser net widderhuelen, mee et ass effektiv dat selwecht. Mir begrëssen natierlech déi Flexibilitéit, déi mer duerch den neie PAP wäerte kréien. Et ass wierklech immens wichteg, datt mer de groussen Lot an Îlotten opdeelen.

A wat ech nach wollt betounen, ech fannen déi Aménagement accessoires, wann ech dat sou därfe soen, immens wichteg an immens gutt. Wéi zum Beispill d'Coulee verten. Well ech fannen hautdesdaags schwätze mer net nëmme méi just vun enger Zone économique, wou Industrie soll sinn, et soll een awer Liewensqualitéit, ëmweltbewusst, Ëmweltschutz mat consideréieren a vläch och soziaalt Liewen op sou Plazen fir d'Betriber. Déi Construction en deuxième ligne ass natierlech och super wat d'Optimisation vum Buedem ugeet. Mir hunn effektiv hei am Land net sou vill wéi mer eis wënsche sou Plazen a Zone fir kënnen Betriber op Lëtzebuerg unzelackelen. Et ass awer och wichteg, an do soen ech nach eng Kéier datt et gutt ass, datt mer wierklech déi kleng Morcellementer lo maachen, fir justement kënnen méi lokal a regional Betriber, déi vläch och lokal a regional hei hir Produkte produzéieren an och weiderverkafen. Well beim FAGE war et sou, do hate mir e groussen Waasserverbrauch an déi Produkte wiere meeschtens, also zum groussen Deel, Richtung Osten, fir elo keng Länner ze nennen, ausgefuert ginn. An dat ass natierlech net optimal.

Ech hat nach eng weider Fro. Dat ass wierklech lo net provokativ, mee et ass wierklech informativ. Mir schwätzen ëmmer méi vun eventuell Logementen op zou Zonungen ze kréien, sief et fir d'Aarbechter oder temporär. Wier dat méiglech duerch den neie PAP? Wéi gesitt dir dat? Dat ass vläch éischer eng Fro, déi un d'Ekonomie geet. Mee wéi gesot, et ass just informativ. An natierlech wäerte mer dëse Projet matdroen, well et hätt een dat net kënnen besser plangen a besser ofänneren. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, Merci fir d'Wuert. Bon, viles ass scho gesot ginn. Och mir fannen dat gutt, dass dat elo gereegelt gëtt an dass Flexibilitéit do ass, dass et ageedeelt gëtt. An dofir wäert ech mech dann och kuerz faassen. Ech schléisse mech Villem un, wat gesot ginn ass. Natierlech ass d'Wirtschaft an d'Industrie wichtig an ech wollt eebe grad och un de Projet FAGE erënneren. Et ass scho wichtig fir d'Leit a fir d'Land, dass mer der Wirtschaft an der Industrie, dass mer deene Plaz maachen. Trotzdem muss een awer ëmmer am Hannerkapp behalen, dass ee Récksiicht, sou wäit wéi méiglech op d'Ëmwelt an eis Ressourcen hält, wann ee kuckt wat sech alles implantéiert. Bon, do kënne mer eis iwwerrasche loosse. Vill ass jo lo nach net gewosst. Et ass elo Vodafone genannt. Ech weess net, ob nach elo aner Interëten do sinn, ob dat scho bekannt ass. An dann, vläicht hunn ech elo net gutt nogelauschtert, mee ech weess elo net wierklech, wien decidéiert, wann do Demandë kommen? Vu dass et eng national Zon ass, ass dat de Staat deen decidéiert? Huet eis Stad Diddeleng do e Matsproocherecht oder net? Do wollt ech wëssen, wéi wäit do wie wat do decidéiert.

Dann hunn ech just eng kleng Fro. Ech hunn do d'Kaart gekuckt, also d'Pläng, wat Beetebuerg a wat Diddeleng ass. Ech hunn dat komesch fonnt. Bon ech hu lo net genee den Uert virun Aen. Do ass ënne sou e klengen Dräieck, dee Beetebuerg ass um Wutz vum Diddelenger Eck. Also eigentlech op der entgéintgestallter Säit vu Beetebuerg. A wann et lo sou ass, dass national decidéiert gëtt, da weess ech net, wéi dat herno da ka praktesch ëmgesat ginn, dass da vläicht eppes op Diddelenger a Beetebuerger Terrain steet. Dat wollt ech einfach nëmmen als Verständnis froen. Ganz uewe riets gesäit een deen Diddelenger Eck do, dee Fënnefleck do oder sou, an do ass da sou ee Wutz drun, zumindest op deem Plang, dee mer geschéckt kritt hunn, ou ee klengen Dräieck, dee wär da Beetebuerg. Et ass einfach nëmmen eng Verständnisfro. Ech hunn dat e bësse komesch fonnt, wéi dat ausgesäit, a wéi dat dann herno ass, wann do decidéiert gëtt, wann do eppes op deenen zwee Terrainen ass. Einfach nëmmen eng Verständnisfro, wéi dat da leeft. Mee wann et national ass an national decidéiert gëtt, dann dierft dat jo kee Problem sinn. Voilà. Natierlech kënne mer dee Projet och matstëmmen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo ech wëll einfach nach eng kleng Stellungnam hei huele vun der LSAP aus, mee ech mengen et ass Viles gesot, an et freet mech och, datt mer awer heibannen enger Meenung si wat deen Dossier do ubelaangt. Jo mir kennen den Dossier säit 2017. Do ware mer mengen ech alleguer e bëssen entsat heibannen, wat dat fir e Projet war. Mee ech wëll awer och nach eng Kéier hei eis Felicitatiounen ginn un de Ministère, datt e sou schnell reagiert huet, datt en och mat där néideger Flexibilitéit do erugaangen ass, fir de Bedierfnesser vun eiser Gemeng oder deenen zwou Gemengen do entgéint ze kommen. An ech mengen och, wann dat lo opgemaach gëtt, et ass vill vun engem Maximum vu Flexibilitéit geschwat ginn. Wann dann hei lo am Raum steet, datt dat och fir mëttel a kleng Betriber ass, dat kënne mer nëmme begrëssen, well dat ass e

bëssen de Pilier vun eiser Ekonomie och an der Region, de Mëttelstand. Datt dat elo och méiglech ass, dat begreisse mer natierlech ausdrécklech. An dann och elo, et ass en Ufank gemaach. Mee 40 Aarbechtsplazen, dat ass och schon net näischt lo fir den Ufank an et kommen der jo dann nach no. An dat begreisse mer ausdrécklech. Dofir och nach eng Kéier Felicitatiounen, och vun der Säit vun der LSAP aus. Merci.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Just eng kleng Prezisionsfro: Déi Terraine, wou dann do lo déi eenzel Betriber sollen hikommen, déi bleiwe jo dann am Besëtz vum Staat? An et ass jo dann net méi, dass déi dann eenzel verkaaft ginn un déi eenzel Betriber? Dat ass vläicht och wichtig fir d'Leit dobaussen, an da gi mer villen Diskussiounen aus de Féiss. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just froen, ech hunn elo op deem ganze Projet néirens gesinn dass do Parkplaze virgesi si fir d'Leit, déi do schaffen. An ech wollt awer suggeréieren, dass een do vläicht och sollt probéieren, dass den ëffentlechen Transport kéint an déi Zon do rakommen. Mir hate jo do schon de Problem beim LNS, wou dee gebaut ginn ass, wou gesot ginn ass: Wéi kommen déi Leit lo do op Beetebuerg, respektiv op Diddeleng, wou se déi éischt Ubannung un den ëffentlechen Transport kréien? Mëttlerweil fiert jo lo do de 631, deen dee ka se an déi zwou Richtunge mathuelen. An dann hat ech gemengt wëllen ze suggeréieren, dass et vläicht och gutt wier, direkt eng Buslinn virzegesinn, déi d'Leit dann an déi Zon Wolser eran- an aus där Zon erausféiere kann. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci. Da géife mer hei d'Stellungnamen ofschléissen an da géif ech d'Wuert hei zeréckginn, deelweis u WW+, un de Wirtschaftsministère, respektiv un eise Service, fir déi méi technesch Punkten. An da géif ech och nach op een anere Punkt iwwergoen. WW+ fir d'éischt? Wirtschaftsministère fir d'éischt? Wie fillt sech beruff?

LUC WAGNER (WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÄRL): Also mir kënne vläicht ufänken, ech mengen et sinn nëmmen zwou Froen, déi eis betreffen. Also dat wat de Parking ugeet, déi sinn elo natierlech net agezeechent, mee dat geet natierlech nom Stellplatzschlüssel vum PAG, dee mer geholl hunn. An deen Ament wou de Projet konkret ass a wou d'Baugeneemegung gestallt ginn, da mussen och d'Parkplazen deementspreechend ausgewise ginn. Dat anert ass, dass eng permanent Piste cyclable um Site mat agezeechent ass, déi duerno och soll dohinner kommen. Et ass awer elo kee weideren Arrêt de Bus do op deem dote Site selwer ausgewisen. Wou elo genau den Arrêt de Bus am Virfeld ass, dat kann ech elo net beäntweren. Ech mengen dat waren déi zwou Froen, déi eis elo beträff hunn.

YVES HOSCHET (WIRTSCHAFTSMINISTÈRE): Moien, ech kann do vläicht direkt dobäi soen, wat elo allgemeng d'Mobilitéit ugeet, do gëtt et eng Etüd mat Schroeder et Associés zesummen, déi elo ugelaft ass. An do gëtt natierlech dat Ganzt analyséiert, wéi de Verkéier sech entwéckelt, wéi et ass, wéi de Verkéier sech entwéckelt en fonctioun wéi dann de ganze Site, wann e beluecht

eng Kéier wier. Allgemeng muss ech awer soen dass mir an eisen Zonen an déi Richtung ginn, dass mer Parkhaiser bauen. Vu que dass d'Terraine begrenzt sinn, wëlle mer och net méi onbedéngt Parkplazen op den Terrainen, wou d'Firmae hiert Gebai baut. Dass mer dat dann eebe wëlle bündelen an doduerch Parkhaiser bauen. Ech kann e Beispill ginn: Robert Steichen zu Käerjeng, do si mer am Gaang ze plangen an zu Blissen, do gëtt dat elo gebaut, do fänke mer elo an zwee Méint u mat Bauen. Wat déi vill Froen ugeet. Ech fänken nach eng Kéier ganz vir un, dat ass bei FAGE mam Terrain. Deen Terrain ass verkaaft ginn, effektiv. An ech hunn deemools nach net beim Wirtschaftsministère geschafft, mee de Staat huet et erëm zrëckkaaft fir dee selwechte Präis, wou en e verkaaft huet. Dat ass awer zimmlech sécher.

Vun Arthur Welter weess ech och elo net vill. Ech weess, dass do laang ronderëm geschwat gi war an du hu mer eppes fonnt fir den Eurohub. Ech mengen do si se och besser, vu que dass dat jo och méi axéiert ass op hir Aktivitéit. Mat Vodafone, do hat Der gefrot, wéi vill Terrain déi anhuelen. Dat si ronn 3 Hektar vun deem Ganzen. Dann nach d'Prozeduren, wéi een iwwerhaapt kann eran an déi Zon kommen. An ech mengen dat iwwerschneit sech och deelweis mat der Fro, wie sinn d'Decideuren, wie kënnst an déi Zon? Also ech sinn elo keen Decideur, mee ech weess awer, dass dat de Ministère ass. Dat heescht, déi Firma melle sech beim Ministère oder de Kontakt, wéi och ëmmer en opkënnst, an da gëtt natierlech gekuckt, si si eligibel fir an déi Zon? Déi Zon do sollt hei natierlech eng industriell Aktivitéit sinn oder eng Logistikaktivitéit. An deementspreechend gëtt gekuckt, wat brénge se? Wat brénge se vun Aarbechtspulzen? Wéi vill Plaz brauche se? A wat och ëmmer méi gekuckt gëtt: Wat produzéiere se? D'Nohaltegkeet gëtt gekuckt. An da gëtt et e Comité am Ministère oder beim Staat soen ech mol éischter, well do e puer Ministèren dra sinn, an deen hëlt dann eng Decisioun, ob een dann eligibel ass oder net.

D'Verbindungen zu der Gemeng. Trotzdeem, d'Gemeng huet ëmmer eppes do mat ze soen, a wann et nëmme ganz zum Schluss ass, fir eng Baugeneemegung ze kréien. Ech mengen do sinn d'Gemenge sécher mat dran. An dann och vläicht zu där Fro, wou gesot ginn ass: Jo, wat ass dann, wa mer op déi zwee Terraine bauen? Da sinn déi zwou Gemenge mat dran. Ech hunn de Fall lo zu Esch a Suessem. Do ass eng Baugeneemegung op Esch gaangen, et ass eng Baugeneemegung u Suessem gaangen, an déi zwee mussen dann do eng Äntwert ginn. Da geet et héchstens munchmol drëm, wie kritt d'Adress a wéi geet dat mat de Steieren? An do musse sech d'Gemengen awer ënnert sech eens ginn. Do ass de Staat net dobäi. Mat de Logementer um Zoning, dat ass bei eis elo allgemeng keng Questioon, also keng Fro, dass mir do wëllte Logementer zouloossen. Et kënn Logementer virgesi ginn, Logements de service, an deene verschiddenen Industrien, awer dat limitéiert sech dorop. Dat heescht, de Ministère huet lo keen Interêt fir do lo Logementer ze setzen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wollt just soen, datt sou Diskussiounen gefouert ginn a mir wollte wëssen, wéi de Ministère dat am Moment gesäit?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech géif awer vläicht dem Verrieder vum Ministère hei d'Méiglechkeet ginn, op alleguer déi Froen, déi virdru gestallt gi sinn ze äntweren, éier mer nach eng Kéier opmaache fir nach aner Stellungnamen.

YVES HOSCHET (WIRTSCHAFTSMINISTÈRE): Ech sinn elo duerch am Fong geholl mat deene Punkten, vu que datt ech der verschiddener zesummegeesat hunn. Ech hoffen, ech hunn drop geäntwert, a wann ech net drop geäntwert hunn, da stellt gären nach eng Kéier d'Fro oder ech gi gäre Prezisiounen.

EVA GOTTSCHALK (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Jo, ech wollt just nach eng Kéier preziséieren zu deene Logementer an der Industriezon. Am Kader vun der CIPU wou mir och mat dra sinn, do wäerte mir dëst Joer och iwwer Funktiounsmischunge schwätzen an do ass dat dann och quasi en theoretesche Sujet, dee mer do e bëssen abordéieren, well mer jo och am PDAT doriwwer geschwat hunn. Just als kleng Prezisioun.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Lo ass mir just eng Saach net kloer: Ech war lo hei der virgefaasster Meinung, dat hei ass eng national Industriezon a Betreiber, déi dohinner därefer kommen, déi froen natierlech beim Ministère un. Mee ech hat ëmmer gemengt, dat wieren nëmme auslännesch Betreiber, déi am Kader vu Wirtschaftsmissiounen am Ausland géife kontaktéiert ginn oder en Accord kréien. Elo ass awer hei net kloer, däreferen dann och lëtzebuergesch Betreiber, respektiv Diddelenger Betreiber eng Demande maache fir dohinner ze kommen oder ass et selektiv auslännesch? A wéi leeft dat dann? Déi Terrainen, ginn déi hinnen dann erëm verkaaft? Oder bleift dat ëmmer dem Staat säin Terrain?

YVES HOSCHET (WIRTSCHAFTSMINISTÈRE): Also fir d'Terrainen ass ganz kloer, dat bleift am Besëtz vum Staat. Dat wat mat FAGE geschitt ass, dat ass eebe geschitt an dat ass ganz séier gaangen. Mee et ass awer ganz kloer, dass de Staat keng Terraine méi verkeeft. Ganz kloer: Et gëtt en Droit de superficie. En général op 30 Joer, deen da verlängerbar ass, awer de Staat bleift Proprietär vun den Terrainen. Dat ass eng schwierig Fro, wou ech lo net honnertprozenteg wäert kënnen beäntweren. Also u sech ass et fir all Industrie oder fir all Betrib oppen, fir an eng Industriezon ze kommen, eng national Industriezon. Dat hänkt dovun of, wat e mécht, wat e produzéiert. Mee et ass scho richtig, dass an deene Wirtschaftsmissiounen, wou da gekuckt gëtt fir auslännesch Investoren op Lëtzebuerg ze kréien, dass déi Prioritéit hunn. Dat ass ganz kloer: Wéi gesot, et kann een ëmmer en Untrag stellen an et gëtt e Comité an deen decidéiert dann, ob dee Projet eligibel ass oder net fir an eng national Zon. Well et gi jo och nach déi regional Zonen, a vläicht gëtt en dann iwwerwisen. An de regionalen Zonen huet jo de Ministère och e Wuert mat ze schwätzen, op d'mannst fir en Avis kënnen ze ginn. A meeschtens geet et dann an déi Richtung.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNKI): Ech hu just nach eng kleng Verständnisfro wann et ëm d'Decisioun geet, wie sech implantéiert. Dat hunn ech verstanen, et ass de Wirtschaftsministère, deen dat decidéiert. Dee seet, et ass ëmmer nach d'Gemeng, déi d'Baugeneemegung gëtt. Mee et ass jo awer esou, d'Baugeneemegung, do geet et wierklech ëm d'Baugeneemegung, wat gebaut gëtt. Dat heescht, ass et wierklech sou, dass d'Gemeng eigentlech keen Afloss kann drop huelen, wat sech do implantéiert? Ech wollt dat just nach eng Kéier nofro wannechgelift, Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, et ass mer net ganz kloer. Mir hu lo gesot gehat, dat sinn industriell Betriber oder Logistikbetriber. D'Fro: Wat mécht Vodafone? Vodafone, dat ass jo awer Kommunikatioun. An do ass dann awer d'Fro, bei Koibestraachen, do hu mer jo eng Zone spéciale des technologies de communication. Wären déi dann net besser do? Also dofir just d'Fro: Firwat sinn déi lo do? Wat maachen déi do genau? Fragezeichen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt mol einfach froen, ech profitéieren dann elo, dass den Här vum Wirtschaftsministère hei ass: Wann d'Gemeng elo géif d'Ufro maache fir deen een oder aner Îlot als kommunal Aktivitéitszon ëmklasséieren ze loossen, wier dat theoretesch méiglech?

YVES HOSCHET (WIRTSCHAFTSMINISTÈRE): Ech fänke mat der leschter Fro un. Also fir se ëmzeklasséieren an ECO C1 oder C2, do steet de Plan sectoriel driwwer. Also de PAG steet ëmmer drënner. Dat heescht, do gëtt dat decidéiert, an an deem heite Fall ass dat eebe ganz kloer national Zon.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ech géif vläicht op e puer Punkten agoen. Ech géif vläicht do ufänken, wou den Här Hoschet opgehale huet. Ech mengen Dir kënnt lech jo gutt erënneren, well et war jo och um Ordre du jour hei vun engem Gemeengerot, de Plan sectoriel an de Plan sectoriel Zone d'activités économiques national, wou hei beschwat goufen, mee awer och regional, wou hei beschwat goufen, wou mer och hei dat festgehalten hunn a wou natierlech och Nidderschrëft fonnt huet an eisem neie PAG. Ech mengen dat sinn am Fong d'Leitplanken, an deene mer eis hei beweegen. A wann natierlech national Industriezonen deementspriedend ausgewise ginn, dann ass et fir Industriebetriber unzehuelen. Soss géif jo am Fong déi iwwergeuerdent Approche vun engem Plan sectoriel, déi herno Nidderschrëft huet am PAG, kee Sënn maachen. Dat si jo d'Orientatiounen, déi ee sech gëtt. An un déi sech engersäits de Wirtschaftsministère a mengeweegen am Kader vu Wirtschaftsreesen och kuckt.

Wirtschaftspolitik, dat fënnt par essence an engem internationale Kontext statt. Wann ee schonn nëmme kuckt um Niveau vu Matières premières, déi kommen, dofir och déi Remark komm ass, respektiv déi Fro, et si ganz oft international Betriber, déi sech dann och an den nationalen Industriezonen niddersiddelen, well Industriepolitik ganz oft en internationale Charakter huet. A wann et nach Lëtzebuurger Industrie, klassesch Lëtzebuurger Industriebetriber gëtt, där gëtt et der nach,

awer net méi sou vill. Ech mengen d'Wéi vun engem Industriebetrieb ass hei zu Diddeleng gewiescht wann een iwwert 100 Joer zrëckkuckt. Mee ech mengen et ass net ausgeschloss, wann e klassesche Lëtzebuurger Industriebetrieb sech hei wéilt usidelen, an den nationalen Zonen tëschent Diddeleng a Beetebuerg, dass en dat ka maachen. Mee eng Autosgarage, eng Autosfilial, dat ass net de Fall.

An dofir ass et jo sou, dass am Plan sectoriel wéi och am PAG ganz kloer drageschriwwen ass, wéi insgesamt jo och am PAG drasteet en fonction vun de Zonen, déi mer definéieren, wat ass méiglech a wat ass net méiglech? Dat ass jo d'Essenz vun der Ausrichtung vum PAG, wou ee sech Kader gëtt vu Méiglechkeet awer deementspriedend och vu Restriktiounen. Et ass natierlech sou, wéi d'Madame Erpelding och gefrot hat. Natierlech, wann de Wirtschaftsministère am Kader vu senger Missiounen an engem internationale Kontext seet, mir hunn hei zu Lëtzebuerg, leider ginn et jo net méi sou vill international Zonen, déi ausgewise sinn, mee bei deenen, déi ausgewise sinn, kuckt, dass Plazen do sinn, a wann dat dann och Diddeleng betrëfft, dass dann och an deem Kontext de Ministère mat der Gemeng a Kontakt trëtt an och do am Virfeld eng Diskussioun ass. Et net, dass mir hei de fäerdeggen Dossier kréien an dann eng Baugeneemegung ausstellen. Do gi schonn am Virfeld eng ganz Rei Diskussiounen virgeholl an och wann d'Gemeng e puer Ännerungsvirschléi, déi och mat op de Wee geholl ginn am Kader vum PAG, an deem mer eis deementspriedend beweegen.

An och déi Fro, wa z. B. sou e Projet à cheval ass, den Interêt, dee mer engersäits hunn, e gemeinsame PAP an d'Prozedur ze schécken, déi zwou Gemengen. Se hu jo un deem selwechte Projet geschaaft, da wäerten och déi zwou Gemengen déi selwecht Baugeneemegung ausstellen. Ech mengen dat ass e bëssen d'Suite logique vun där Diskussioun, déi mer hei wäerten hunn, déi wäert herno weidergefuert gi bis zum Schluss, wou d'Baugeneemegung och kann deementspriedend ausgestallt ginn. Et ass jo ee Moment ugeschwat ginn. Och iwwergeuerdent, kann een an Industriezone wunnen? Am Kader vum PAG hu mer e Logement de service virgesinn, wann eng Kéier e Portier do wier. Mee ech weess, dass et eng ganz Rei Lobbyinitiativen hei am Land ginn an ech si sécherlech net hire Porte-parole, déi och gären hätten, dass een e klassesche Wunnengsbau an Industriesitte maache kann. Ech weess, dass reegelméisseg doriwwer diskutéiert gëtt. Dat geet jo deelweis zimmlech wäit, dass déi selwecht Lobby-Interessengruppe dann och wëllen, dass do da wou se schaffen, dass och kënnen hir Mataarbechter um selwechte Site wunnen. Et geet also ganz wäit, ech si lo net onbedéngt elo hire Befürworter hei, mee ech weess, dass et sou Initiativen ginn an dass och déi beschwat ginn an dass et och do un der Politik national ass, fir Léisungen ze fannen oder och keng Léisungen ze fannen an beim Bestand deementspriedend ze bleiwen.

Déi Fro wat Vodafone ugeet. Ech mengen dat geet an d'Richtung vun der Logistik. All gréissere Betrieb dee produzéiert, mécht och Logistik, an ech mengen et ass jo ausgewisen hei dass och Logistik sech kann usidelen, an dofir wäerten déi dat dann deementspriedend och

hei maachen. Par rapport nach zu engem Punkt dee beschwat gouf, vum ëffentlechen Transport. Ech mengen Dir wësst dass an den nationalen Industriezone Wolser war, respektiv Riedgen war, mee de Moment ass jo iwwergeuerdent Wolser, eng Saach vun der Identifikatioun. Dat gouf jo och festgehalen zesumme mat deenen zwou Gemengen, mam Wirtschaftsministère a mam Transportministère. Eebe grad fir dass d'Fournisseure sou einfach wéi méiglech och déi Sitte fannen. Mee generell, wat den ëffentlechen Transport ugeet, do ass et jo sou, dass de Wirtschaftsministère an den Transportministère zesummen RGTR-Linnen agesat hunn an deenen zwou Industriezonen, dat läit an der Hand vun deenen zwee Ministèren oder respektiv virun allem dem Transportministère, mat allen Diskussiounen, déi och viru Wochen opkomm sinn ronderëm den ëffentlechen Transport an den Industriezonen. Well et dierf ee jo och net vergiessen, dass awer an Industriezonen och op Schichte geschafft gëtt. Dat ass awer e bëssen eng aner Realitéit wéi déi klassesch oder nëmmen eng Bürorealitéit mat den Auerzäiten. Ech mengen dat ass e bëssen eng aner Situatioun. Mee mengen ech déi Sitte sollte weider oder méi desservéiert ginn, läit dat virun allem an der Hand vun dem Transportministère, well dann och do RGTR-Linne wäerte kënnen fieren.

Ofschléissend wat ech wollt soen, wat ech e bësse schued fonnt hunn an där ganzer Diskussioun, well mer hu jo kuerz iwwer FAGE geschwat, et war ni e richteg Clinch tëschent Arthur Welter a FAGE. Arthur Welter, déi sinn e bëssen Affer vun der ganzer Diskussioun vu FAGE. Et ass ganz wéineg vun Arthur Welter geschwat gi mat der Usidelung vu FAGE. An Arthur Welter war awer mengen ech e Lëtzebuerger Traditionsbetrieb ass, an dass déi sech konnten um Eurohub Süden usidelen a och weider déi Aktivitéiten am Logistikberäich nach entwecke konnten, an do si mer och frou, dass se weider um Territoire vun der Stad Diddeleng sech konnten usidelen. Voilà. Dat nach e bëssen zu de Konstellatiounen, déi ech hei nach wollt an d'Diskussioun erageheien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mat der Modifikatioun vum PAP averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci an och de Verrieder vum Architektbüro WW+ an och vum Wirtschaftsministère Merci fir hir Presenz an och fir hir Erklärungen.

4.2. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Mise en oeuvre vum Pacte Logement 2.0

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op deen nächste Punkt iwwerginn. Do begrëssen ech eisen nächsten externen Intervenant, de Lex Faber vum Bureau Zeyen+Baumann. Hei geet et ëm d'Convention de Mise en oeuvre vum Pacte Logement 2.0. Dir kënnt lech erënneren, dass mer jo den 12. November 2021 jo d'Convention initiale hei beschwat hunn hei am Gemengerot. Dass mer eng Verlängerung ugefrot hunn dat Joer duerno, den 11. November 2022, wou mer dat jo och hei am Gemengerot virleien haten. Et ass jo och sou, dass den Här Faber zréckbehale gouf als eise Conseiller Logement fir

eis souwuel technesch wéi och administrativ ze assistéieren am Kader vu der Ausschaffung vum Pacte Logement, respektiv vum PAL an och vun de Konventiounen. Mir hate jo och an deem Kontext Informatiounsreuniounen, déi mer hei organiséiert hu fir de Public. An den 11. November 2022 hu mer jo iwwert de Plan d'action Logement ausféierlech hei geschwat. E gouf presentéiert. Dofir ginn ech hei net méi op deen an, well mer dee jo dee Moment hei hate virun e puer Méint. An d'Suite logique dovunner ass eeben de PAL an de Ministère ze schécke fir dropshin och d'Convention de Mise en oeuvre kënnen ze kréien, déi mer och elo hei virleien hunn an op déi ech dann och wéilt agoen an der Convention de Mise en oeuvre. Wéi gesot, do ass nach e bëssen den Historique, dass mer den 11. Oktober d'Convention initiale ausgeschafft hunn. Dass mer dat natierlech an dem Logiciel vum SIGI och wäerten alles aspeise loosse, wat dat betrëfft. Dass natierlech och de PAL vum Logementsministère aviséiert gouf an natierlech hei an der Convention de mise en oeuvre, wou mer natierlech hei begleet ginn. Dass déi Convention de mise en oeuvre och bis den 31. Mäerz 2032 leeft. Dass mer all Joers dann och e Bilan hei solle presentéieren.

An dass mer natierlech och eng finanziell Participatioun vum Staat kréie fir de Conseiller Logement. Dat sinn 380 Stonnen fir e Montant vun 42.000.- €. Do kënnen nach 120 Stonnen dobäikommen. An natierlech verpflichtet och de Staat sech an där doter Diskussioun, jo och d'Gemengen ze ënnerstëtzen am Kader vum Plan d'action Logement, wou mer jo 13 Handlungsfelder, wéi mer jo am November beschwat hunn, och presentéiert hunn, an och déi prioritär Aktiounen fir 2023 definéiert hunn. Dass mer eng Etüd maachen iwwert de Besoin vun de Wunnengen, wat d'Qualitéit an och d'Typen ugeet. Dass mer eng Analys vum Potenzial maachen, court a moyen terme. Dat si jo och Aarbechten, déi mer mam LISER zesumme maachen. Gemengeprojeten a privat Projeten. Dass mer natierlech och d'Analys vun eise PAP maachen. Dass mer och den Artikel 29bis natierlech spille loosse am Kader vum PAP Nouveau Quartier, sou wéi dat och virgesinn ass. An dass mer fir d'Gemengewunnengen natierlech och en eenheetleche Cahier de charge wäerten opstellen. Dass mer do och eng Harmonisatioun maachen. An dass mer natierlech och eis eng Strategie ginn a punkto Kommunikatioun ronderëm de Logement abordable. Ech mengen alles dat sinn déi Punkten, wou mer jo och scho beschwat hunn, wou mer 2023 wéilt ugoen.

A wéi Der och an deem Dokument wat jo och dem Gemengerot dobäi geluecht gouf, en Dokument vu 40 Säiten, wou mer am November beschwat hu wéi gesot, wou elo d'Suite logique ass hei vun der Convention de mise en oeuvre. Wou de Staat sech dann och verpflichtet, deelweis zu 50% eng finanziell Dotatioun ze gi fir d'Acquisition d'Immeubles an d'Projets d'équipement publics. 50% wat effektiv de Volet vun der Liewensqualitéit an der Rénovation urbaine ugeet a 25%, wat de Volet ronderëm d'Ressources humaines, d'Kommunikatioun an och d'sozial Kohesioun ugeet. Ech mengen dat sinn déi 3 Punkten, déi och hei an dëser Convention de mise en oeuvre definéiert goufen.

An ech géif awer d'Wuert nach eng Kéier kuerz weiderginn un de Lex Faber, deen eis vläicht nach deen een oder aneren Detail ka soen am Kader vun der Mise en oeuvre. Merci.

LEX FABER (ZEYEN+BAUMANN): Gudde Moien och vu menger Säit. Merci dass mer haut kënnen hei sinn an dass mer dat haut um Ordre du jour hunn. De Buergermeeschter huet elo am Prinzip bal alles gesot, wat ech och kéint soen. Vlächcht just nach eng Kéier e Resumé vu menger Säit. Wéi mer deemools, also virun e puer Méint, de PAL gestëmmt hunn, hat d'Madame Kayser gesot, dat wär eng grouss To-do-Lëscht. Mir haten dat als Wonschlëscht presentéiert, an Dir hutt gesot, et wär am Fong eng To-do-Lëscht. An et ass am Fong deen Usaz, dee mer hei wëlle verfolge, fir déi Abberzuel vun där Wonschlëscht op eppes erofzebriechen, wat mer kënnen dëst an d'nächst Joer konkret ugoen. An dat sinn haaptsächlech an enger éischter Phas kuerzfristig alles en place ze setzen, wat gebraucht gëtt, fir den Artikel 29bis ëmzesetzen. Dat sinn eng ganz Rei vun administrative Saachen, wéi Cahier de charges a Konventiounen. Mee ech mengen dat ass dann eng Aarbecht, déi mer dëst Joer zesumme mat der Ekip vum der Gemeng maachen, déi da wäert awer fir déi nächst Jore ganz wäertvoll sinn.

An ee Punkt, deen awer vlächcht och wichteg ass ze erwähnen, wou mer zesumme mam Dorothée Conter am Gaang sinn eng Kommunikatiounsstrategie opzestellen, dat wäert dann och iwwert de Pacte logement finanziert gi fir am Fong ronderëm dat ganz Thema vum abordable Wunraum, engersäits fir déi Leit, déi eng Wunneng sichen, fir déi op déi richteg Plaz ze schécken, anersäits fir déi Projekte vun der Gemeng oder déi an der Gemeng realiséiert ginn och gutt ze presentéieren an de Leit och do ze erméiglechen, e Suivi zu deene Projekten ze kréien. An och virun allem d'Offer vun der Gestion locative sociale, respektiv d'Roll vun deene Privaten och kënnen ervirzehiewen. An do wäerte mer lo an deenen nächste Méint och eng nei Offer, eng Kommunikatiounsoffer kënnen schafen, an dat wäert dann och denken ech ee vun deenen éischten, méi visibele Schrëtt sinn, dee mer an dësem Kader kënnen goen. Voilà, fir de Rescht mengen ech war lo alles gesot, a wann do nach Froe sinn, da ginn ech do gären nach drop an.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Här Faber. Remarken, Froen zu der Konventioun?

THESSY ERPELDING (DÉI GRÉNG): Ech hunn net direkt eng Fro zu der Konventioun. Ech hu just eng allgemeng Fro zu Logement, an déi riicht sech un de Schäfferot. Ech wollt froen, ob et méiglech ass, dass mir als Gemengeconseillere eng Kéier eng detailléiert aktuell Lëscht kréie vun de Wunnengen, déi de Moment der Gemeng gehéieren? Mir hate vum Här Manderscheid am Gemengerot am Kader vum Budget Zuel gesot kritt. An ee Moment hat ech déi net am Kapp, déi am PAL stinn. An deen hunn ech elo awer nach eng Kéier ganz duerchstudéiert, an dat sinn net déi selwecht Zuelen. Einfach just dass mer en Connaissance de cause sinn, wou mer dru sinn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Et ass effektiv schonn alles gesot ginn, sief et vun lech oder vum Här Faber. Mir sinn natierlech frou, datt mer iwwerhaapt déi Konventioun ënnerschriwwen hunn, et ass eng Suite logique wéi Dir gesot hutt fir eng konkret Mise en oeuvre ab elo.

Ech wollt awer just eng Stellungnam maachen a soen, mir sinn effektiv eng attraktiv Stad, wou vill Leit wunne kommen a mir dierfen eis jonk Leit net vergiessen. An awer ginn et nei Tendenzen, wat d'Wunnengen ugeet, wat d'Demande ugeet. A mir dierfen an deem Sënn déi alternativ Wunnformen net vergiessen, sief et Wunnengemeinschaften, sief et déi faméis Tiny Haiser, sief et Wunnskooperativen oder nach intergenerationell Wunnengen. Dat gesot wäerte mer natierlech dat Gantz och matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Dat stéisst op oppen Oueren. Soss nach Remarken?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Just nach ee Saz. Ech wollt lo just do anhaken. Ech wollt just soen, do rennt Der oppen Dieren an. Ech mengen dat wësst Der, an dat hu mir eis och alles virgeholl. Dat hei ënnersträicht just, wat mer hei virun eis leien hunn, datt dës Majoritéit kloer Objektiv huet wat de Logement abordabel ubelaangt an och iwwerhaapt de Logement hei an eiser Gemeng. Op alle Fall kann ech just och vun der LSAP aus hei soen, datt mir dat natierlech voll ënnerstëtzen, well Logement fir eis eng Prioritéit ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann iwwert dës Konventioun ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci. Och dem Här Faber Merci fir säi kuerzen Asaz.

An der Madame Erpelding wollt ech soen, ech mengen dass dat absolut kee Problem ass, lech dat do kënnen zur Verfügung ze stellen. Well dat komplett Bild jo engersäits déi Gemengewunnengen, déi am Kader vun der Gestion locative sociale geréiert ginn. Et sinn awer och déi klassesch Gestion locative sociale, wou jo déi privat Proprietären, bon, dat leeft jo net ënnert dem Siigel Gemeng, mee dat ass jo den Office social, deen déi Konventioun huet mat dem Logementsministère, an da si jo déi klassesch Wunnengen, déi iwwert de Service Logement verwalt ginn. Déi Opschlësselung, déi kënnen mer ganz gären dem Gemengerot zoukomme loossen. Kee Problem, ganz gären.

3. GEMENGEFINANZEN (SUITE)

3.2. Modifikatioun vun der Indemnitéit fir d'Membere vum Service Médiation

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Voilà, da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn, da komme mer erëm bei d'Gemegefinanzen. Dat ass dann de Service de Médiation, wou mer eng Modifikatioun maache vun den Indemnitéiten. Et ass jo sou, dass mir hinne säit 2018 eng Indemnitéit gi vu 60.- € d'Stonn an och eng Indemnitéit kilométrique. An elo ass et sou, do sinn d'Mediateuren un eis eruge-truede fir ze froen, ob mir hiren Tarif kënnen erhéijen. Déi selwecht Mediateuren, déi och hei zu Diddeleng tät-teg sinn, et sinn eng hallef Dosen, déi sinn och zäit-gläich zu Déifferdeng an och zu Schëffleng tät-teg. Dofir hu mer eis och ënnert deenen dräi Gemeindegeconcer-téiert a proposéieren 80.- € ab dem 1. Januar 2023. Do muss ech soen, dass vun de Mediateuren hir initial Demande 100.- € waren, mee dass mer eis als dräi Gemeengen alignéiert hunn. D'Gemeengen Déifferdeng a Schëffleng haten et schonn an hirem Gemeengerot bei 80.- € d'Stonn, sou dass mir hei am Fong da géifen nozéien. Mee et war eis op alle Fall wichteg, eis dräi Gemeengen och deementspriedend ze concertéieren, fir eis och unzeleenen un déi Tariffer, déi se normalerweis och am Nationale Centre de médiation kréien. Dat zu den Erklärungen, wat dës Indemnitéit ugeet.

Diddeleng war jo eng vun deenen éischte Gemeengen, déi e Service de Médiation hat, an am leschte Joer hu gutt 37 Mediatiounen stattfonnt. Et ass jo eng Médiation de voisinage. An effektiv ass dann ëmmer d'Belästigung wat Kaméidi ugeet a Planzen, déi riwwerwuessen oder Saachen, déi e bësse méi komesch richen an der Noperschaft. Wéi och ëmmer dat zréckzeféieren ass. Dass dat oft déi Saache sinn, déi dann hei och d'Nopere beweegen, de Service de Médiation ze sollicitéieren, wou dann och probéiert gëtt, eng Léisung ze fannen tëschent de Parteien, an dat dann eeben mat engem Drëtten, deen als Arbitter probéiert ze moderéieren. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Wéi mir dat heite kritt hunn, déi Ënnerlagen, do ware mer e bësse schockéiert iwwert déi Form vun dem „Antrag auf Honoraranpassung im Mediations-service“. Dat ass e Bréif wou iergendeen, et steet keen Numm drop, eng Demande mécht fir méi Suen ze kréie fir dee Mediatiounsservice, deen effektiv sénnvoll ass, ech mengen dat hate mer och alleguer mat gedroen. Mee déi Form, wéi dat heite presentéiert ass, dat léisst awer trotzdeem e bësse zweiwelen un dem Seriö – hannen nicken aner Leit aus dem Conseil – vun deene Leit, déi hei intervenéieren. Et ass keng Entête do, et ass keen Numm do, et sinn honnert Feeler am Text. An dann „Begründung der Höhe des Stundensatzes: attraktivere finanzielle Gestaltung als beim CM (Centre de Médiation) der anspruchsvoller und Fahrten der 27 Gemeinden zahlen 100.- € für Mediatoreninterventionen.“ Also do si sou Sätz dran, do froen ech mech, wien ass et, dee sou ee Bréif enger Gemeng gëtt an da fannen ech et och e bësse schued – vläicht war et och Absicht

dass de Schäfferot eis dat sou zur Verfügung gestallt huet – fir ze gesinn, wie schreift sou e Bréif, en offizielle Bréif, dat léisst och e bësse en Doute, wéi seriö sinn déi Leit an hiren Interventioun. Bon, Dir hutt gesot et si 37 Interventiounen, hei sinn der just 29 vum 1. Januar bis 7. September 2022. Dat heescht, et kommen der nach 8 Enn des Jores dobäi. Dann ass awer méi Besoin am Hierscht an am Wanter wéi am Rescht vum Joer.

Also mir hunn nach e bësse Problemer, well mir och guer net wëssen, wéi eng Qualifikatioun hunn déi Leit? Wie sinn déi Leit? Bon, et ass de Service de Médiation, dass mer deen hunn, dat ass jo net schlecht. Dann, Frais de route. De Staat huet och kloer Frais de routten, dat sinn 30 Cent pro Kilometer, déi de Staat bezilt, wann s de dech deplacéiers, zum Beispill wann d'Doktere Visite à domicile maachen a sou weider. Dofir, mir stellen de Service Médiation net a Fro, mee mir froen eis, ob dat hei wierklech e seriö Partner ass an ob mer mat deene solle weiderfueren. Well wann een dee Bréif hei liest, dann denkt een awer net, dass dat Leit sinn déi, hoffen ech, awer eng ordentlech Qualifikatioun hunn, e Studium gemaach hunn an dann awer och mat Seriö hir Aarbecht hei maachen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also ech hat déi selwecht Iwwerleeunge wéi d'Madame Kayser, wou ech déi Argumentatioun gelies hunn. An ech hunn och no engem Numm gesicht. Et waren e bësse komesch Saachen dran. Ech gi lo hei mol nach drop an. Also den aktuelle Stonnentarif ass 60.- € fir e Mediateur an dann 80.- € fir de Coordinateur. An d'Demande – ech huele jo un, dass dat dann de Coordinateur ass, deen dee Bréif geschriwwen huet – déi wier dann 100.- € fir alleguer. An da läit dann déi Argumentatioun bäi. An de Buergermeeschter huet jo lo grad erkläert firwat Schëffleng an Déifferdeng. Well an der Argumentatioun steet dann och: 27 Gemeindege bezuelen 100.- €. Dës Mediateure si jo da warscheinlech fräiberufflech. A sou wéi deen da schreift, oder dat, mir wësse jo mol net, vläicht ass dat do eng Fra.

Ass et da wierklech esou, datt et schwiereg ass, Mediateuren op Diddeleng ze kréien? Ënner anerem gëtt de Wee als Hindernis gesinn. Kann ech och verstoen, wa se mussen iwwer d'Diddelenger Autobunn kommen. D'Fro ass, ginn et da keng Mediateure méi no hei an der Géigend oder vläicht selwer hei zu Diddeleng? An der Argumentatioun gëtt da gerechent mat 4,5 Stonne fir eng Mediatioun. Do ass all Kéier 2 Stonne Wee mat agerechent, déi da géife bezuelt gi wéi d'Mediatioun selwer. An et gëtt nach zousätzlech Kilometergeld bezuelt. Dat wier jo am Fong zweemol d'Streck bezuelt. Ass dat dann üblech, dass d'Zäit fir d'Streck ze fue-re berechent gëtt wéi Schaffzäit? Et wier jo eng Méiglechkeet gewiescht, de gefroten Tarif vun 100.- € ze bezuelen an da vläicht kee Kilometergeld oder dat Streckgeld, wat da gerechent gëtt fir d'Mediatioun net ze berechnen. Well et kann ee jo och mam éffentlechen Transport fueren, deen ass gratis. Dat wier jo och eng Méiglechkeet. Also mir wieren och averstane mam Tarif vun 100.- €. Mee mat där Streck, dat fanne mir ze héich gerechent, dat misst awer anescht sinn. Et ass alles e bësse oniwwersiichtlech. Bon, de Schäfferot

geet lo op de Wee vun 80.- €. Si mussen dat da mat de Mediateure klären. Ech hoffe si brauche keng Mediation fir d'Tarifverhandlungen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dach, wa se héiere wat de Gemengerot seet, brauche mer eng.

MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG): Ech hunn awer och nach gesinn, Déifferdeng, déi bidden zousätzlech eng Médiation familiale un. Wat ech awer eng ganz gutt Iddi fannen. Well hei ass jo am Fong just Noperschaftssträit viséiert. An et gëtt jo awer och emol sou Familljesträit innerhalb vun der Famill. An dat wär jo och vläicht mol eng Iwwerleeung, ob een net och soll op dee Wee goen. An dann nach eng lescht Fro: A wéi enger Lokalitéit gëtt d'Mediation gemaach? Ganz am Ufank mengen ech war dat mol an der Gare, mee ech mengen do ass dat awer net méi. Ech wollt mol froen, wou dat da stattfindet? Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech muss elo hei e puer Remarque lassginn, well ech selwer eng Ausbildung hunn als Mediatrice. Dofir weess ech e bësse wat et ass. Also sécher ass hei, wéi ech dat Ganzt gekuckt hunn, hunn ech bei mir och geduecht: Oh mei! Mee wat mer hei feststellen, dat ass, datt den Här oder d'Madame kee redaktionellt Talent huet. Mee ech mengen datt een dat awer elo net dierf verwiesselen mat enger professioneller Qualifikatioun. Mediation maachen, ofhalen, dat ass en Handwierk. An do muss ee vläicht och net ëmmer alles kënnen. Mee sécher hätt e kéinten dat hei vläicht iwwerliese loossen oder eppes. Mee op alle Fall wëll ech awer hei mol eng Lanz brieche fir déi, déi an deem Beruff schaffen. Et muss een och net ëmmer alles kënnen. Déi déi en Handwierk hu kënnen vläicht net ëmmer Bréiwer schreiwen, an déi déi Bréiwer schreiwe kënnen, kënnen net ëmmer en Handwierk maachen. Do soll een elo net alles an een Dëppe geheien.

An da wëll ech nach soen zum Tarif. Independanten, déi hunn och Käschen. Dat ass och schwéier ze bezifferen. An dofir gëtt do oft sou en Iwwerschlag gemaach, mee do ginn oft Stonnen drop, déi kann een net sou zielen. Dat heescht, och am Mediationsberäich, do muss ee sech heiansdo aliesen. Do muss ee Pièce liesen, do muss een den Dossier nach eng Kéier op de Leescht huele virun. A sou virun a sou weider. Dofir ass et vläicht schwéier do an all Detail ëmmer ze soen: Dat lo sou vill Euro an dat lo sou vill Euro. An dofir ass sech géeneegt ginn op eppes, an datt mir lo hei als Diddeleng mat op dee Wee gi vun 80.- € fannen ech awer ganz korrekt.

THESSY ERPELDING (DÉ GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech hu mer natierlech änlech Froe gestallt. Ech muss awer do der Madame Kohn Recht ginn. Et ass och meng Meinung, dass ech elo op Basis vun deem, wat do opgesat ass, wat ech vläicht anescht opgesat hätt, ech lo net ka schléissen, dass déi Mediateuren hir Mediation net gutt maachen. Dat ass effektiv esou, et kann een net alles kënnen. Zumindest ass sech d'Méi gemaach ginn, alles detailléiert dohin ze schreiwe wéi et geduecht ass. Ech stellen awer dann zwou Froen. D'Madame Heinen huet et erwänt. Ass et effektiv esou, ech

si mir do net eens, dass si och hir Zäit vum Wee bezuelt kréien? Ob dat effektiv zum Stonneloun gehéiert? Oder op hien oder si dat hei einfach mat an d'Opstellung gemaach hunn? Dat ass lo fir mech net kloer.

Also wa just d'Mediation, also d'Zäit vun der Mediation bezuelt gëtt, dann hätt ech och kee Problem, wann et 100.- € wäeren an ech ka mat deenen 80.- € och averstane sinn. Awer natierlech de Wee. Mir kréien all de Wee net bezuelt op d'Aarbecht. Kilometerpauschal dann nach vu mir aus, awer net vun der Zäit hir. Ech hu just einfach eng aner Saach. Wéi ech dat do gelies hunn, ech huelen un, dass de Schäfferot weess, vu wem en dat dote geschéckt kritt huet. Ech huele mol un, dass et net anonym komm ass. An ech perséinlech hätt gesot, schéck mer dat nach eng Kéier nei eran a schreif zumindest en Numm drënner. Mee dat ass éischer och meng Remark fir sou eppes weiderzeginn. Mee prinzipiell ass dat meng Meinung. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et deet mer leed, mee ech muss awer trotzdeem eng Klenggeheet soen. Mir fërderer wierklech d'Leit am ganze Land fir den éffentlechen Transport ze huelen, fir manner den Auto ze huelen. A mir fërderen awer mat deem Kilometergeld do, dass d'Leit den Auto sollen huelen. Ech mengen et ass allgemeng awer gudden an accessibelen éffentlechen Transport am Land. An ech mengen do kéint een awer an Zukunft op de Wee goen, fir dat e bësselchen anescht ze iwwerdenken. Madame Kohn, et ass lo net, dass ech net averstane sinn, mee mir fërdere jo den éffentlechen Transport. Mir hätt jo gär, dass d'Leit solle mam éffentlechen Transport fueren. Da mengen ech dass d'Kilometergeld an Zukunft, hei an deem Fall musse mer et duerchgoe loossen, mee mer mussen et awer vläicht e bëssen iwwerdenken.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech géif gären dorop äntweren. Ech sinn och a sou engem Beruff als Kommunikatiounstrainer. An do ass et sou, du bass ëm 08h00 do, du bass ëm 10h00 do, du bass ëm 11h30 do. Dat ass net ze maache mam Bus. Dat sinn déi Beruffer, déi sprangen hin an hir de ganzen Dag. A gutt, datt et där net vill ginn, mee déi, déi do awer dra sinn, leider Gottes sinn déi och net gär am Auto, mee awer oft am Auto. A wann een natierlech seet: Ech sinn elo een Dag zu Diddeleng, da kann een dat maachen. Mee oft ass et awer net esou. Dann huet een Deeg, do ass een ëm 08h00 zu Diddeleng an ëm 09h30 muss een zu Déifferdeng sinn, oder wat weess ech. An dat ass leider Gottes – et kennt nach vläicht eng Kéier – mee de Moment ass d'Offer vum éffentlechen Transport nach net fir déi Beruffer gemaach. An ech mengen dat hei sinn och Ausname Gott sei Dank an net d'Reegel. Well déi, déi gereegelt Aarbechtszäiten hunn, wann ech och elo weess, ech schaffen de ganzen Dag an der Stad oder ech sinn de ganzen Dag zu Esch, da fueren ech natierlech mam Bus a mam Zuch. Mee wann s De awer sou Beruffer hues, wou's de sou stonneweis nëmmen hin an hir hops, an dat si sou Seancen, déi ginn dann ofgehalen an da muss de erëm weidergoen. An dofir soll een hei lo net ze streng si mat deene Leit. Déi maachen dat och net gär, well dat ass zimmlech stresseg. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, doraus ergi sech awer elo e puer Froen. Wéi oft sinn déi Mediationen? Et si 37 Fäll hei beschriwwen ginn. Sinn dat fix Horairen? Ass dann dee Mann oder déi Fra hei sur place a gesäit dann e puer Fäll hannereneen an engem Dag? Dann zu dem Schreiwen. Ech hoffe jo wuel, dass de Schafferot och ëmmer e Rapport kritt vun deene Mediationen. An da soll een awer scho seng Fäegkeete fir e Rapport ze schreiwen, do hoffen ech, dass déi awer e bësse méi performant sinn, wéi dee Bréif, dee mer hei kritt hunn. A meng Fro ass eeben och, ob och ëmmer Rapporte gemaach ginn? An och ob Dir dann ëmmer informéiert gitt, wéi dann déi Léisungsvirschléi oder wéi eng Solutioun, oder wann och keng Solutioun fonnt ginn ass, wéi dat da gaangen ass? An dann nach eng aner Fro. De Schreierling schreift hei och „auch beim Centre de Médiation kann ich hintereinander mehrere Mediationen zu mir genehmen Zeiten annehmen.“ Dat heescht, et kéint een heirauser schléissen, dass déi Persoun hei aus deem Centre de Médiation a.s.b.l. detachéiert ass fir op Diddeleng ze kommen. Dat heescht, dee kritt jo och do schonn eng fix Pai, wann ech dat richteg verstinn, oder sinn déi och just do Freelance engagéiert? Dat wär vläicht och nach interessant ze wëssen. Awer virun allem, sinn dat fix Deeg? Well wann's de sur place bass an du bass vu moies 08h00 bis owes 18h00 hei, da kanns de och mam Bus komme géif ech mol soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci, da géif ech nach vläicht op e puer Punkten agoen, respektiv e puer Saachen hei kloerstellen. Also insgesamt hunn ech léiwer Mediateuren, déi an der Mediation excelléieren a vläicht e Bréif opsetzen, deen net perfekt ass wéi Mediateuren, déi e Bréif opsetzen dee perfekt ass, awer net an der Mediation excelléieren. Dat zur iwwergeuerdenter Remark. Ech menge mir kënnen ouni Problem dem Här Loeschner, dee Coordinateur ass säit enger Zäitche vun deem Service, déi Remarken, déi de Gemengerot hei gemeet huet ouni Problem weiderginn. Alleguerten déi Mediateuren, déi mer hei hunn, an den Här Loeschner als Coordinateur, wëssen also ganz kloer, wien eis dat heite geschéckt huet, wéi och alleguerten déi aner Mediateuren. Dat sinn agreéiert Mediateuren, déi duerch de Centre de Médiation gaangen sinn a Mediation hei maachen. Si sinn alleguerte Freelance, et ass keen hei fest ugestallt.

Ab initio, wéi de Service agefouert gouf 2006, de Service de médiation de voisinage hei zu Diddeleng, do hu mer ëmmer mat Freelance geschafft, et huet ni een en Aarbechtskontrakt hei gehat. Dir musst dat och wëssen, well d'Indemnitéiten, déi d'Mediateure kritt hunn, déi si jo ëmmer hei duerch de Gemengerot gaangen. Et ass jo ni en Aarbechtskontrakt hei am Gemengerot fir e Mediateur gestëmmt ginn, fir dann den Uschäin ze ginn, dass e Mediateur vun der Gemeng bezuelt gouf. De Gemengerot ass jo ëmmer mat deenen Deliberatiounen saisiert ginn. Et muss ee sech och bewusst sinn, an och dat ass eng Realitéit, insgesamt, iwwert all déi Joren huet d'Unzuel vun de Mediateuren awer net onbedéngt massiv zougeholl. Op där anerer Säit sinn der ewechgefall, et sinn anerer bäikomm. An et si jo och ëmmer méi Gemengen, déi e bësse dem Diddelenger Modell nogaangen sinn an e Service de Médiation de voi-

sinage agefouert hunn. Also si mer an där Situatioun, wou mer engersäits Mediateuren hunn, déi natierlech och an anere Gemenge schaffen. Déi hei zu Diddeleng sinn, déi sinn och zu Schëffleng an och zu Déifferdeng. Déi hu vläicht e Beruff a maachen dat heiten als Freelance niewendrun. Déi mannst sinn och net zu Schëffleng ugestallt, sinn och net zu Déifferdeng ugestallt.

Dat erkläert och, firwat dass een hei eng Indemnité kilométrique muss ginn. Fir hei ze soen, et ass gutt, den ëffentlechen Transport ze huelen. Je veux bien, mee déi Leit hunn hir Aarbecht a kommen entweder an der Mëttesstonn, respektiv owes op Diddeleng fir dann d'Mediation. An da wëll ech och soen, verschidde Remarque wunnere mech, d'Mediation ass jo awer och e Prozess, wou och gekuckt gëtt, wat d'Disponibilitéit vun deene Leit ass, déi dee Service de Médiation sollicitéieren. A wa mer kucken, d'Diddelenger Bierger, wa si de Service de Médiation sollicitéieren, dann ass et zu Diddeleng net anescht, wéi op anere Plazen. Dat si Leit, déi och hir Aarbecht hunn, déi während dem Dag vläicht net disponibel sinn a vläicht an der Mëttesstonn. An dorunner riicht et sech. No der Disponibilitéit vun de Leit, déi de Service de Médiation sollicitéieren. Dorunner orientéiert sech och de Mediateur am Kader vu sengen Deplacementer. Déi Mediationen oder déi Einzelgesprächer, déi fannen am fréiere Police-Gebai statt. Och op deene Flyeren, déi mer hunn ass dat Gebai jo och ugedeit, dass et do ass. Do fannen Einzelgesprächer statt. D'Mediateuren deplacéiere sech awer och bei hirer Aarbecht bei d'Leit heem, wou se sech d'Situatioun ukucke ginn, fir och do mat de Parteien ze diskutéieren. Respektiv wann et och gréisser Mediationen sinn, kann een och op gréisser Lokalitéiten hei an der Gemeng selwer zeréckgräifen.

Médiation familiale hu mer ni gemeet, well mer eng aner Institution hei zu Diddeleng hunn, déi Médiation familiale ubitt: Pro Familia. Dofir fänke mer net un, deenen op d'Plate-Banden ze drécken, fir et op gutt Lëtzebuergesch ze soen, mee mir bleiwe beim Service de Médiation de voisinage, hunn Expertis doranner, an et ginn aner Services, déi Expertis an engem anere Beräich hunn, also ech mengen do déi Complementaritéit, déi solle mer och deementspriedend hei bewahren. Wou ech awer lo wierklech soen, dass mer müssen oppassen. Mir kréie sécherlech e Rapport gemeet, awer en anonymiséierte Rapport. Also d'Mediateure soen eis net, deen an deen Diddelenger Matbiergerin oder Matbierger hunn eis sollicitéiert. Dofir hunn ech schonn ugangs gesot, ëm wat et sech handelt, de Cas de figure kréie mer gesot, wat den Ulass ass vum Konflikt, awer ouni d'Nimm. An dat brauche mer jo och net ze wëssen. D'Haaptsaach, herno gëtt de Konflikt iwwert d'Mediation bäigesat an dréit zu méi Liewensqualitéit bäi. An ech menge bei deene 37 Dossieren d'lescht Joer, dat wat ech lech hei gesot hu Madame Kayser, dat sinn déi lescht Chifferen, déi mer lo kritt hunn en vue vun dësem Gemengerot, do war dat jo och de Fall.

Ech mengen dass hei déi Demande elo vun 80.- €, respektiv vun 9,60.- € den Aller-Retour, dat war d'Resultat vun enger Diskussioun déi mer haten tëschent deenen dräi Gemengen. Dofir hu mir lech dat hei proposéiert. Mir hunn dat zesummen ofgekläert, déi aner Gemengen

hunn dat och sou gestëmmt. A vu dass mer et och sou ofgestëmmt hunn tëschent dësen dräi Gemengen, och vis-à-vis vun de Mediateuren, fannen ech et och wichtig, dass mer hei sollen de Prinzip vun der Ofstëmmung waren, vu dass déi Mediateuren hei concernéiert sinn. Mir kënne jo och ganz gären, do hunn ech och kee Problem, lech d'Nimm vun deene Mediateuren zoukomme loossen, fir dass Dir och gesitt, wien déi Leit sinn, déi Freelance hei intervenéieren. Fir dass mer och do eng gewësse Logik an eng gewësse Kohärenz wahren, soss mengen ech wär deen heiten Exercice, wa mer do mat komplett aner Montanten kommen, da wär deen Exercice hei, ech wëll net soen, fir näischt gewiescht, mee et ass jo eng Ofstëmmung tëschent deenen dräi Entitéiten an och mat de Mediateuren zesummen. Ech mengen ech hat probéiert, op déi verschidde Punkten anzugeen, déi hei am Raum stoungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach eng Kéier op déi Fro agoen, déi d'Thessy Erpelding gestallt huet. Sinn dann déi Weestonnen, sinn déi als Stonnen och nach dobäi? Wéi si dat schreiwen: „An- und Rückfahrt 2 Stunden“. Dat heescht, mir bezuelen awer nëmmen d'„Zeit Mediation und Bericht 2,5 Stunden“. Jo well soss ass et jo onlogesch, wa mer dann och nach d'Pauschal bezuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat dëser Adaptatioun vun den Indemnitéite fir eis Mediateure fir eise Service de Médiation averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

3.3. Approbatioun vun de Modifikatiounen um Kapitel XXI – Repas sur roues – Allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Repas sur roues. Do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Dir wësst jo dass mir dat ëmmer am Gemengerot hunn, wann eng Indextranche fälleg ass, dass wann eng Indextranche fälleg gëtt, dass dann och Servior eis e Courier mécht, dass si dann déi 2,5% Hausse vum Index integral op de Präis vu Repas sur roues transferéieren. An et ass un eis, dat ze approuvéieren oder net ze approuvéieren, fir dass mer awer kënne mam Service Repas sur roues weiderfueren.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech hu just eng kleng Remark. Ech wollt just soen aus eegener Erfahrung, net wéinst menger. Ech kréie Repas sur roues net, mee meng Mamm kritt en. Ech wëll just soen, dass dat tipp-topp fonctionéiert, an dat ass e Service, deen déi Leit natierlech appreciéieren. Et ass och esou, déi Diversifikatioun vun de Menüen ass exzellent. Et gëtt wierklech gekuckt, dass déi Leit och déi Vitaminne kréien, déi se brauchen. Et ass just eng Remark wou ech wollt froen, déi Plateauen déi geliiwert ginn, déi gi jo ëmmer op sou engem Chauffe-plat geliiwert, och aus Sécherheetsgrënn, fir dass se sech net verbrennen a fir dass et net ze laang un ass, fir dass kee Feier entsteet. Lo ass et awer esou, dass déi Leit oft vergiessen, dass dat nach do steet, déi si jo och vläicht e bëssen dement.

An do ass dann e Problem, déi ginn och oft betreit vun HELP oder vun Hëllef doheem oder vun enger anerer Organisatioun, déi bei si heem kënnt. A fir dann de Plat erëm waarm ze maachen, do hu se dann elo wéi z.B. bei menger Mamm gefrot, fir datt se dann do e Mikrowellenuewen hunn, fir dass dat da séier geet, fir dass si mat der Madamm kënne iessen. Well soss geet dat mat der Zäit net op, well déi si jo och limitéiert mat hirer Zäit. Do ass meng Fro: Sinn déi Plateauen nach ëmmer zäitgeméiss? Also déi Chauffe-platen? Oder ass do ugeduecht, dass dat iergend eng Kéier adaptéiert gëtt? Dat ass just eng Fro, dat ass lo keng Kritik. Well dat relativ zäitintensiv ass, fir dass dat erëm waarm gëtt an dofir ass et néideg, en aneren Apparat ze hunn, well déi Leit vun HELP déi hunn net d'Zäit fir ze waarden, bis dee Plat vun deem Chauffe-plat erëm waarm gëtt, da sinn déi scho rëm fort, well all 10 Minutte mussen déi wech.

An dofir ass einfach d'Fro: Ass dat nach ëmmer aktuell? Oder ass iergend eng Kéier an abseebarer Zukunft vläicht geduecht, do eppes anescht ze installéieren? Wéi gesot, et ass keng Kritik, et ass eng allgemeng Fro. Mee soss ass de Service wierklech impeccabel, och z.B. wann et heescht, ech gi bei d'Famill eng Kéier iessen, deen aneren Dag, ass dat innerhalb vu 24 Stonnen absolut machbar, fir dat einfach ofzesoen, dat lessen. Dat klappt wierklech tipp-topp. Gott säi Dank hu mer sou ee Service, da kréien déi Leit wierklech tipp-topp z'iessen, an dat muss ee wierklech begreissen. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo menges Wëssens ass déi Plack nach ëmmer zäitgeméiss. Déi ass jo deemools agefouert ginn, déi Leit, déi méi laang dobäi sinn, déi wëssen et, dass de Repas sur roues deemools waarm geliiwert ginn ass an dann huet et geheescht, direkt iessen, soss gëtt et kal. A bei deene Placken do, dee Knäppchen do ass geduecht, dass d'Leit kënne iesse wa se wëllen. Dat heescht, déi kréien dee scho mueres fréi geliiwert a da kënne si decidéieren, ob dat ëm 11 Auer, 12 Auer, ëm 14 Auer oder 15 Auer oder ëm 16 Auer ass. Wéi gesot, déi Placke sinn a mengen Aen nach ëmmer zäitgeméiss, an et ass vu SERVIOR och net gesot ginn, dass do iergend eng Ännerung géif kommen. Ech wëll awer nach eng Remark soen. Ech hunn e bëssen hei geschmunzelt, wou de Jemp sot, „Dat ass net fir mech“. De Repas sur roues ass net nëmme geduecht fir déi eeler Leit, déi net méi wëlle kachen, mee de Repas sur roues ass och en Depannage fir Leit, déi en Unfall hunn oder eppes aneres an net kënne kachen, awer net wëllen an e Restaurant goen. Dofir ass de Repas och geduecht, fir sou Saachen och ze managen. De Gemengerot kann och eng Kéier temporär an de Genoss komme. Fréier hu mer souguer Test-lesse gemaach. Do ware mer an de SERVIOR a mir hunn d'lesse getest. Dat ass awer scho laang hir.

CLAUDE MARTINI (CSV): Här Manderscheid, Merci fir Är exzellente Explikatioun. Well vu dass ech op enger Plaz schaffen, wou vill Leit sinn, déi net méi selwer kënne kachen, ass dat eng Informatioun, déi weeder ech nach ganz vill aner Leit iwwerhaupt wossten. Dat dote wëssen och vill Leit an de Service socialen an an de Spideeler net, dass dat dote méiglech ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ma da si mer frou dass mer iwwert deen dote Wee behëlleflech waren.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir sichen ëmmer no Léisungen, fir dass d'Leit eppes z'iesse kréien, an ech wousst dat do guer net. Gutt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem neien Tarif averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.4. Approbatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Societét SOURRIRE a.s.b.l. fir d'Haus op 43, rue Ribeschpont am Kader vun der Entwécklung vum Projet „JuMa House“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op deen nächste Punkt iwwergoen, an do géif ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn, dat ass d'Approbatioun vum Contrat de bail mat Sourrire a.s.b.l. fir d'JuMa-Haus. Josiane.

JOSIANE DI BATOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo villmools Merci. Ech wollt e bëssen op dee Contrat de bail agoen. Et ass sou, datt ech lech beim Budget am Fong scho gesot hat, datt mer a Verhandlung wäert fir en Therapiehaus hei op Diddeleng ze kréien. Dat sinn zwou Psychologinnen, déi an där SOURRIRE a.s.b.l. dra sinn an déi sinn un eis erugetruede fir en Haus ze kréien. Bon, dann ass et natierlech ëmmer, wou kréie mer en Haus hir? Wou ass eppes fräi? An du si mer relativ schnell op d'Portiershaus am Ribeschpont komm. Firwat bitt d'Portiershaus am Ribeschpont sech un? Ma et ass einfach sou, dat läit an enger Zon BEP. A mir hunn hinnen dat du proposéiert a mir hunn hinne gesot, si missten awer och eng Autorisatioun ufroen, e Changement de destination. Wat se och gemaach hunn. Dat heescht, si hunn e Changement de destination ugefrot, fir aus enger Maison unifamiliale e Cabinet thérapeutique ze maachen. An dat geet och an där Zon, dat ass accordéiert.

Ech wëll nach e puer Saachen dozou soen. Dat Portiershaus, mir ware jo scho laang der Meenung, datt sou Portiershaier, dass dat och net méi zäitgeméiss ass. Dat hei ass och elo net méi vum Portier besat. Weider ass et och esou, datt déi SOURRIRE a.s.b.l., dat ass net einfach iergend en Independant, dee seet, ech loosse mech elo do an engem Haus nidder. Hei ass et wierklech esou, dass si un de Ministère de la santé erugetruede sinn, do e Rendez-vous kréien. De Ministère des Affaires étrangères huet hinnen och geäntwert, an do solle se lo mat der ONA zesumme kucken, wéi se do kéinten eng Konventioun zesummen ausschaffen. A si ufanks Abrëll och nach Rendez-vous mam Ministère de la Famille fir eng Konventioun ze kréien, fir dann och do dee Projet sou kënnen ëmzesetzen.

Zum Haus selwer: Dat sinn 120 m². Ech mengen dat liest Der jo alles am Kontrakt duerch. Mir hu mat hinnen ausgemaach, datt si zwar lo scho kënnen am Virfeld am Haus Aarbechte maachen. Si kréien Aarbechte ge-

maach vun engem Entrepreneur, deen dat fir näischt, benevole mécht fir einfach dee Projet, dofir ware se elo schonn am Haus. Mee et ass awer sou, dee Contrat de bail, dee leeft awer réischt vum 1. Mee 2023, an dat iwwer 2 Joer. Mir géife fir déi éischt Méint 1.500.- € froen an duerno géif et dann op eng Héicht vun 2.000.- € eriwergoen. Ech mengen dass dat e relativ korrekte Präis ass. Do ginn Aarbechten an deem Haus gemaach vum Entrepreneur, dat heescht en handicapéiertege-rechten Agang, alles wat ee brauch, fir sou en Therapiehaus dohinner ze maachen. Dat ass an enger Héicht vu 36.000.- €, déi den Entrepreneur do mécht am Sënn fir dee Projet, an dee kennt natierlech als Plus-value herno och dem Haus zegutt. Do gi keng Ëmännerunge gemaach, sou dass en net herno dat Haus erëm enger anerer Affektatioun kéint maachen. Just am Entréesberäich gëtt eng kleng Ëmännerung gemaach.

Ech mengen dass dat e ganz flotte Projet ass, hei ass ganz kloer cibléiert, datt och Leit, déi sech dat net kënnen leeschten, kënnen dohinner goen. Zum Deel och Flüchtlingen, fir déi et awer dringend noutwenneg ass, an dofir sinn och all déi Ministère mat agebonnen. Dat heescht de Ministère des Affaires étrangères, wann et fir d'Flüchtlingen ass an d'Famille, wann et fir aner Leit wär: Voilà, ech menge méi hätt ech dozou net ze soen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buegermeeschter. Als alleréischt wëll ech hei festhalen, dass mir absolut gutt fannen, wann ee psychologesch Hëllef de Leit zoukomme léisst, déi dat néideg hunn. Mir fannen déi Iddi vun engem Therapiehaus zu Diddeleng och gutt. Punkt. Elo kommen ech awer zu eppes, wou mer iwwerhaapt net frou sinn. Dat ass, dass dat Haus am Ribeschpont lo dofir genotzt gëtt. Mir haten net méi spéit wéi genau virun engem Joer, den 18. Mäerz 2022, wéi mer déi Autorisatioun vum Schafferot gefrot gi si fir juristescht Schrëtt ze ënnerhuelen, fir géint eng, loosse mer mol soen „Hausbesetzung“ an deem Haus um Ribeschpont virzegoen, wou d'Concubine vum Portier, dee jo raus war aus der Wunneng, nach d'Déngschthaus souzesoe besat huet. Du hate mir als CSV schonn deemools festgehalen, dass mer jo eng Kris Logement hunn, déi sech jo nullement verbessert huet. Dass dëst Haus, wat jo der Gemeng gehéiert, dat sollt net méi als Déngschtwunneng verlount ginn un eis Portieren, mee de villen Demandeuren fir e Logement iwwert eise Service Logement oder eis Cellule Logement zur Verfügung gestallt ginn.

Et ass e grousst Haus. 120 m² Wunnfläch. Plaz fir eng Famill mat e puer Kanner, direkt nieft enger Schoul. An engem éischter gudder Quartier. Ideal och fir eisen Net-Lëtzebuerger Matbierger eng Plaz ze ginn, en Doheem ze ginn. Mer wëssen z.B. dass Famillen, déi de Statut hu vum Flüchtling am Foyer Opderschmelz net rauskommen, well se keen Haus fannen, wou se mat hire Kanner kënnen ënnerkommen. Dass mer déi Portierswunnengen ëmaffektéieren a Wunnraum fir sozial bedürfteg oder necessiteux Leit, dat hu mer jo schonn um Kennedy-Stadium gemaach, dat hu mer jo och begréisst. A ganz cocasse ass och effektiv an deem do Kontext, den 18. Mäerz 2022, do hat de Jemp Gangler gefrot bei der Diskussioun iwwert d'Resolutioun vun der Ënnerstëtzung vun Diddeleng fir d'Ukrain, ob dës Wunneng even-

tuell och kéint fir d'ukrainesch Flüchtlingen zur Verfügung gestellt ginn. Du sot den Här Buergermeeschter jo. Déi zweete Kéier huet den Här Buergermeeschter och an deem Kontext wou ech elo virdru gesot hunn, wou mer do iwwert déi juristesche Schrëtt diskutéiert hunn, gesot: „Mir ginn hei an déi Richtung, dass mir dem Service Logement déi Wunneng attribuieren, an dass mir do och an där aktueller Situatioun, wéi mir sinn, dat doten éischter liberéieren an an de Wunnengspark vun der Gemeng eranhuelen“.

Voilà. Dat gesot, si mer elo absolut schockéiert dass d'Gemeng, oder d'Gemengeresponsabel, de Schäfferot, dëst Haus, dëst wäertvollt Haus, well souvill Haiser hu mer net, déi ideal si fir Famillen, einfach fräi op de Marché zur Verfügung stelle fir eng aner Vocioun. Mir kënnen dat net novollzéien, well et en ideaalt Haus ass, an hei soll lo en Therapiehaus entstoën.

Dir hutt virdru gesot, et sinn nach keng Konventiounen ausgeschafft. Ech schaffen och an dem Secteur, och benevole, an ech weess ganz genau, wann een eng Konventioun mat der Famill mécht, wann een eng Konventioun mat der Santé mécht, wann een eng Konventioun mécht mat iergend engem anere Ministère, bezuelen déi dir all Loyer um fräie Marché. Dann ass dat guer net néideg, dass du muss dann an en Haus goe wat enger Gemeng gehéiert. An dofir si mir richteg mürresch, dass dat lo sou gelaf ass, a mir sinn och rosen, well mer schonn an der Press rausfonnt hunn, dass am Oktober sech déi Leit schonn e bësse geäussert hunn, dass se op Diddeleng kommen. An, wat och natierlech erëm typesch ass, et ass erëm Moutarde après dîner, de 24.2. gouf dësen Akt ënnerschriwwen a mir kruten am Virfeld guer näischt dozou gesot. Voilà. Sou geet de Schäfferot mam Patrimoine vun der Stad Diddeleng ëm. Mir kafen herno en Haus vun 1 Millioun, fir dat zur Verfügung ze stelle fir Logementer dran ze maachen. Hei hu mer en Haus, a wéi gesot, dat gi mer, an ech soen et nach 6 Mol lo, mir sinn net géint Therapiehaiser, mir sinn net géint psychologesch Prise en charge. Dir wësst ganz genau, déi Flüchtlingen, déi gi vum ONA betreit, déi hu schonn eng psychologesch Hëllef. Dir wësst ganz genau dass aner Servicer, virdrun ass den Numm gefall, hei zu Diddeleng och Leit en charge huelen, gratis, wa se an der Détresse sinn. Dir wësst dat alles ganz genau. Dat hei ass eng Associatioun, déi mol nach keen Agrément huet, wat mer e bësse douteux fannen, dass déi lo schonn awer vun der Gemeng sou hoféiert ginn an dat Haus zur Verfügung gestellt kréien.

D'Fro ass, wéi vill Leit stinn op der Waardelëscht beim Office social, bei eisem Service Logement? Leider ass eise Kolleg Romain Zuang haut net hei. An ech fannen et och cocasse. Dir maacht no baussen en Appell, dass d'privat Propriétaire vun Diddeleng hir Haiser a Wunnenge sollen dem Service Logement zur Verfügung stellen. A sou gitt Dir hei lichtfankeg ëm mat engem Haus wat wierklech ideal wier. Fir do lo en Therapiehaus dranzesetzen. Wéi gesot, wann déi Leit eng Konventioun herno hunn, déi Associatioun, kënnen déi um fräie Marché alles kafen, alles lounen, déi kréien dat bezuelt. Dat ass en Deel vun enger Konventioun vun der Famill. Ech weess net ob déi Leit dat net wossten. Mee wa se eng Konventioun hu mat der Famill, da seet déi: „Ma jo,

Dir hutt e flotte Projet, sicht lech e Lokal“. Déi kréien dat bezuelt. Dat ass ganz wichteg. An ech fannen dat heien ass e bësse de Geck gemaach mat de Leit. Dat ass net am Sënn vum Solidargedanken. Dat ass net am Sënn wéi mir eis virstellen, wéi dass ee soll mam Patrimoine ëmgoe vun Diddeleng. Punkt. Dat ass deen éischten Deel vu menger Interventioun.

An da kommen ech eeben hei op dee Contrat de bail zréck. Éischstens emol an där Annonce, wou Dir eis geschéckt hutt, do steet dat jo och dran, dass „L'association a entamé les démarches afin de se faire supporter dans la réalisation de son projet par diverses instances étatiques.“ Dir hutt gesot de Familljeministère, de Santéministère an den Ausseministère. Wéi gesot, wann déi Leit eng Konventioun hunn, kënnen déi um fräie Marché alles lounen wat se wëllen. Do ass guer kee Problem. Du kriss zwar eng Limitt gesat, mee déi ass extrem héich. Ech weess dat aus eegener Erfahrung, mir kréien do all Su, dee mer hu vun der Locatioun fir eis Projekte vun der ProFamília, kréie mer erëm. Dann, wann ech dann hei kucken dee Kontrakt. Dir hutt elo gesot gehat, se bezuele 1.500.- €. Ganz ënnen, dat hutt Dir zoufällig vergiess an Ärer Interventioun, well elo déi Transformatioun gemaach ginn. Iwwregens fannen ech et cocasse dass e Locataire 36.000.- € Transformatioun mécht an net de Propriétaire. An da steet awer hei, dat hutt Dir elo e bësse vergiess, „en contrepartie de cet apport en nature aucun loyer n'est dû pour les mois de mai à décembre 2023 et le loyer n'est dû qu'à partir du mois de janvier 2024“. Dat heescht, déi Leit, déi wunne lo ee Joer fir näischt an deem Haus, wou, wéi gesot, och sécher aner Famillen immens glécklech wäeren, wa se kéinten do wunnen. An dat fanne mer einfach och net seriö. An, wéi gesot, mir sinn total entsat, wéi Dir mam Patrimoine vun Diddeleng ëmgitt a mir hunn näischt, ech soen et nach eng Kéier, mir hunn näischt géint psychologesch Encadrementer vu Leit. Mee dat hei, sou geet een net mam Patrimoine vun Diddeleng ëm. D'CSV wäert dat hei op kee Fall matstëmmen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Majo, ech fueren da mol do sou weider. Well meng Interventioun geet och genau an déi do Richtung. Mir sinn et jo gewinnt hei, datt mer schonn e puer Woche virum Gemengerot an der Zeitung kënnen liesen, wat mer dann als Fait accompli zervéiert kréien. Am Journal konnt ee liesen, den 13. Oktober d'lescht Joer, do steet dann: „Nous avons rencontré les responsables de la commune de Dudelange la semaine dernière. Après à peine une heure ils nous ont proposé un bâtiment sur le Ribeschpont“. Majo dann. Da war jo och am Tageblatt e groussen Artikel den 8. Mäerz, wou déi zwou Dammen och virgestallt gi sinn an ech soen och d'selwecht wéi d'Madame Kayser dann, mir hu guer näischt géint hiert Engagement, mee hei sinn et awer da Formen, déi mer e bësse komesch fannen. Bon, mol ofgesinn dovun, wou ech dat dann an der Zeitung entdeckt hu mat der Foto vum Haus vum Portier um Ribeschpont, dat schéint Haus, mat Gaart, direkt nieft der Schoul, Spillplaz an Terrain multisports niewendrun, dat wier dach en ideaalt Haus fir eng Sozialwunneng, fir eng gréisser Famill mat e puer Kanner.

Den Typ Sozialwunneng heescht jo lo Logement abordable, dee vill gefrot ass a wéineg disponibel ass. Jo grad

aus den Opfangstrukture komme se net eraus, grad d'Flüchtlingsfamilien, well näischt do ass um fräie Marché. Dofir déi Fro, déi mir eis och gestallt hunn: Woufir sou e kostbaart Logement an en Therapiehaus ëmwandelen, wou keen dra wunne wäert? Wier et do keng aner Méiglechkeet ginn? E Büroslokal? E Geschäftslokal? A war et net eng Optioun fir dat Portiershaus an de Bestand vum abordabele Wunnraum vun der Gemeng opzehuelen? Dann, am Artikel an der Zeitung ginn déi zwou Dammen dann och virgestallt an hire Projet beschriwwen vun engem Therapiehaus mat Fokus op Gruppentherapie a speziell fir Mënschen, déi et sech net leeschte kënnen a Mënschen, déi geflücht sinn. D'Psychologinnen engagéiere sech och scho länger an interkulturelle Projeten an dat verdéngt natierlech grouesse Respekt fir déi zwou Dammen. Am Kontrakt steet „une maison de thérapie psychologique“. Ech hu mir soe gelooss, dat gëtt et iwwerhaupt net. Entweder nennt een dat Consultation psychologique oder Psychothérapie.

Also mir versti lo net sou richteg, wat genau do lo genau soll ugebuede ginn an da wiere jo och da Konventiounen gefrot mat de Ministère. An dat ass um Wee, mee et gi se awer nach net am Moment. Et geet hei ëm e Bail commercial a mir sinn an engem Wunnquartier, dat ass jo dann awer eng Zon BEP an da wier jo dee Commerce dann erlaabt. D'Consultatiounen ginn, wéi dat dann am Kontrakt steet, ugebuede fir Mënschen, déi et sech leeschte kënnen, fir Entrepreneuren, an eebe Mënschen, déi et sech et net leeschte kënnen. Am Fong ka jo da jiddwereen dohinner goen a bezilt, wéi bei al aner Psycholog och. Mee wéi gëtt dat da gehandhaabt, wie seng Consultatiounen net brauch ze bezuelen? Dat muss jo awer da gereegelt ginn. Dat wäert jo da mat deene Konventiounen, huelen ech mol un, gereegelt ginn? Also mir maachen eis och e bësse Suergen, wéi déi Dammen dat finanziell gestëmmt kréien. Am Artikel stoung, dass fir hir a.s.b.l. iwwer Charity Events géife Sue gesammelt ginn oder dann eebe mat enger Konventioun. Also an der Stad gëtt et och d'Haus vun der Ligue de l'Hygiène mentale, dat ass op der Lonkecher Strooss, dat ass och en Eefamilljenhaus, dat ass och e bësse convivial ageriicht, do kann een och higoen ouni ze bezuelen. Mee wéi gesot, dat ass Ministère de la Santé. Dat ass jo awer alles hei nach net de Fall. A mir fannen dat jo och alles net sou ganz kloer. Also bei aller gudder Intentioun, fir déi Soinen der breeder Bevëlkerung zougänglech ze maachen, bleiwe fir eis awer nach e puer Froen opstoen a mir wäerten dat och net matdroen esou. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci fir d'Wuert. Ech sinn e bëssen erstaunt. Mir hunn eis net ofgeschwat, mee mir hunn awer eigentlech dat selwecht ze soen. Dofir maachen ech meng Interventioun elo e bësselche méi kuerz wéi ech dat geplangt hat. Also ech verstinn dat net. Mir schwätzen iwwer e Pacte Logement, et ass Prioritéit fir Wunnengen ze schafen an de Leit Wunnengen zur Verfügung ze stellen, an dann huele mer hei en Haus an enger super Lag, ech gi lo net méi weider an d'Detailer an, wou mer och nach driwwer geschwat hunn, wéi et soi-disant „besat“ war, dass et endlech misst fräi ginn, well mir géinge wierklech Logement gebrauchen. An da gi mer dohinner an dann hu mer sou een Haus a sou enger Lag, wou mer eng ganz Famill kënnen drasetzen a mir huelen et fir sou eppes.

Woumadder ech och wëll bekräfigen, dass ech näischt géint Therapie hunn an eng Maison de thérapie oder wéi och ëmmer se dann heescht. Doréms geet et net. Där Servicer ginn et scho méi, dat verhënnert awer net, dass et nach aner Servicer ginn. Mee et ass einfach en absolutten No-Go, dass d'Diddelenger Gemeng e Wunnhaus hält an nach zouléisst, dass et dann an e Bail commercial gemaach gëtt an dass et ëmklasséiert gëtt. Quitt dass een et och ëmmer erëm kann zréckklasséieren. Mee absolut, absolut Onverständnis.

Also do froen ech mech wierklech, ob een iwwerhaupt nach eppes ka gleewen, wat soss gezielt gëtt. Well dat widdersprécht wierklech allem wat Der selwer sot, wat Der wëllt maachen. Da fannen ech et och erstaunlech, effektiv, dass e Locataire Aarbechten um Haus mécht. Bon, dat ass net sou ongewéinlech. Ech fannen et awer schonn erstaunlech, oft gëtt dat gemaach, da leeft de Bail schonn un, an da ginn Aarbechte gemaach. Dann ass et weinstens an der Legalitéit. Quitt, dass een da vläicht seet, du hues zwee Méint Loyer gratis well s de schonn dra schafft. Ech fannen et awer e bësse komesch, dass schonn dra geschafft gëtt éier de Bail uleeft. Dat ass och e bëssen eng komesch Aart a Weis, déi ech sou nach net héieren hunn. Bon, et ass gesot ginn, déi Fro hat ech mer och gestallt: Wéi eng Ännerunge gi gemaach? A verhënnert dat net vläicht herno, dass et erëm kann als Wunnhaus genotzt ginn? Dat huet d'Madame Di Bartolomeo jo awer gesot, dass dat net sou ass, dass dat kee Problem duerstellt.

Da wéilt ech gären op déi a.s.b.l. do agoen, wouriwwer ech eigentlech net vill fonnt hunn, a wou ech elo héieren hunn, et lafen nach keng Konventiounen. Also fir mech ass dat bis elo mol nach eng privat Entreprise. Sou gesäit dat aus. Ech wëll näischt géint déi Damme soen, ech wëll hinnen och net ofschwätzen, dass si kapabel sinn, dass si ausgebild sinn, an dass si dat alles hu fir dat ze maachen. Doréms geet et net. Et ass awer komesch. Ech hunn den Androck, d'Gemeng si sprange virun d'Kar a se si méi séier wéi anerer. Hätt ee kéinten op Konventiounen waarden? Da bleift nach ëmmer de Problem mam Wunnhaus. Do si wierklech e ganze Koup Saachen, déi ech komesch fannen. An dann, d'Madame Heinen huet och dovu geschwat. Wann ech liesen, wat hiren Objet ass, da mécht dat mech awer e bësse stutzeg. Well wa se schreiwen: „Pour des patients disposant de possibilités financières, pour des entreprises,“ an da kënnt „mais aussi et surtout pour des patients qui sont dépourvus de possibilités de pouvoir se payer“. Also wann ech en Akzent op eppes setzen, a wann ech soen, ech si fir déi do, déi net kënnen bezuelen a fir Leit, déi Refugié sinn, ma da setzen ech déi no vir. An ech setzen net déi, wou d'Suen hunn an d'Entrepreneuren als éischt a mäi Saz, an dann hannendrun, mee dann awer och an haaptsächlech déi Leit, déi net kënnen bezuelen. Also ech fannen dat alles e bësselche komesch.

Jo, déi Saach mat der Press. Mir sinn et hei gewinnt, mir schwätze vun Transparenz, vu Participatioun a Biergerbedeelegung an da liest een et an der Press scho Méint virdrun, Méint virdu si Saachen ausgemaach, mir ginn net informéiert, mir kréien et einfach hei, wéi d'Madame Kayser gesot huet „Moutarde après dîner“, mir kréien eppes dohi geluecht, an et deet mer leed, dat

weist kloer, wat de Schäfferot an dës absolut Majoritéit vu senger Gemengerotsmamberen hält, déi net an der LSAP sinn. Dat ass nämlech richteg gewisen, Dir sidd jo ganz egal. Mir maachen eppes, mir stëmmen dat, mir sinn zu genuch, mir kréien et duerch, a wat Dir dozou ze soen huet ass eis egal. A pardon, dat ass net déi éischte Kéier, dass dat geschitt, an ech war lo e bëssen opgereegt, well dat mech awer richteg rose mécht. Merci. Pardon, ech stëmmen dat net mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif d'Josiane nach op e puer Punkten agoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP-SCHÄFFIN): Ech wëll lo op e puer Punkten agoen. Ech wëll och ganz roueg sinn a mech net hei opreegen an net op déi selwecht Schinn goe wéi Dir. Dir schwätzt hei de ganze Zäit Logement social. Mir hate virdrun e Punkt um Ordre du jour, Pacte Logement, do hutt Der net vill geschwat. Effektiv, am Ufank hu mer gesot, jo, mir maache Sozialwunnengen dohinner a mir hunn en cours de route, eebe well dat Haus ëmmer nach besat war an net fräi, a mer keng Wunnenge kruten dohinner, hu mer eebe Kontakt mat deenen opgeholl, an dat do war eng vun deenen Optioune fir dohinner ze goen. Bon, dann ass et sou, an dat wëll ech awer mol eng Kéier hei soen. Dir schwätzt vun deene Leit, wéi wann dat der wäeren, déi do en Haus vun der Gemeng wéilten als Indépendant. D'Madame Kremer, ech nenne lo hei den Numm, déi schafft de Moment bei der Ligue. Déi muss hir Aarbecht opginn, wa se da do wëll maachen. Dofir mussen déi och konventionéiert ginn. Déi hu guer keen Interessi drun, déi packen dat finanziell net. Du si se un d'Gemeng erugetrueden a gesot: Hëlleft eis. Datt mer kënne mat de Ministere verhandelen. Si hunn déi Verhandlungen d'lescht Joer ugefang. Wann s'De op e Ministère gees an du hues näischt am Grapp, da kanns de direkt erëm ëmdréien an heemgoen.

Hei hu mir gemengt als Gemeng, dat wär eng gutt Optioun fir ze verhënneren, datt do lo Indépendante sech breetmaachen an dass dat eebe genotzt gëtt vun Indépendanten. Do hu mer dee Kontrakt limitéiert op zwee Joer, ganz kloer. Fir deene Leit am Ufank eng Chance ze ginn, fir sou eppes opzemaachen. Ech verstinn Är Argumenter wann Der sot, Flüchtlinge brauche Wunnengen, Famillje brauche Wunnengen. Mir maache lo 5 Familljenhaiser an der Lenkeschlei op, an der Commercestrooss hu mer Flüchtlingen opgemaach. Mir probéiere wierklech dat Besch. An hei ass keng mauvaise Intention gewiescht. An da sot Der mer dauernd: „Lo war dat awer scho rëm an der Zeitung, a mir wëssen näischt dovun, an Dir zitt eis hei iwwert den Dësch“. Ech hunn de 16. Dezember, dat kënnt Der noliessen an de Gemengerotsitzungen, hunn ech lech gesot, dass mer am Gaange sinn ze verhandele fir en Therapiehaus ze kréien. Ob dat lo d'Haus op enger Foto an der Zeitung ass, dat ënnersteet mir net. Ech hunn net d'Tageblatt bestallt a gesot, kommt elo mol hei eng Foto maachen. Mir hunn hei ganz propper ofgewart, bis mer hei an de Gemengerot komm si fir dee Contrat de bail ze stëmmen. Dir kënnt dat elo gesi wéi Der wëllt. Ech fannen, hei kann een awer och mol aner Saache maachen an och sou Saachen ënnerstëtzen. Well sorry, et deet mer leed, d'Flüchtlinge

kréien net vill Ënnerstëtzung wann et drëm geet, fir déi e bëssen ze betreien. Mir hunn zwar Saachen, awer net genuch. Largement net genuch. Also muss ech lech och emol eng Kéier soen.

Zu den Aarbechte gëtt hei da gesot, de Locataire mécht d'Aarbechten. Déi Aarbechte sinn nach net am Gaang, well de Moien ass réischt den Avis vun der CGDIS erakomm. A réischt wann den Avis vun der CGDIS do ass, dierf ee sou Embaumarbechte maachen. Punkt. Eng handicapéiertegerecht Wunneng, wéi dann elo doraus gemaach gëtt, en Accès, deen handicapéiertegerecht ass, bréngt souguer eng Plus-value wann hiert Therapiehaus net dohi géif kommen, well dann hätte mer och eng Wunneng fir Handicapéierter. Eng Sozialwunneng mat engem handicapéiertegerechten Agank. Ech gesinn dat sou. Dir gesitt dat anescht. Hei ass keen iwwert den Dësch gezu ginn. Ech hunn lech et am Virfeld gesot. Bon, lo hutt Der de Contrat. Dir maacht domadder, wat Dir wëllt, mee fir mech sinn dat do zwou Dammen déi sech wëllen engagéieren an e soziale Projet an ech wäert dat ënnerstëtzen, ob Dir dat gutt fannt oder net. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Also dat ass net wouer, dass wann ee mat engem seriöse Projet un de Ministère geet, dass een da muss eng Adress hunn, sou wéi dat lo klénkt, datt mir deene Leit elo eng Adress ginn hunn, fir dass déi hätte kënne hiren Dossier ficeléieren. Dat ass net wouer. Wann s' du bei de Ministère mat engem uerdentleche Projet gees, da kriss du en Agrément an da kanns du jo an dengem Dënge soen, wéi grouss deng Lokalitéit muss sinn, da kanns du, ech soen et nach eng Kéier, um fräie Marché eppes loune goen. An et si vill Saachen ze lounen um fräie Marché. Do muss du net en Haus vun enger Gemeng zur Verfügung gestallt kréien. Zweet Fro, konkret: Fänken déi Psychologen dann elo schonn hir Aarbecht un oui Agrément?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Ma ech wollt dann och nach eng Kéier nofroen, d'Madame Kremer, déi schafft bei der Ligue, kéint een dann net dann eng Antenn, also eng Dépendance vun der Ligue, hei zu Diddeleng maachen? Dat géif d'Saach jo vläicht méi einfach maachen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Also ech hu beim beschte Wëllen net de Rôle vun der Gemeng an dësem Projet verstanen. An ech mengen dat huet keen heibannen. De Rôle vun der Gemeng fir dëse Projet. Dat hei gëtt en Haus, wou's de kanns privat Consultatioune maachen, dat Haus kritt den Numm vun deenen zwee Therapeuten, Julie a Maria ass et. Ech wëll hir Aarbecht net a Fro stellen, mee wat huet d'Gemeng mat deem Projet hei ze dinn? Firwat maache mir dat? Ech verstinn dat net. An ech schaffe am Beräich an ech misst dat jo verstoen. An ech verstinn dat net, wierklech net. An d'Madame Kayser versteet et och net. Si schafft jo och doranner a si leet jo eppes do. Et ass onverständlech dat hei. Sorry.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP-SCHÄFFIN): Ech weess lo net méi richteg, d'Madame Kayser hat nach gefrot, kënne si dann do schaffen oui Agrément?

Also de Moment schaffe si nach bei der Ligue. Ganz kloer bis den Oktober. Dat hunn ech virdru gesot. Déi Aarbechte musse jo lo mol ëmgesat ginn an dann ass natierlech d'Zil, fir Therapien do ze maachen, awer Gruppentherapien. Dat ass jo mol deen éischte Volet, deen do soll gemaach ginn. Ech ënnerstëtzen dat, well ech dat einfach gutt fannen. E soziale Projet, Leit déi de Courage hunn, fir sou eppes opzebauen. Lo kann ee soen, d'kann een eng Annex vun der Ligue hunn. Jo, mir kënnen och eng Annex hunn. Dat sief a Fro gestallt. Dir fannt et net gutt. Ech soen et nach eng Kéier, ech fannen et ganz gutt. Ech fannen och einfach, fir sou Saachen, also wann ech Här Martini géif heeschen, da wéisst ech, datt ech sou Saache sollt ënnerstëtzen, sou Therapien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech wéilt nach vläicht op deen een oder deen anere Punkt agoen. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet eng Rei Äntwerte ginn. Mee nieft dem Fait, dass hei dann och Flüchtlingen deen hei Service kënnen a Usproch huelen, wëll ech awer betounen. Dat hunn ech net héieren oder iwwerhéieren, dass och Diddelenger Schoulkanner, d'Diddelenger Schoulcommunitéit kann hei drop zrëckgräifen. An zweetens hu mer eis eng Garantie gi fir 2 Joer, bis den 30. Abrëll 2025. Ech mengen hei ass en neie Projet dee lancéiert gëtt an eis war et och bewosst, dass mat alle Schwierigkeeten, déi dat mat sech bréngt, eis och eng Garantie ze ginn, dat dote Gebai kënnen deemtspriechend zrëckzekeréie wann de Projet den 30. Abrëll 2025 ausleeft.

An dann ass mengen ech déi kllassesch Diskussioun, déi ëmmer gefouert gëtt, muss e Kontrakt ënnerschriwwen ginn oder net e Kontrakt. Ech mengen déi Diskussioun hu mer jo och scho mol, wa mer Akte virleien hunn. Dat ass ëmmer 50:50. Mol ass en ënnerschriwwen, mol ass en net ënnerschriwwen. Ech mengen do gëtt et keng exakt Wëssenschaft, ob et muss sinn oder net muss sinn. Deemtspriechend maachen ech hei déi Remark, déi ech och scho bei kllasseschen aneren Akte gemeet hunn.

Dëst gesot géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Kontrakt averstanen?

Dat ass d'LSAP an den onofhängege Member.

Wien enthält sech?

Dat sinn Déi Gréng.

Wien ass dogéint?

Dat ass d'CSV an Déi Lénk.

Villmools Merci.

3.5. Approbatioun vun zwee Avenante vun den Accorde fir d'Mise à disposition vun zwee Geschäftslokaler fir déi Lëtzebuenger Croix Rouge

3.6. Approbatioun vum 3. Avenant vun der Conventioun „Logis Hôtel-Restaurant Cottage“ fir d'Mise à disposition vun enger provisoirescher Ënnerbréngungsstruktur fir d'Demandeurs de protection temporaire tëscht dem ONA, dem Hôtel Cottage an der Stad Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Ech géif do proposéieren, dass mer vläicht de 3.5. an de 3.6. zesummen huele well et och iwwert den Accueil geet vun den ukrainesche Flüchtlingen hei zu Diddeleng. Dat éischt sinn zwee Avenanten, wou mer mat der Croix Rouge hei hunn, wou mer hinnen zwou Lokalitéiten zur Verfügung stellen, déi hei och concernéiert sinn. Dat ass engersäits de Studio 27, Rue Gare-Usines wat och eng fréier Epicerie war, déi der Gemeng gehéiert, wou mer och e Changement de destination gemeet hu fir dass do Logementer kënnen entstoen an en Appartement um 2. Stack op 73, Tattbuergers-trooss, dat sinn 39 m², a mir géifen dat verlängere bis den 31. Mäerz 2024, an et ass jo d'Croix Rouge, déi do d'Gestioun mécht. Ech mengen dat schreift sech och an an déi international Solidaritéit, déi keen eidelt Wuert ass hei zu Diddeleng par rapport zum Ukrain-Krich an déi Leit, déi effektiv do flüchten.

An dann deen drëtten Deel, ech mengen dat ass an der Kontinuitéit och dovunner, dat ass deen 3. Avenant dee mer hei hu mam Hôtel Cottage. Do ass jo am Fong d'Zuel vun de Kummeren an d'Luucht gaange vu 14 op 21 a vun 28 op 42 Better. An deen Avenant hate mer jo am leschte Gemengerot, wou mer dat hei guttgeheescht hunn. Mir hate jo och e Kredit virgesi vun 150.000.- € am Budget an ech hat och do gesot, dass mer och weider géife Fraisen en charge huelen. A mat där Hausse, déi hei och stattfonnt huet un der Unzuel vu 14 op 21 Zëmmeren, ass et och sou, dass mir lo hei an der Conventioun, déi mir hei hu mam ONA, respektiv dann hei mam Cottage ab dem 1. Februar 2023 den ONA dann déi ganz Better en charge hält, natierlech och de Reunionsfall an natierlech och d'Botze vun den Zëmmeren an d'Stad Diddeleng d'Restauratioun, dat heescht mueres de Kaffi, d'Mëttegiessen an d'Owesiessen an dat op enger maximaler Héicht vun 150.000.- € fir d'Joer 2023. An dofir ass jo déi juristesche Remark, 50:50 vun deene Kontrakter, déi ënnerschriwwen sinn, an deen heiten ass jo dann nach net ënnerschriwwen, dat hänkt jo ëmmer mol vun der Situatioun of. Dat zu deenen zwee Avenanten, deenen dräi Avenanten am Fong, déi dann hei déi ukrainesch Flüchtlinge betreffen. Voilà. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Net datt et heescht, mir soen net zu all Punkt eppes, soe mer och elo hei eppes dozou. Ech widerhuelen awer elo net meng ganz Ried, well ech hat beim PAL nämlech geduecht, mir hätten dat schonn alles duerchdiskutéiert. Mee da soen ech elo hei eppes. Also d'Diddelenger Bierger sinn ëmmer solidaresch mat Leit an Nout. Dat ass eppes, wat mengen ech ganz kloer ass.

Mir hunn alleguerten unanime eis Resolutioun d'lescht Joer ënnerschriwwen fir d'Ënnerstëtzung säitens der Stad Diddeleng fir d'Ukrain, Affer vun enger militärescher Aggressioun duerch Russland. Kee vun eis heibannen hätt geduecht, dass dat nach eng never ending Story am Moment ass, et gesäit och net aus, wéi wann dat haut oder muer gereegelt wär, an ech mengen d'CSV ënnerstëtzt och weiderhin dës solidaresch Aktiounen, déi Mise à disposition vum Studio, vum Appartement, a virun allem och nach eng Kéier e Merci un de Cottage, deen och mat op de Wee gaangen ass, mat der Gemeng Diddeleng zesummen, mam ONA, fir déi Zëmmeren zur Verfügung ze stellen. Net fir näischt. Et huet jo missen d'Zuel vun den Zëmmeren vu 14 op 21 erhéicht ginn.

Dat ass en Zeechen, de Besoin ass nach ëmmer do. Ech weess net, ob nach vill Leit aus der Ukrain kommen, mee op jiddwer Fall, déi déi hei sinn, déi ginn net zréck an och nach sou bal net zréck. An dofir fannen ech et ganz ganz wichteg, dass mer och no baussen de Message ginn: Mir stinn nach ëmmer zu eisem Engagement vum leschte Joer. Solidaritéit dat ass och eppes wéi Nächsteléift an dat ass bei eis an der DNA an der CSV souwisou och mat dran. A wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat hei honnertprozenteg. Mir sinn och frou, dass mat der Société PX, dass do och verschidde Modalitéiten nach eng Kéier méi genau gekläert ginn. A mir hoffe jo, dass déi Leit erëm d'Méiglechkeet kréien, entweder zréck an hir Heemecht ze kommen. A mir hoffen awer och, dass dee Passage an engem Hotel nëmmen eng temporär Léisung ass. Wéi gesot, och do si Leit dobäi, si Famillen dobäi, déi frou wäeren, wa se an engem Haus kéinte wunnen an déi awer elo an engem Hotelszëmmer nach setzen. Voilà. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo ech ka mech nëmmen de Wieder vun der Madame Kayser uschléissen. A mir stécht zwar net d'DNA vun der CSV, dat ass dat Eenzezt, wat ech dann ausschléissen, et ass awer heiansdo änlech a verschiddene Punkten. Natierlech ass dat nëmmen ze ënnerstëtzen. Jo, ech wëll net nach Bensin an d'Feier schëdden, mee et weist awer e bëssen, wéi e Contresens et ass, oder souguer e bësse pervers, och wann een et net 1:1 kann ëmsetzen, dass mer hei d'accord sinn dass mer Famille mat Kanner an engem Hotelszëmmer logéieren an da just virdrun en Haus eeben als Haus ewechgeholl hunn eigentlech de Leit. Och wann een dat lo net eent zu eent kann ëmsetzen. Ech wollt dat just soen. An natierlech ass ze begréissen, dass d'Gemeng dat doten ënnerstëtzt an hei hir Verantwortung hëlt fir de Leit ze hëllefen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech wëll mech net virdrécken. Ech wollt just betounen, dass et am Gemengerot e bëssen ass wéi an enger Koppel. Mol ass een averstanen, mol ass een net averstane mateneen. An am allgemenge schaffen ech awer ganz gutt mam Josiane zesummen. A vu dass d'DNA vum Roude Kräiz an eis zwee drastécht, wäert ech natierlech soen, vu dass ech de Claude Martini sinn, stëmmen ech dee Projet hei natierlech mat.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech wollt just och nach eng Kéier ganz kuerz ënnersträichen, datt eis dat hei eebe wichteg ass, an och nach eng Kéier e Mer-

ci ze soen un déi Diddelenger Leit. Ech mengen, wéi dat do alles ugaangen ass, do war eng enorm Well vu Solidaritéit, virun allem och a privaten Haushalter Leit opzehuelen. Dono si Léisunge gesicht ginn eebe mëttel-fristeg. An et ass wéi d'Madame Kayser elo grad gesot huet, mir gesi jo nach net, wéini et ophält a mer musse kucken, datt mer eeben och Zëmmeren hei fräigemaach kréien, och am Hôtel. An do si mer och immens frou, datt den Hôtel Cottage och mat op dee Wee geet. Ech mengen do wäeren och vläicht anerer, déi vläicht net sou kooperativ wäeren als Entreprise. Mee ech mengen, do hu mer e gudden Partner fonnt, fir an deem Beräich eeben eropzegoe vu 14 op 21 Zëmmeren. A si hunn och elo nach dee Versammlungssall. Déi zwee Halschenter, wat elo ee Ganzt ka gemaach ginn. Wou si en Zëmmer hunn, wou si sech kënnen ophalen, mee wou awer och méi Dëscher kënnen gemaach ginn, fir datt se och do an engem wüerdge Kader kënnen iessen an Zäit verbréngen.

Dës weidere fannen ech och immens gutt, datt mer eng Léisung fonnt hu fir déi fréier Epicerie am Quartier Italien an dann och en Zëmmer fräi maache konnten um Tettebiërg. Ech mengen dat ass eppes, wou mer dauernd eeben och musse kucken hei an der Gemeng, wou bitt sech nach eppes, souwuel am Hotel, mee awer och am psychologeschen Encadrement vun deene Leit? Déi sinn all traumatiséiert, an do ass et och noutwenneg, datt och no deene Besoine gekuckt gëtt. Also op alle Fall stëmmen mir dat hei mat vollem Häerze mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Keng weider Stellungnam. Da soen ech Merci fir d'Zoustëmmung an fir dass mer dat heiten dann och kënnen ëmsetze géif ech da proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien hei am Gemengerot ass mat der Approbatioun vun deenen zwee Avenanten, also fir effektiv dann d'Verlängerung fir si vun der Croix Rouge, déi zwee Gebaier, wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.**

Wien ass mam drëtten Avenant, d'Konventioun mam Cottage a mam ONA an der Stad Diddeleng averstanen? **Dat ass och unanime**, da soen ech lech villmools Merci.

3.7. Approbatioun vun engem Acte de vente mat der Madame Carmen Marie-Thérèse Marion Georges fir e Wunnhaus an der Lëtzebuergerstrooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass en Acte de vente tëschent der Madame Carmen Marie-Thérèse Georges an der Stad Diddeleng, hei vertrueden duerch de Schäfferot. Mir sinn an der Lëtzebuergerstrooss, et ass en Terrain wou en Haus dropsteet vu 5,80 Ar. D'Madame ass un eis erugetrueden, respektiv hu mir gekuckt, fir kënnen och am Kader vum Pacte Logement kënnen abordabele Wunnraum ze schafen. Wéi gesot, d'Madame ass un eis erugetrueden, ob d'Gemeng interesséiert ass, eng Acquisitioun ze maachen. An du hu mer den Dossier mol méi am Detail analyséiert, well et mengen ech keng ganz oninteressant Plaz ass, wéinst der Proximitéit vum Zentrum, vun der Gare, respektiv vum ëffentlechen

Transport. An och mat deem Prinzip vun der méi staarker Verdichtung op den Haupt-Accessen an Diddeleng eran an eraus. An d'Lëtzebuergerstrooss ass jo een dovunner. Dat hu mer jo och am Kader vum PAG och sou festgehale ginn, deen hei gestëmmt gouf. Du hu mer mol gekuckt punkto Präis, wat dat heiten eis kéint kaschten, respektiv ass natierlech e Präis zitéiert gi vun der Madame, deen e bësse méi héich war. Dofir hu mer och hei de Bureau d'expertise Wies hei dobäigezunn, wou Dir jo och d'Expertise virleien hutt, fir dass mir hei déi Acquisitioun kënne maache vun engem Haus, wéi gesot 5,80 Ar, fir de Präis vun 1.145.000.- €. An déi Acquisitioun maache mer, fir dass do kann herno Logement abordable entstoën.

Et ass och sou, dass dat doten Haus, wou mer d'Acquisitioun hei maachen, lo net méi bewunnt ass. Dat Haus ass fir d'Utilité publique, engersäits Logement abordable, mee et wunnt kee méi an deem doten Haus. An d'Ausrichtung, déi mer hei natierlech hunn, vu dass et an enger HAB2 och ass, wäerte mer och hei dat dote Gebai, dat vu 1965 staamt, kënne ofrappen. Fir dass mer dann och do kënne en Architekt dropsetze fir 4 – 5 Wunnunitéiten op där Parzell kënne ze bauen. De Präis ass hei entstanen duerch den Expert Här Wies. Ech ginn net an den Detail vun der Expertis an, hien huet ganz kloer opgeléicht, wéi hien zu deem Präis och komm ass. Et ass och dee Chiffer dragesat, e Forfait vun 250.000.- € fir d'Demolitioun ze maachen. An et ass jo och sou geplangt, dass wa mir déi heiten Acquisitioun maachen am Kader vum Logement abordable, dass mer jo dann och do e Subsid kréie vum Logementsministère. Dat si maximal 75%, wou een do ka kréien. Do ware mer och schonn a Kontakt mat deem zoustännegen Mataarbechter vum Logementsministère, deen eis och déi doten Indikatioun ginn huet. An dann natierlech duerno och weider Subside kréien an enger nächster Etapp, wa mer abordable Wunnraum bauen.

Am Kader vun der Convention de mise en oeuvre hu mer jo geschwat, dass mer wëllen e bëssen e Standard do ginn an der Bauweis an och mat de Materialien an och am Kader vun der Harmonisatioun vum Bau, dee mer do wëlle maachen. Mee bon, dat ass réischt déi nächst Etapp. Lo musse als éischt mol déi éischt Etapp bewältegen, fir dat hei einfach mol ze kafen, dee Montant auszebezuelen, de Subsid ze kréien an dann effektiv och e Projet drop ze setzen. Ech wollt awer och hei schonn d'Ausrichtung ginn, dass mer hei 4 – 5 Wunnunitéite kënne drop bauen am Kader vum abordable Wunnraum. Dëst gesot hätt ech mengen ech all déi néideg Infoe gi wat dësen Akt ugeet an och schonn e puer Indikatiounen, wat duerno erfollege kann. Voilà. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, ech hat lo eppes net richtig verstannen. D'Demolitioun, iwwerhëlt dat de Proprietär?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Deen neie Proprietär.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah, den neie Proprietär. Well ech hat dat lo net richtig verstanen, Dir hat sou séier geschwat. Mir begrëssen dat explizitt

dass dat heiten da kaaft gëtt fir abordable Wunnraum ze schafen. An Dir hat elo gesot, 4 – 5 Wunneenheeten. Ginn dat 5 kleng Haiser oder gëtt dat eng Appartementshaus? Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo natierlech ass et ze begrëssen, dass d'Gemeng intervenéiert hei ass. An effektiv hu mer d'genue Oprechnung, wéi de Präis zustane komm ass, an do schwätze se vu 4 Wunnengen. Dir sot elo 4 – 5. Dat wär jo super. Si hu jo e bëssen op Basis dovunner de Präis gerechent, dofir denken ech, dass dat richtig ass. Ech hunn et just e bësse komesch fonnt, dass si d'Haus net vu banne gesinn hunn, mee vläicht huet ee vum Schäfferot et vu banne gesinn. Och wann een eppes ofrappt, ass et awer vläicht interessant, wann een eppes keeft an d'gesäit een et vu bannen. Dee Moment ware jo nach Locataire do, wéi den Här fir d'Expertise do war, dofir ass dat net gaangen.

Mee lo am Akt hunn ech gesinn, et ass effektiv eidel gewiescht, wou Der den Akt gemaach hutt. Dat ass jo da gutt. Dat heescht, et ka relativ séier ugefaange gi mat Plangen huelen ech un. De Buergermeeschter huet jo och gesot, dass dat geplangt gëtt, mee dass dat net vläicht ze laang schleefe gelooss gëtt, well et ass jo awer scho vill Zäit vergaangen tëscht der Visite des lieux bis den Akt. Dat huet jo och schonn e Joer gedauert. Gutt, bis mer d'Expertise hunn a sou. Et wär einfach gutt, wann ee kéint relativ zügeg do ufänken. Mee natierlech begrësse mir dee Projet a stëmmen dat mat. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech brauch dat natierlech net ze soen, datt mer dësen Akt wierklech begrëssen. Par konter hu mer eis e puer Froe gestallt: Firwat muss dat ofgerappt ginn? Ech hu mer erlaabt, eng ganz wierklech bref Rechnung ze maachen. Wa mer géifen ofrappen an nei bauen, wéi vill dat Ganzt géif kaschten. Dat heescht, den Opka ass jo 1.140.000.- € ronn, ofrappen etc. A wann ee géif beim Bau ganz déif rechnen, well dat variéiert natierlech, deemno wéi, wéi eng Finitiounen een hält, kann et vun 2.200.- € de Quadratmeter fir Neibau goe bis erop, sans limite, soe mer 3.000.- €. Ech hunn déi ënnescht Grenz geholl an ech hunn eng Rechnung gemaach bei deene 627 Quadratmeter, déi bebaubar sinn, wäer mir hei bei ronn 1,4 Milliounen €. Dat heescht, déi zwou zesummegerechent si mer bei 1,4 Milliounen fir den Neibau, plus d'Acquisitioun vun 1.145.000.- €, wäer mer bei Fäerdegbau fir 600 m² bei 2,5 Milliounen Euro, wat géif bedeuten, datt mer de Quadratmeter hei géife 4.000.- € bezuelen. Wat horrend deier ass. OK, quitt datt ee 75% Subventiounen kritt, mee ech mengen déi Subventiounen si jo net fir näischt, dat si Steiergelder trotzdeem.

A firwat - dat ass wierklech meng Fro - ass déi Hypothees gewiescht fir dat ze renovéieren? Also energetesch ze sanéieren? An Extensiounen ze maache fir datt de bebaubare Gabarit ausféierlech optimiséiert gëtt? Oder ass wierklech pauschal gesot ginn, et ass méi einfach ofzerappen an nei ze bauen? Just de Käschtepunkt ass net richtig, well de Bau ass den 3. Pollueur mondial wat CO₂-Emissiounen ugeet. An dat heescht,

eppes wat do steet, fir ëmmer einfach sou ofzerappe fir eppes Neies, dat ass méi einfach natierlech, mee ëmweltméisseg gesinn net dat Allerbescht. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt just froen, déi 75% Subside vum Staat, kritt een déi dann och um Kafpräis oder just nëmmen um Bauprojet?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci fir d'Wuert. Ech soe lo net ganz vill, mee den Här Zuing hätt normalerweis hei lo de Mikro geholl an eppes gesot, a mir hate kuerz matenee geschwat. Well hie freet sech nämlech ausdrécklech, datt hei elo erëm 5 Logementer bäikommen, déi um leschte Stand sinn. Déi natierlech och intensiv gebaut ginn. Dat heescht, mir hunn eis jo och hei eens gesat, datt mer musse Bauland rationell gebrauchen a verbrauchen. Mee op alle Fall ass hien immens frou, datt elo eise Contingent rëm mat 5 Logementer méi grouss gëtt, an datt mir dat och konsequent maachen. Dat hu mer konsequent déi lescht Jore gemaach an dat weist och, datt mer konsequent an d'Zukunft sou plangen. An dat war e bësse säi Message, deen e wollt ginn an dat war meng Aufgab. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da géif ech mol virun allem dem Gemengerot Merci soe fir déi breet Zoustëmmung wat d'Acquisitioun hei ugeet. Ech probéieren, op déi verschidde Punkten anzegoen. Hei kréie mer natierlech e staatleche Subsid fir d'Acquisitioun. Engersäits, dat sinn déi 75%. An natierlech, wann een och hei abordabele Wunnraum duerno schaaft, da kritt een dat jo och subventionéiert vum Ministère bis zu 70%. D'Acquisitioun vum Terrain gëtt subventionéiert an de Bau selwer. Et sinn ëmmer déi zwou Situatiounen. Mir hate jo déi selwecht Situatioun och am Kader vun der Rue Nic Bodry, do war deselwechte Prinzip gewiescht. Par rapport zu der 1. Visitt, respektiv d'Expertis an dann och lo schlussendlech den Akt. Do muss ee soen dass d'Proprietärin och heiansdo hin- an hir gerappt war, well se och nach aner Offere virleien hat, vläicht och vu privaten Investisseuren an awer och schlussendlech decidéiert huet, der Gemeng dat heiten ze verkafen. An och am Kader vun der Utilité publique. Well si jo dann och eppes dovun huet um Niveau vun de Steieren, déi se manner brauch ze bezuelen. Dat war och eng Argument, wat hei matgespillt huet. Ech wëll hei den Äifer net bremsen wa gesot gëtt, dass et schnell soll virukommen.

Et dierf een net vergiessen, d'Gemeng ass en Acteur public. An egal, wat mer hei maachen, an ech mengen Dir sidd jo awer gutt placéiert hei als Membere vum Gemengerot, och wann Der sot, et muss zügeg virugoen, fir ze wëssen, dass een hei sou oder sou en Architekt muss dropsetzen. Dass mer hei an de Gemengerot musse komme mat engem Devis. Dass mer dat musse ausschreiwen an dass mer e Marché publics-Gesetz hunn. Dass mer hei net e Privaten hunn, dee baut. Dofir si mir hei an där Logik. An hei wëll d'Gemeng jo en Architekt dropsetze fir dann auszeschreiwen an och deementspriedend bauen ze loossen. Mee ech mengen dat sinn Etappen, déi mer och wëllen hei entspriedend

goen. Par rapport zum Renovéieren. Dir wësst alleguer, wa mer Projeten hei haten, wou mer Bestand renovéiert hunn, da si mer méi wéi eng Kéier heihinner komm fir och deementspriedend nozestëmmen. De Moment ass et eng Bi-familiale. Fir och déi entspriedend Renovatiounen ze maachen, effektiv si mer net ragaangen, well Leit dodra wunnen. Mee den Expert seet jo selwer a senger Expertis, an dofir ass et jo och gutt, eng Expertis ze hunn, wat den Zoustand vum Gebai ass. A mat där Explikatioun déi e gëtt par rapport zum Zoustand vum Gebai mengen ech ass et net en Incentive, fir ze renovéieren. Mee éischter de Contraire, fir et ze demoléieren a komplett nei opzebauen.

Wann et d'Méiglechkeet gëtt, fir 4 bis 5 Appartemen-ter, dat erlaabt eis de PAG, dat hänkt jo dann och e bësse vun den Dimensiounen of, mee dat ass jo nach ze kucken mam Architekt, dee mer dropsetzen, wéi vill Meterka-ree. Ech mengen do kann een eppes fannen tëschent Studio a méi engem groussen Appartement. Dat ass lo nach am Detail grad ze kucken. Mee fir ze kucken, wat ka lo déi maximal Baufënster sinn? An dofir ass éischter d'Ausrichtung dass mer hei éischter géifen an déi Richtung goen, eppes nei baue loossen, wéi am Bestand ze renovéieren, fir och dat Potenzial ganz rauszehuelen. D'Iwwerleeungen, déi hei gemaach goufen, déi kënne mer ganz gären dem Architekt, dee mer da chargéiere mat op de Wee ginn, fir och déi dote Variant ze préiwen. Mee wann een deem hei noheet, wat den Expert huet, an deen ass jo neutral a senger Appreciatioun, souwuel par rapport zum Präis wéi och par rapport zu der Evaluatioun vum Bien, an och zum Zoustand vum Bien weist awer an eng aner Richtung, an ech mengen et ass dann awer en Avantage, wa mer eng Expertis virleien hunn. Mee dat schléisst net aus, dass een aner Iwwerleeunge mat op de Wee kann huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER: Nach eng Fro: Wa mer lo en Architekt drop setzen, huelen ech jo un, dass mer dat mat engem privaten Architekt maachen an net mat eise Services. An dann ass d'Fro, muss dat eng Soumissioun ginn? Musse mer dat ëffentlech ausschreiwen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo. Dat wär am Fong de Wee, wéi bei villen ëffentleche Projeten, dass mer dann en Architekt dropsetzen an dat dann ausschreiwen, sou wéi mer all ëffentleche Projet, dee mer hunn, ëffentlech ausschreiwen. An da kann een, eng Entreprise, sech natierlech mellen, fir da fir d'Gemeng ze bauen. Dofir ass et och wichteg, dass mer ab initio sou vill wéi méiglech, vu dass et abordabele Wunnraum gëtt, och déi Krittären, déi mer am Kader vum PAL jo och definéiert hu vun der Harmonisatioun, dass mer och déi scho mat an de Cahier de charges mat eranhuelen. Well och dat ass en Avantage fir sou gutt wéi méiglech kënne de Präis ze halen, respektiv d'Chance vum Subsid sou héich wéi méiglech ze halen.

Ass de Gemengerot mat dëser Acquisitioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.8. Approbatioun vun engem Acte de vente mam Här Marc Hoferlin an der Madame Christiane Loschetter, Madame Karin Loschetter an Här Tom Loschetter fir en Terrain an der Lëtzebuergerstrooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da kënnen mer op den nächste Punkt weidergoen. Dat ass och en Acte de vente, dee mer hei maachen tëschent dem Här Marc Hoferlin, der Madame Christiane Loschetter, der Madame Karin Loschetter an dem Här Tom Loschetter. Hei geet et an der Lëtzebuergerstrooss ëm e klengen Accès, dee mer kënnen maache vun der Lëtzebuergerstrooss an de PAP A Bëlleg. En Deel, déi Parzell, déi hinnen do gehéiert. Dat sinn 0,76 Ar, et ass eng Liaison piétonne, déi do gemeet gëtt. Et ass och en Atout fir déi Leit, déi herno dohinner wunne kommen. A wéi gesot, mir hunn et beim Notaire gemeet, beim Här Versant, an dat sinn 0,76 Ar fir de Präis vun 38.000.- Euro. Contrairement zu deem viregte Projet ass hei net sou déi Schwieeregkeet. Do hu mer am November d'lescht Joer déi éischt Kontakter gehat, sou dass dat heite ganz schnell konnt zustane kommen fir dann den Akt och hei kënnen deementspriedend ze maachen. Dat zu den Ausféierungen, wat dës Wee ugeet.

Ass de Gemengerot heimadder averstanen? Ech géif ëm Handzeeche bidden. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

3.9. Approbatioun vun engem Acte de vente mat der Sociéité „CDBgest S.à.r.l.“ fir Terrainen an der Parkstrooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen an do gi mer an d'Rue du Parc. Do ass beim Parking vum Centre sportif René Hartmann, do maache mer d'Acquisitioun vun engem Terrain, wou och d'Gas-Station dorop ass. D'Situatioun, déi mer hei da regulariséieren. D'Gas-Station, déi jo souwuel den Hartmann, wéi de Biwer, Wolkeschdall an de Brill desservéiert. Wou mer virun allem am Kader vum Wanter brauchen. De Pellet-System wéi och de Gas-System brauche mer wa Problemer wiere mam Hëtzes. An do sinn eng ganz Rei Leit concernéiert an dëser Acquisitioun. Dat ass engersäits d'Partie venderesse déi sech aus alleguerten de Milliëmen zesummestellt vun der Kopropriétéit, déi do wunnt. Dat ass engersäits den Här an d'Madame Lusuriello, den Här Gomes an d'Madame Gomes, den Här Gentile an d'Madame Talarico, den Här De Jesus an d'Madame Gomes Fernandes, den Här Ridelle, den Här Latic an d'Madam Hamzic, den Här Fernandes de Oliveira, d'Madame Santos dos Reis, den Här Da Silva Leite an den Här Hentgen. Dat sinn am Fong d'Koproprietäre vun där Parzell, déi mat hire Milliëmen eis déi dote Parzell verkafen. Am PAG ass déi Parzell, wou se verkafen eng BEP. Et ass eng Zone de bâtiments d'équipement public. Dat sinn 0,46 Ar fir de Präis vu 40.852.- €. An et ass jo d'Gas-Station, déi do hir Utilitéit huet. Ech si jo virdrun drop agaangen, firwat se deementspriedend och do ass. An dofir och den Akt. Fir dass mer en bonne et due forme am Kader vun enger Utilité publique dat do kënnen drop stoen hunn. Dat sinn d'Explicatiounen déi ech gi par rapport zu där heiten Acquisitioun.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just froen, wat dierf ech mer do virstellen? Ass dat e Gas-Reservoir, deen do installéiert gëtt? An andersäits, gëtt et do net iergendwéi Seveso-Bestëmmungen, op déi ee misst oppassen? Ech sinn do net richteg au courant.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Neen, do brauch ee kee Seveso. Seveso hätt mer jo deelweis hei zu Diddeleng an den Industriezonen. Dat doten ass keng Seveso-Plaz. Dat ass eng ganz normal Gas-Station, wéi et och op aner Plaze Gas-Stationen ginn. Dat doten ass eng Gas-Station, wou d'Stad Diddeleng Propriétaire ass an déi mer brauchen am Kader vun der Exploitatioun vun der Cogeneratioun, wou mer jo op Pellets riwwergeklomme sinn a wou mer natierlech, am Summer ass de Problem vläicht manner, mee virun allem am Wanter, deemno wéi kal datt et ass a wann d'Pellets net géifen duergoen, brauch ee jo och nach d'Gasstation fir kënnen de Minimum vu Gas kënnen ze injektéieren an de System, fir dass er och d'Hëtzt kënnen behale bei dem Ganzen, sief dat Hartmann, sief dat Quartier Brill, sief dat de Wolkeschdall, sief dat Nic Biever, sief dat Servais. Dofir ass déi Gasstation och do.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Déi Gasstation, ass dat just e Reegler ugeschloss un eng Leitung oder ass dat e Gasreservoir, dee jo awer explosiv wier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass kee Reservoir, dat ass eng Reeglerstation. Dat ass fir den Drock, jo. Dat zu den Ausféierungen. Ass de Gemengerot mat dësem Akt averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

3.10. Approbatioun vun engem Acte de vente mat der bestueter Koppel André Ley a Rose Siedler fir Terrainen op dem Flouernumm „Bei Ribeschpontergriecht“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op Ribeschpontergriecht. Do hu mer hei den 30. September am Gemengerot eist Virkafsrecht gezunn. Dat waren 230.000.- €. Dat war jo gemeet ginn am Kader vun der Utilité publique fir Logementer. Dir wësst jo, do hate mer jo och d'Diskussioun, datt dat hei sech areit an e Plan directeur, wou nach aner Propriétaires do sinn, déi deen ausschaffen. An d'Suite vum Virkafsrecht, wann een dat zitt, ass och deementspriedend den Akt kënnen ze maachen. Dat ass och hei gemeet ginn den Akt, also tëschent dem Här Ley an der Madame Siedler, déi an der Rue des Saules wunnen an tëscht der Stad Diddeleng. Am Akt gëtt sech beruff op d'Virkafsrecht vum 30. September, wou de Gemengerot hei och guttgeheescht huet. A wéi gesot och d'Utilité publique, well mer eis hei am Kader vum Gesetz vun 1979 beweegen. Dat heescht mir formaliséieren hei, dat ass am Fong d'Suite logique vum Virkafsrecht, wou mer hei gezunn hunn. Dat zu dësem Akt.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNCK): Jo Merci. Effektiv, ech hu just eng kleng Fro, well hei validéiere mer jo just den Accord, d'Virkafsrecht hate mer jo scho ginn. Op deem ganze Stéck, do läit jo e Plan directeur. Ech wollt just froen, ob gewosst ass, wéi vill Propriétaires do am Moment betraff sinn? An ob et vläicht scho méi eppes Konkretes gëtt, fir do eppes ze maachen? Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wollt zimmlech dat selwecht soe wéi d'Madame Erpelding, si huet mer hei virgegraff muss ech éierlech soen. Ech wollt och froen, ob e konkrete Plang besteet, wat dorop virgesinn ass en place ze setzen? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt och an déi Richtung froen. Wou mer am PAG-Grupp geschafft hunn a wou mer hei de PAG virgestallt a gestëmmt hunn, do hu mer just d'Schéma directeurs bis 23 virgestallt kritt mengen ech, op alle Fall net iwwer 30. Hei si mer awer elo bei engem Schéma directeur 36. Ass et da méiglech, dass mer och déi aner Schéma directeurs, déi warscheinlech nom Festleeë vum PAG réischt opgestallt gi sinn, dass mer déi och scho vläicht eng Kéier zur Kenntnis kéinte kréien? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Ma ech probéieren an enger Kéier op déi dräi Froen dann ze äntweren. Also et ass jo effektiv am Kader vum PAG, wou mer hei e Schéma directeur ginn. D'Gemeng ass Proprietär vun enger Parzell. Ech weess, dass verschidde Parzelle schonn an der Vergaangenheet opkaaft goufen. Ech mengen Dir wësst, et ass e Plan directeur, e Schéma directeur, respektiv muss jo hei e PAP entstoën. Den Développeur, mir si jo hei mat Colotisseur als Gemeng mat eiser Parzell, hat scho Kontakter mat der Gemeng am Kader vun der Ausaarbechtung vum PAP. Dat heescht, deen Dossier do ass a Beweegung. A wann natierlech och eng Kéier de PAP sprochräif ass, do leien nach e puer Iwwerleeungen um Dësch, déi nach net ofgeschloss sinn. Da gëtt natierlech och de Gemengerot saisiéiert, fir kënnen de PAP presentéiert ze kréien, fir och kënnen guttzeheeschen. De Moment ass et e Prozess dee leeft, wou dann och den Développeur am Gaangen ass mat eise Servicer schonn e bësse méi un der Planung ze schaffen. Dat ass den aktuelle Stand. Dat ass dat, wat ech à ce stade mol ka soen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wéi ass et da méiglech, dass mer déi Schéma directeurs, déi mer am Kader vum PAG nach net gesinn hunn, dass mer déi eng Kéier ze gesi kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Normalerweis waren am PAG alleguer d'Schéma directeurs do dran.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et war awer kee 36 dran. Deen do war sécher net dran. Se si mengen ech bis 27, 28 gaangen, dat war Menkeswiss, a méi wäit ass et net gaangen. Tëscht 29 a 36 do hunn ech e Filmrass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech huelen dat dote ganz gäre mat. De Patrick schreift dat op, mir kucken dat. Et wonnert mech dass et net Partie intégrante war vum PAG, well am Kader vum PAG gi jo d'Schéma directeurs mat rageholl. Mir iwwerpräiwen dat doten a kënnen dat dote ganz gären lech zoukomme loossen. Ass de Gemengerot dann hei mat dësem Akt averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.

3.11. Gratis Cessioun vun Terrain un den Här Andy John Millim

3.11.1. Reclassement vun Terrainsparzelle vum Domaine communal public an den Domaine communal privé en vue vun hirer Cession gratuite un den Här Andy John Millim

3.11.2 Approbatioun vun engem Acte de Cession gratuite mat dem Här Andy John Millim, Terrainen an der Rue de la Chapelle

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op eng Rei Cession gratuite riwwer. Deen éischten. Do si mer an der Rue de la Chapelle. Do ass eng Cession gratuite, wou mer als éischt an zwee Voleten mussen huelen. Engersäits eng Émwendung vum Domaine communal public an den Domaine communal privé. An dann duerno kënnen mer d'Cession gratuite réischt virhuelen. Mir sinn hei an der Rue de la Chapelle. Do ass 0,23 Ar wou d'Stad Diddeleng dem Här Millim, d'Gemeng ass do Proprietär vum Virgäertchen an dem Här Millim dee gëtt, well mer och mam Noper eng änlech Cessioun gemeet haten. Dat war 2014, dat war am Kader vun der Situatioun, wou déi ganz Rue de la Chapelle deemools frësch gemeet ginn ass. Dat heescht, mir huelen hei dat no, wat deemools net gemeet gouf 2014. Dat ass dee selwechte Cas de figure. A fir deemools do dee Virgäertche riwwerzekeréien an den Domaine communal privé musse mer e fir d'éischt émwandelen, an da kënnen mer réischt den Acte de cession och maachen. Dir hutt d'Dokumenten och hei virleien. A wéi gesot, dofir maache mer dat och an zwou Kéieren. Voilà. Dat zu der Erklärung zu dëser Cession gratuite.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee Voleten averstanen? Engersäits Reclassement vum Domaine communal public an den Domaine communal privé. Sidd Der domadder averstanen? **Dat ass unanime.** An dann averstanen, dass mer dann d'Cession gratuite maache vum Stéck vun der Gemeng un den Här Millim? Dat ass den zweete Volet. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.12. Echange vun Terraine mat dem „Kierchefong“

3.12.1. Reclassement vun Terrainsparzelle vum Domaine communal public an den Domaine communal privé en vue vun hirem Tosch mat dem „Kierchefong“

3.12.2. Approbatioun vun engem Toschakt mat dem „Kierchefong“, Terrainen an der Rue du Commerce an der Rue Antoine Zinnen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da geet et weider. Da gi mer an d'Rue du Commerce. Dat ass mam Kierchefong. Do hu mer eng Cessioun. Do ass d'Stad Diddeleng, déi cedéiert dem Fonds de gestion des édifices religieux, also am abrégé de „Kierchefong“ eng Plaz, dat ass een Zentiar an der Rue du Commerce, an en Zentiar an der Rue Antoine Zinnen. Dat ass eng Valeur vun 100.- € an de Fonds de gestion des édifices religieux cedéiert der Gemeng an der Rue du Commerce 2 Zentiar, och an der Rue du Commerce 18 Zentiar, eng

drëtt Parzell an der Rue du Commerce 4 Zentiar an an der Rue Antoine Zinnen 11 Zentiar. Och dat ass eng Valeur vun 100.- €, also Wiessel vun 0,02 Ar op 0,35 Ar. An all Kéiers ass hei vu Säite vun der Gemeng d'Integratioun an d'Voirie publique. Dat zu den Erklärunge vun deem Echange vun Terrainen.

Ass de Gemengerot mat deenen Echange averstanen? An och do musse mer den Echange maache wat d'Gemeng betrëfft vum Domaine communal public an den Domaine communal privé an da kënne mer réischt den Echange maache vum privé an de Kierchefong. Wéi gesot, dat ass prozedural, dass mer dat och dann hei richtig iwwert d'Bün kréien. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Déi zwee? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.

3.13. Approbatioun vun Acte notariéë fir d'Acquisitioun vun Emprise

3.13.1. Sociétés „Vegueros Immo S.à.r.l.“ an „Chameleon Real Estate S.à.r.l.“, Terrainen an der Rue Jean Jaurès

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer riwwer op Acte notariéen. Do gi mer an d'Rue Jean Jaurès. Dat ass den Akt op 47 tèschent „Vegueros Immo S.à.r.l.“ an der Stad Diddeleng hei. D'S.à.r.l. vertrieben hei duerch den Här Caron an de Chameleon Real Estate duerch den Här Rollinger. Dat sinn 0,22 Ar fir de Präis vun 154.- € an och dat ass eng Place voirie, dat ass eng Utilité publique. Ech huelen se alleguerten zesummen duerch.

3.13.2. Bestuete Koppel Raoul Michel Wieland a Linda Kiggen, Terrainen an der Wuelmerengerstrooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann den 2. Akt, do si mer an der Wuelmerengerstrooss, en Akt tèschent dem Här Wieland an der Madame Kiggen an der Stad Diddeleng. Dat ass och 0,27 Ar fir de Präis vun 189.- €, och Integratioun an d'Voirie publique.

3.13.3. Propriétaire Storck, Marc-Glesener, Marc-Hoffmann, Marc a Jomé-Koster, Terrainen an der Rue Goethe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann deen drëtten Akt ass an der Rue Goethe. Dat ass tèschent dem Här Storck, dem Här Marc, der Madame Glesener an dem Här Jomé an der Madame Koster an der Stad Diddeleng. Dat sinn 1,26 Ar am Kader vun der Renovatioun vun der Rue Goethe och nach Place voirie, 1,26 Ar fir de Präis 882.- €.

3.13.4. Bestuete Koppel Jeff Merker a Sandra Stoltz, Terrainen an der Rue Goethe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass deen nächsten Akt. Do bleiwe mer an der Rue Goethe. Dat ass tèschent dem Här Merker an der Madame Stoltz, 0,43 Ar, fir de Präis vun 301.- €. Dat ass och Integratioun an d'Voirie publique. Dat ass en Deel vun der Rue Goethe.

3.13.5. Bestuete Koppel Alen Trubljanin an Erza Sabotic, Terrainen an der rue Dominique Lang

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer riwwer an d'69, rue Dominique Lang, do ass en Akt tèschent dem Här Trubljanin an der Madame Sabotic an der Gemeng Diddeleng. Dat sinn 0,30 Ar. Dat ass och Integratioun an d'Voirie publique fir de Präis vun 210.- €.

3.13.6. Société immobilière civile DACICI SCI, Terrainen an der Rue de la Libération

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann den nächsten Akt, do si mer 115 – 117, rue de la Libération, dat ass d'DACICI S.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Dacic, dat ass och d'Integratioun an d'Voirie publique vun där Plaz. Dat sinn 0,35 Ar fir de Präis vun 245.- €.

3.13.7. Här Jean Herrmann a Madame Christiane Lokcick, Terrainen an der Rue du Parc

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da si mer an der Rue du Parc op Nummer 95, dat ass tèschent dem Här Herrmann an der Madame Lokcick an der Stad Diddeleng. Dat sinn 0,25 Ar. Dat ass och d'Integratioun an d'Voirie publique. 0,25 Ar fir de Präis vun 175.- €.

3.13.8. Bestuete Koppel Alain Gubbini a Patricia Marie Théa Thill, Terrainen an der Rue de la Fontaine

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer, dat ass dee leschten Akt an der Rue de la Fontaine tèschent dem Här Gubbini an der Madame Thill. Dat sinn 1,85 Ar, dat ass carrément e Stéck vun der Strooss an dat ass 1,85 Ar fir de Präis vun 1.295.- € wou mer dat dann als Gemeng och kafen an och regulariséieren.

Dat sinn déi Akten, em déi et hei geet. Ass de Gemengerot mat deenen Akten, sou wéi se hei virgestallt goufen, averstanen? Si Froen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt eppes froen, et ass mer lo relativ kloer gi bei der Goethestrooss. Et ass jo gewosst, dass mer hei zu Diddeleng e puer Stroossen hunn, déi a Privatbesëtz sinn, a wéi et mer lo ausgesäit schéngt d'Tendenz vun der Gemeng jo dann ze sinn, fir lues a lues déi Saach ze regulariséieren a sech déi Stécker häppchersweis zesummenzesetzen zu engem Puzzle, fir dass d'Gemeng déi ganz Strooss herno huet. Gesinn ech dat richtig, dass dat de Wëlle vun der Gemeng ass, an zwar warscheinlech och net nëmme fir eng Strooss, mee fir all déi privat Stroossen, déi mer hei zu Diddeleng hunn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Dat ass ganz genau déi doten Approche. Dofir bezuele mer jo och 700.- € den Ar. Ech mengen dass dat en Incentive ass. Mir alignéieren eis och e bëssen do zur Politik, déi aner Gemenge maachen, respektiv de Staat, fir och en Incentive ze ginn. Mir iwwerhuele jo och d'Käschte vum

Akt. Einfach well mer historiesch gewuesse Situatiounen hunn, wou en Deel vun der Voirie publique, ob dat elo en Trottoir ass, ob dat lo eng Strooss ass, déi a privater Hand ass. A fir dat dann och da kënnen ze regulariséieren. Well et dann awer éischter op der Hand läit, dass d'Gemeng Gardien soll si vun der Voirie publique, fir dat dann och kënnen ze regulariséieren. Dofir hu mer dann hei subsequent ëmmer am Gemengerot sou Akte virleien, wou mer deem och resolut noginn. A wann och nach e klengen Incentive do ass, dee sech a Moossen hält, och dat en Incentive ass, dass d'Leit dann och der Gemeng hir Parzell verkafen.

Ass de Gemengerot mat deenen Akten averstanen en bloc? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

3.14. Approbatioun vun engem Devis estimatif fir den Displacement vum Salzsilu vum Site NeiSchmelz bei de Site Gas- a Waasserwierk

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer iwwer op den nächste Punkt, dat ass den Displacement vum Silo op NeiSchmelz. Dat hei hate mer jo och an de Budget dragesat, dass mer dat heite wëlle maachen. Et ass jo och sou, dass de Fonds du Logement am Laf vum spéiden Hierscht wäert mat de Sanéierungsarbeiten ufänken. Do lafe parallel schonn d'Prozedure vun den Ausschreibungen fir d'Sanéierungsarbeiten, respektiv fir d'Gebäudekosten ofzerappen. Dat huet natierlech och eng Implication op eise Silo. An dofir wäert deen dann och ofgebaut ginn an erëm opgebaut ginn a rëm opgebaut gëtt en natierlech um Gas- a Waasserwierk an der Beeteburgerstrooss. Fir dat awer kënnen ze maachen hu mer hei en Devis virleie vun 125.000.- €. Wann de Gemengerot haut déi Kreditter stëmmt, da kënnen eis Servicer där Saach do nogoen an et deementsprechend och maachen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also de Silo, dee kënnt elo an d'Beeteburgerstrooss. Ech wollt froen, ob en dann awer elo do bleift? An et war jo och mol eng Kéier gesot ginn, dass do wou an der Rue de l'Abattoir, do kéint de Service Gestion, Maintien et Patrimoine och iergendwann op d'Gebai vun de Pompeeën zréckgräifen, wann déi eng Kéier plënnere an en neit Gebai. Do wollt ech eng Kéier froen, wéi et do mat der Zäitschinn wär? An dann hu mer awer och eng Remark zum Salz. Et war jo net oft Schnéi a gefruer dëst Joer, awer déi puer Kéiere wou et gefruer war ass jo da gestreet ginn op de Spadséierweeër an op de Foussgängerweeër. Also d'Arbeitere ware super fläisseg, well vu lauter Salz huet ee kee Wee méi gesinn. Da huet ausgesinn, wéi wa se eng nei Maschinn hätten, déi awer wierklech massiv Salz do gestreet hätten. Ech wollt dat mol einfach nofroen. Well dat muss jo sinn aus Sécherheetsgrënn, do si mer jo och averstanen a mir fannen dat jo an der Rei. Mee et war awer deelweis souvill Salz, an d'Salz ass jo awer net grad gutt fir d'Ëmwelt, do wollte mer awer mol eng Kéier déi Remark hei maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Also wéi gesot de Silo, dee kënnt bei d'Gas- an d'Waasserwierk, dee kënnt net elo an d'Rue de l'Abattoir. Wat war Är éischt Fro? E bleift beim Gas- a Waasserwierk

stoen, et gëtt do net nach eng Kéier ofgerappt. Dat ass lo op alle Fall net virgesinn. An dee Projet, dass mer d'Gebäudekosten wou lo de CGDIS huele recuperéieren, dat ass nach ëmmer de Fall, eng Aktualitéit. Well à ce stade, déi lescht Reunión ass nach net laang hir, wou och mam Environnement war jo notament de CGDIS, dee jo Bauhär ass. Do si se sech och eens gi wat de Site ugeet, wou lo déi nei Pompeeskass soll hikommen. Dat ass jo bei der Husky. Do si se sech och eens ginn tëschent de CGDIS an der Ëmweltverwaltung wat d'Mesure compensatoire ugeet op deem dote Site. Ech mengen do si se op engem gréngen Zweig, sou dass deen doten Dossier ka weidergedriwwen gi fir deementsprechend do um Site de Projet och kënnen ëmzesetzen. Do waren eng Rei Elementer a punkto Environnement, déi hu misse geholl ginn, an ech mengen déi si geléist. Dat ass jo och ganz positiv.

Dat mam Salz, wéi vill gestreet gëtt a wou. Ech mengen ech ka just hei soen, dass et fir eis Mataarbechter ëmmer wichteg ass, dass déi Haaptachse propper sinn. Mir kréie jo och ëmmer Réckmeldungen vun de Biergerinnen a Bierger, ob dat elo ze vill oder ze mann ass. Oder vill ze vill oder wat soss. Déi doten Iwwerleeungen huele mer lo mol op a ginn déi un eis Servicer weider. Mee ech mengen dass do ëmmer e gewëssenen Usage virgesinn ass. Mee wéi gesot, ech huelen dat dote ganz gäre mat. Wou mer eisem Service dann, deene Jongen, déi dann Dag an, Dag aus, mueres, mëttes an an der Nuecht streeën, fir dass mer da mueres sécher op d'Arbeit kommen, ech huelen déi dote Remark mol mat.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Et war haaptsächlech op de Foussgängerweeër. Dat huet ausgesinn, dat war komplett bedeckt deelweis.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK. Mir huelen dat do mat. Merci.

Dan BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat deem heiten Devis averstanen?

Dat ass unanime. Da soe mer lech villmools Merci.

3.15. Provisoresch Approbatioun vum Compte administratif vum Exercice 2021 a Prise de position vum Schafferot zum Rapport de vérification vum Compte administratif vum Exercice 2021 vun der Direction du contrôle de la comptabilité communale vum Ministère de l'Intérieur

3.16. Provisoresch Approbatioun vum Compte de Gestion vum Exercice 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Approbation provisoire vum Compte administratif vum Joer 2021. Dee gëtt jo vum Schafferot opgestallt an de Compte de gestion vum Joer 2021, dee gëtt vum Receveur opgestallt. Do ass et jo sou, dass mer jo och de 24. Februar e Rapport kruten hei vum Service de contrôle vum Intérieur, deen och ëmmer dann heihinner kënnt an déi Saachen duerchkuckt. Deen huet a sengem Rapport deen een oder deen anere Punkt hei mentionéiert, ob dee mer och hei eng Stellungnam ginn an op déi ech dann och wäert agoen. Dat ass engersäits am Suivi

vun de Contrôles antérieurs. Do hate mer schonn eng Kéier eng Remark hei wat de Règlement-taxe ugeet, notamment wat d'Waasser an d'Ofwaasser ugeet fir den Horesca an de Beräich. Dat ass nach eng Kéier kontrolléiert ginn. Dat hate mer jo och am Gemengerot, no där Remark, déi mer d'leschte Kéier haten, wou mer dat och de 25. Mäerz 2022 regulariséiert hunn an och hei e Präis agefouert hu fir den Horesca-Beräich.

Da war eng Remark um Niveau vun de Recettes ordinaires wat d'Buchen ugeet vun de staatleche Subside fir den Enseignement musical fir d'Joer 2019-2020. Déi sinn un den Exercice 2021 rattachéiert ginn statt un den Exercice 2020. Mir huelen déi Remark en compte a kucken natierlech, dass mer d'nächste Kéier dat och richtig maachen, dass dat dann och richtig verbucht gëtt. Dann, bei den Dépenses ordinaires, do war e Member vun enger Kommissioun, déi Jetonen de présence kritt hunn am Kader vun enger Mission de Commission consultative. Wou effektiv d'Analys huet misse gemeet gi vun Dossieren, vun Travaux d'envergure. Do äntwere mer och drop, dass dat eng Exception unique ass, well effektiv do zimmlech vill Aarbecht war, fir do d'Dossiere vun der Kommissioun opzebereeden an dass och déi Aarbecht ausserhalb vun den normale Kommissiounssitzungen gemeet gouf. Déi Äntwert gi mer och hei dem Interieur, dass mer dorobber och en A halen.

Dann, Traitement, Indemnités et Salaires. Dat mengen ech war déi lescht Remark par rapport zum Klasement vun engem Salarié, deem 2019 e Changement de carrière kritt huet fir an d'Karriär V1 ze kommen am Kader vum Südaarbechterkollektivvertrag. Mee en hätt éischter sollen an d'V2 Karriär kommen. Dat huet och resultéiert aus enger Interpretatioun, wat de Changement de carrière ugeet, well en eng Promotioun kritt huet als Chef d'équipe. Dat war vun eiser Säit aus eng Erreur matérielle. Mir hunn do och déi néideg Dokumenter ginn an natierlech déi dote Situatioun regulariséiert op den 1. Januar 2023. Och seng Fiche carrière ass redresséiert ginn. Et muss een awer soen, dass duerch déi Erreur matérielle e bësse méi wéi 1000.- € dee Mataarbechter méi kritt huet a mir do och decidéiert hunn, dass dat natierlech net säi Feeler war, déi Erreur matérielle, mee eisen. Sou dass mer der Meenung sinn, dass en dat net brauch zrëckzebezuelen, well et jo net säi Feeler war. Dat par rapport zu der Stellungnam par rapport zum Compte administratif.

Da wollt ech nach drop agoen, dass de Kont, sou wéi en hei presentéiert gëtt, mir ware schonn eng Kéier am viiregten Gemengerot drop agaangen, dass mer hei dann ordinär Recetten hunn an Héicht vun 107,3 Milliounen Euro a Dépensé vun 91,8 Milliounen Euro. Am extraordinäre Beräich Recetten hu vu 4,9 Milliounen Euro, Dépensé vu ronn 30,01 Milliounen Euro. Dass mer vum Kont 2020 eriwwegeholl hunn 21,9 Milliounen Euro, sou dass mer da fir d'Joer 2021 en definitive Boni hu vu ronn 12,4 Milliounen Euro. An dat fënnt een dann déi Zuelen, aneschtens opgeschafft, souwuel am Compte administratif wéi och am Compte de gestion erëm. Dat zu den Ausféierungen, wat déi zwee Konten ugeet an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Burgermeeschter. Bon, natierlech, Dir wäert alleguerte gestaunt hu wéi mer den 3. Punkt gelies hu vun de Remarque vum Interieur zu de Commission consultativen „Lors du contrôle du compte administratif il a été constaté“ – do steet explizitt „des membres de la commission consultative avaient perçu des jetons de présence pour la préparation de travaux administratifs“. An Ärer Äntwert schreift Dir lo just „un membre“, an ech fannen do hu mer awer Recht op e bësse méi Detailler. Dir wësst ganz genau, wéi d'Positioun heibanne vun der Oppositioun ass. Mir fannen et net gutt dass alleguerten d'Kommissiounen als President just en LSAP-Conseiller zougeschwat kritt hunn, wat och bei dëser Affär so „ein kleines Geschmäcke“ soen déi Däitsch hannerléisst, ob do net awer e bësseleche Schmu gemaach gëtt. An ech mengen dat ass jo och hei sou festgehalen ginn. An dofir wär et am Sënn vu méi Transparenz an Dialog, a mir sinn alleguerten 19 hei fir eist Bescht ze ginn. A wann een och do insgesamt nach eng Kéier eng Ouverture géif maachen. Et ass net den Thema vun dësem Punkt.

Mee dat hei ass e bësseleche sou e kleng Fingerzeig vum Ministère, dass do vläicht awer Saache sinn, déi net sou sinn, wéi et sollt sinn, a vläicht och, well eeben och kee Contrôle do ass, well dat e bësse ëmmer à Huis clos ausgemaach gëtt, vu que dass do jo nëmme Leit vun enger Partei dobäi sinn. Dat dozou gesot. An do ass dann och guer net geschwat gi vun engem Remboursement. Wann do Jetonen accordéiert gi sinn, fir eng Analys vun Dossieren, do hutt Dir gesot „Travaux d'envergure“. Vu wat schwätze mer do? Do misste mer och schonn e bësse opgekläert ginn, ëm wat et geet. Well komescherweis ass beim Problem vum Traitement vun deem Employé, do kréie mer alleguerten d'Dossiere mat den Zifferen, mat den Échelonen a mam Numm asw. A komescherweis zum Punkt 3: Schweigen im Walde. Do wäre mer awer frou, wa mer nach e bësse méi Detailler krien. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci. D'Madame Kayser huet mer erëm mäin Text geholl. Et ass allhand haut. Vläicht misste mer eis awer heiansdo eng Kéier zesummesetzen an ofschwätzen. Also ech hu mech gefrot, ob et e Schreiffeeler ass beim Ministère, dass et ëm méi Jetone gaangen ass oder nëmme een. Ech weess et net. Ech si mol vum gudde Wëllen ausgegangen. Mee effektiv wär et scho gutt, e bësse méi Informatiounen ze kréien. Bei där Saach vun der Pai wëll ech einfach soen, ech fannen dat ganz richtig, dass deem dat net muss zrëckbezuelen. En plus datt et sech ëm 1000.- €, ech weess lo net méi genee, wéi vill Méint, mee vill Méint, méi wéi ee Joer handelt, also ass dat nëmme normal. Mee zu deem anere Punkt hätt ee scho gären e bësse méi Prezisiounen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Déi Gréng bedauere wéi all Joer, datt et keng Finanzkommissioun ginn ass fir d'Konte vum Budgetsjoer 2021 ofzeschléissen. Hei kéint ee jo dann och mol vläicht e Verglach maache mam Budget initial an och e bësse erklären, firwat da sou Ofwäichungen, déi awer net onweesentlech sinn, déi kéint een an enger Finanzkommissioun dann awer mol e bësse kucken. An natierlech och vun de Gréngen hei, d'Remark vun der staatlecher

Kontrollinstanz, do géif et eis nach ganz staark interesséieren, wat dat da fir „Travaux d'envergure“ waren a wéi e Member dann déi Jetone krut vu wéi enger Partei dat war. Ech hoffen net vun de Gréngen, mee et steet jo net do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ech muss lech dann enttäuschen. Et ass kee Member vun enger politescher Partei. Dach. Hat Der gemengt, et wär vun der LSAP? Och net. Vun de Gréngen? Och net. Vun der CSV? Och net. Vun deene Lénken? Och net. Den onofhängege Member? Och net. Also, Travaux d'envergure. Et geet hei am Fong ëm d'Subsidekommissioun fir d'Studenten. Wou ëmmer muss analyséiert ginn unhand vun den Dokumenter déi se raschécke par rapport zu de Subsidien, déi se kréien. D'Studenten, déi am Lycée sinn, respektiv déi, déi wou op der Uni sinn. Et geet hei ëm déi Persoun, déi hei bei eis am Gebai op der Gemeng schafft an d'Sekretariat vun där Kommissioun mécht. Déi och dann natierlech alleguerten déi doten Dossieren analyséiert. Also et geet ëm eng Persoun an net ëm „des membres“. Dofir hu mer dat och hei ganz kloer preziséiert fir déi Analys, déi effektiv am Detail muss gekuckt ginn. Well jo och gekuckt gëtt, wat de Montant ass, well een do Jetonen opgeschriwwen huet, wou de Contrôle gesot huet: Erkläert firwat. Dat ass e bëssen eng aner Situatioun hei gewiescht, wéi lo e classesche Rapport ze schreiwe vun enger Kommissioun. Mee et ass d'Analys vun den Dossieren, déi dann d'Studenten an d'Studentinnen eraschécke vum Enseignement secondaire respektiv universitaire.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass awer co-casse, well déi Damm, déi mécht dat jo an hiner Aarbechtszäit. Déi gëtt jo bezuelt. Do ass dann d'Fro: Firwat kritt déi iwwerhaupt Jetonen? Mir hu jo a verschidde Kommissiounen ëmmer Sekretariatsmemberen, déi och hei an der Gemeng ugestallt sinn. Wéi gëtt dat gehandhaabt? Kréien déi do en Extra-Jeton, wann déi an eng Kommissiounssëtzung kommen? Bon, d'Präsidenten jo, déi hu jo e Jeton zegutt. Mee als Sekretariatsaarbecht? Wéi ass dat genau gereegelt? A wéi ass dat dann am Gesetz festgehalen? An dann nach. Ech hat jo och d'Fro gestallt: Wéi ass et mat der Ristourne? A vu wéi engem Montant schwätze mer?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt eppes Änlechens soen. Ech weess net, wéi et lo gereegelt ass. Zu menger Zäit, wou ech nach hei geschafft hunn an och an enger Kommissioun war, huet e Sekretär, an et huet een dat ni ugefecht, e Sekretär huet säi Jeton zegutt. Ech mengen dat ass gereegelt, dee muss e Jeton kréien fir d'Presence an do gehéiert natierlech de Rapport dozou. An der Zäit, dat war sou en ongeschriwwent Gesetz, war een och agebadged. Ech hunn dat ëmmer e bësse komesch fonnt, an et schreift ee während der Aarbechtszäit de Rapport. Dofir gesinn ech och net wierklech an, wann een dann eemol d'Joer sou een Denge mécht, dass een do nach muss eppes dofir kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? De Montant, deen hat ech mer opgeschriwwen, mee ech fannen deen elo net méi

rëm. Ech hunn en elo net méi bäi Hand, ech kéint dat effektiv noliesen. Ech hat et opgeschriwwen bei der Preparatioun, mee ech weess et lo net méi. Ech ka gären noliwweren. Prinzipiell muss ee soen, dat ass ëmmer eng Diskussioun, déi mer hunn. Déi Kommissiounen, déi stinn a fale mat Beamten, déi sech bereet erklären, d'Sekretariat ze maachen. An do ass natierlech de Jeton en Incentive. Dat ass eng Realitéit, net nëmmen hei zu Diddeleng, mee a villen anere Gemengen. Wann de Jeton net ausbezuelet gëtt, och wann s de de Rapport während der Aarbechtszäit méchs, fënns de kee méi, deen iwwerhaupt déi consultativ Kommissiounen oprecht erhält. Ech mengen do si mer effektiv op d'Beamtinnen an d'Beamten ugewisen, fir dat och kënnen ze maachen. Dat ass eng Realitéit an dat ass a ville Gemenge sou, well et kann een och keen, keng Beamtin, kee Beamten, forcéieren, d'Sekretariat vun enger Kommissioun ze maachen, vun enger consultativer Kommissioun. An do ass de Jeton mengen ech ganz kloer e Bonbon, en Incentive, fir iwwerhaupt mol op de Wee ze goen, fir dann och d'Sekretariatsaarbecht ze maachen. Dat ass esou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma ech wollt just awer nofroen: Kréien déi de selwechte Jeton wéi de Member oder de selwechte Jeton wéi de President?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, e bësse méi.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wéi vill ass dat dann? Mee dat ass jo awer interessant.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat hu mir hei am Gemengerot gestëmmt. Ech weess net méi, wéi vill et der sinn, mee dat kënnt Der noliesen. Se sti souguer am Budget.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, also ech wollt just preziséieren, ech sinn absolut net géint de Jeton. Ech fannen dat och richtig. Oft huet dat och nämlech net direkt mat där Aarbecht ze dinn, déi ee mécht an et muss ee sech an de Sujet eraschaffen. Also ech mengen do muss ech awer schonn och soen, dass dat richtig ass, dat ass vum Gesetz virgesinn, dass dee Jeton e bësse méi héich ass wéi de Jeton vun deenen normale Memberen. Och dat ass richtig. Et ass indexgebonnen. Och dat streiden ech guer net of. An ech fannen et och OK, dass ee säi Rapport da während der Aarbechtszäit schreift. Et muss ee jo dann déi aner Saache méi séier ofschaffen oder wat weess ech. Ech hu just e Problem domat, wann een dann, wann een de Jeton kritt während der Aarbechtszäit mécht, an dann awer dat nach extra bezuelt kritt. Dat war éischer meng Interventioun, wou ech soen: Komm, mer loosse dat dach sinn. De Rescht, dat ass ganz OK an et ass effektiv schwierereg, Sekretären ze fannen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Patrick. Et waren ëm déi 2.000.- € ëm déi et sech handelt. Mir hunn dat jo och där concernéierter Beamtin matgedeelt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat ass eng Fro mat der Ristourne. Well mer lo hei extra de Punkt um Ordre du jour hunn duerno. Dispense de Rembourse-

ment fir deen aneren. Dat hunn ech hei gesinn. Séance du 10.3. Haut muss mer dat jo och nach stëmmen, wann ech dat richteg gesinn? Ass dat just Schäfferot? Mee da misst dat awer vun deem aneren och sou derbäileien. Et wär vläicht wéinst der Transparenz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wéi gesot, et ass e bësse méi Aarbecht gewiescht, wéi lo reng nëmmen e Rapport ze schreiwe vun enger Kommissiounssitzung. Dofir hunn ech och d'Erklärung hei ginn, ëm wat dass et geet. Dat ass net evident. Dat ass net e Rapport vun enger Säit oder vun annerhallwer Säit vun enger Kommissiounssitzung. Dat ass d'Analys vum Dossier. An Dir sidd jo all Kéiers dobäi, wann hei déi jeeweileg Schülerinnen a Schüler kommen. An de Prealabel dovun ass eng Analys vum Dossier, vun der Veraciteit vun den Donnéeën, déi rakommen. Also et ass e bësse méi wéi reng nëmmen e Rapport schreiwen. Nieft dem classesche Rapport vun der Kommissioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee et ass jo eng nei Sekretärin zënter kuerzem. Wéi war dat da virdu gehandhaabt ginn? D'Madame, déi dat lo mécht, déi ass nach net souvill Joer do dobäi. War dat dann ëmmer sou? Neen, neen. Also wéi ech an der Kommissioun war, war si nach net do. Dat ass nach net sou laang hir. Ganz sécher net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass awer schonn e puer Joer, wou si et mécht. Also ech kann den Numm lo net hei nennen. E Beamten, dee ka sech ni verdeedegen. Dofir wëll ech den Numm hei net nennen. Gutt, nieft all deene Remarken, Diskussiounen, muss mer hei awer e separate Vott huelen. Engersäits de Compte administratif. Dat ass jo da méi de politeschen Deel, dee gëtt vum Schäfferot opgestallt.

Wien ass mam Compte administratif averstanen? De Compte administratif ass dee vum Schäfferot. D'Stëmmen vun der LSAP an deem onofhängege Member. Wien ass dogéint? Dat ass Déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV an Déi Gréng. Gutt.

Dee selwechten Exercice fir de Compte de gestion. Dee gëtt vum Receveur opgestallt. Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci.

3.17. Extraordinär Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da géife mer op d'Subside riwwergoen. Dat ass e Subsid vu 500.- € fir d'Médecins du Monde. Dann ass et e Subsid vun 100.- € fir d'Île aux clowns. An dann ass et e Subsid vu 4.105,85.- €, dat ass den Alarmsystem vun de Peaux rouges. An do gi mer jo ëmmer 50% vun deem Montant, wou de Staat gëtt. An de Staat gëtt hei 8.211,70.- € a mir gi 50% vun der staatlecher Contributioun. Dat ass jo d'Logik, déi mer ëmmer hei bäibehalen. Dat zu de Subsiden. Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? **Unanime.** Da soen ech villmools Merci.

3.18. Approbatioun vun dem Relevé a Rôle supplémentaire fir d'Hondstax vum Exercice 2022



3.19. Approbatioun vun dem Relevé a Rôle vun der Hondstax vum Exercice 2023.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer hei op den Hondsrôle. Engersäits de Relevé an de Rôle supplémentaire vum Joer 2022. Dat ass e Montant vu 4.340.- €. Dat ass en Zousaz vun 124 Hënn, sou dass mer en Total hu fir d'Joer 2022 vun 1447 Hënn, déi hei enregistréiert sinn. Dat ass dann e Montant vu 50.645.- €. Wann een dat nach eng Kéier kuckt heescht dat, 1 Hond op 16 Awunner, déi mer hei zu Diddeleng hunn. An da gi mer op d'Joer 2023 eriwwer, do ass dann den éischte Rôle. Dat ass 47.530.- €, wéi gesot dat sinn dann 1358 Hënn.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee Rôlen à ce stade hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.

5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Approbatioun vun engem Changement bei der Organisation vum Fondamental fir d'Schouljoer 2022/2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer eriwwer bei den Enseignement fondamental. Do ginn ech dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, villmools Merci. Nach sou een e bësse méi schwéieren Dossier. Dir wësst datt, mir haten dat schonn an der Schoulkommissioun diskutéiert, Dir wësst datt mer Problemer hunn an der Lénkeschlei, wat d'Entrée an d'Schoulgebai ran ugeet. Do ass et sou, datt eigentlech am Projet selwer déi Zäit, wéi et geplangt ginn ass, d'Entrée ëmmer virgesi war laanscht de Portier do sollten d'Kanner ragoen.

Während dem Covid hu se dunn aner Entréeë fonnt, jiddwereen ass zu enger anerer Säit ragaangen. An iergend eng Kéier huet dat sech sou entwéckelt, datt d'Elteren iwwert dee Wee, dee laanscht d'Schoul geet, deen eigentlech geduecht ass fir en Trëppelwee, si se doriwwer ragaangen an hu se d'Kanner hannen am Schoulhaff ofginn. Dat ass alles schéin a gutt. Sou laang schéint Wieder ass, ass dat alles flott a jiddwereen ameséiert sech gutt. Si treffen sech. Et ass eng flott Ambiance. Bon, lo ass et awer sou, wann d'Wieder méi schlecht gëtt, da steet deelweis Waasser um Wee. An dat geet awer lo scho relativ laang hin a hir. Deen een ass dofir, fir vir eranzegoen, deen aneren ass fir hannen eranzegoen a mir hu probéiert, eng Léisung ze fannen, a mir sinn einfach net eens ginn. Elo hat ech d'Elterevertreieder. Do

war de Buergermeeschter dobäi, an och den Här Spina war do dobäi. Du hu mer déi empfaangen a probéiert, do eng Léisung ze fannen. Mir hunn eis du mat hinnen ofgeschwat an et ass e bëssen hin an hir gaangen, well d'Schoul awer seet: „Jo, mee dat mécht jo näischt. An et kann och e bëssen dreckeg ginn. An d'Waldschoul, do gi se och dreckeg.“ Dat krut ech mol gesot. Een, deen an d'Waldschoul gaangen ass, dee krut d'Schong och dreckeg. Gutt, hei si mer net an der Waldschoul. Well an d'Waldschoul bass de gaangen, wann d'Elteren et wollten. Hei bass de an enger Schoul: „Jo, do hues de misse Jo soen, well soss wäers De am Brill bliwwen.“ Sou war et déi Zäit an der Waldschoul. Do has de de Choix. Mee op alle Fall mat den Elterevertrieder do ware mer eis dunn eens, datt si natierlech weider kënnen, déi Kanner déi wëllen, hannen eragoen. Si solle sech am Schoulhaff treffen.

A mir haten am Fong als Gemeng proposéiert, mir géife vir Personal zur Verfügung stelle fir déi Elteren, déi net wëllen d'Kanner hannen am Schoulhaff ofginn, mee vir zur Entréesdier eran a mir géifen déi Kanner da begleeden an de Schoulhaff. Ma si hu lo e Plan de surveillance opgestallt. Dat muss elo duerch de Gemengerot, well dann hei och d'Schoul betraff ass. Do mécht dann zweemol de SEA den Accueil an zweemol d'Schoul vir raus. Ass flott, ass wierklech gutt gemaach, si hu sech vill Méi ginn. Just lo hu se och e Brëif erausginn un d'Elteren, wou se soen: „Voilà, wann Äert Kand vir erakënnt, da soll et sech umellen, datt mer wëssen, wie vir erakënnt.“ An och dat, da sinn erëm Elteren, déi domadder net averstane sinn. Sou datt mer eigentlech lo mussen e Choix huelen. A mir soten, OK, mir maachen dat elo sou. Punkt. Dee Wee soll frëschgemaach ginn. Den Här Friedrich weess dat. Soubal dee Wee frëschgemaach ass, dat ass jo also déi Surveillance och nëmme während der Iwwergangszäit, kënnen d'Kanner entweder vir eragoen oder hannen eragoen. Dat iwwerloosse mer dann de jeeweilegen Elteren. Voilà. Souvill dozou.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech sinn och an den Elterevertrieder dran. Et war wierklech e groussen Hickhack Josiane, wéi's De gesot hues. Et ass och elo sou, dat eent oder anert Kand, dat hat dann effektiv Bulli un de Box oder wat och ëmmer. Wann s de däi Kand dohinner ginn hues op deem kleng Wee, da war dat sou. Ech hat och heiansdo d'Schong dreckeg. Et huet mech awer elo net schrecklech gestéiert, well ech einfach denken, et ass jo am Fong kee Wee, dee geduecht ass fir duerch e Bësch ze lafen. Mee et ass och kee vu vir era geduecht fir normal. Wéi gesot, du kanns domat liewen. Et ass och esou, et war jo ni virgesinn, dass dee Wee soll benotzt ginn. Dat ass, wéi's Du gesot hues hei. Et war jo ëmmer eng Schoul, wou's de solls vu vir eragoen an och erauskommen. Et huet sech sou erginn duerch verschidde Situatiounen, dass dat sech op eemol dohi verlagert huet. Et huet e grouse Virdeel, dee kleng Wee, dass de am Fong do ra kënnst. Du hues méi Sécherheet direkt vu vir eran, well's de do direkt an de Schoulhaff kënnst. D'Surveillance ass méi liicht. D'Autoe parken op deene Plazen, déi och do ronderëm scho sinn, vill méi verdeelt. Dat ass alles vu Virdeel. Dofir fannen ech et gutt, dass weinstens eng Léisung fonnt ginn ass, dass op d'mannst en Deel, also déi, déi wierklech net wëllen, dass hir Kanner duerch dee Wee ginn, deen ass net

ëmmer knaschteg. Deen ass heiansdo knaschteg. Sou wéi haut, wann et gereent huet, ass e knaschteg. Dofir fannen ech et gutt, dass déi da kënnen do ran.

Et muss awer och gesot ginn, dass een, dee lo seet: „Ech gi vir ran oder raus“, dee muss dat dann och bis zum Schluss maachen. Et ass lo net esou, wann d'Sonn schéngt geet et hanne ran an wann et reent, geet e vir ran. Ech menge soss hu mer op eemol eng Situatioun, wou jiddweree mécht wéi e wëll, an ech mengen dat sollt jo och vermidde ginn. A bis dee Wee amenagéiert ass, ass dat doten eng Léisung, mat där jiddweree liewe kann. An da kann och kee soen, mä Choix ass net respektéiert ginn. A wéi gesot, och de groussen Deel vun de Leit, vun den Elterevertrieder an och vun den Enseignante war fir dee Wee bäizebehalen. An ech mengen dee Choix ass elo respektéiert ginn. A wat och wichteg ass, ech hat och schonn, well ech jo am Gemengerot sinn, hunn ech hinnen och gesot, et ass net méiglech, e Budget ze fannen, fir dee Wee direkt ze amenagéieren. Well du hues e Budget, deen s de muss respektéieren op enger Gemeng, dat ass esou. An du kanns net aus dem Näischt op eemol ee Budget organiséieren, dee seet, ma lo maachen ech och nach dee Wee gemittlech. Et kann net à la tête du client do gehandelt ginn. Hei ass lo eng Léisung fonnt ginn. Mat där kann, mengen ech, jiddweree liewen, dat Eenzezt, wat eebe muss gesot ginn, dee Wee, do muss ee lo vläicht keng Alternativ fannen, déi onheemlech deier gëtt, et soll jo awer ëmmer nach en Niewewe bleiwen. A wa mer och e bësse fir d'Natur sinn a bei d'Spillplaz kommen, da muss dat kee sinn, deen der Däiwe kascht. Mee et soll ee sinn, deen e bësse méi agreabel ass ze trëppelen, wéi dee wou lo ass. An ech mengen da ka jiddwereen domat liewen.

Et ass och wéi gesot lo kee Risenzenario. Et ass fir jiddweree lo e bësse méi Organisatioun. Dat do ass lo net de Plang, dee jiddwerengem vläicht an de Krom passt. Mee et ass awer eng Iwwergangsléisung, bis de Wee do ass. An ech mengen, et ass eppes gemaach ginn an ech mengen et ass dat, wat zielt. An de Choix ass méi oder wéineger bei jiddwerengem lo geholl ginn. An et ass och dat wat gutt ass. An dofir stëmme mer dat och mat, well dat am Sënn ass vun engem groussen Deel vun de Leit. Voilà, dat wollt ech dozou soen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Bon, also ech kennen dee Wee och. Deen ass sandeg a wann et reent, da kritt een och d'Schong e bësse knaschteg. Mee fir sou e Risenopwand ze bedreiwe fannen ech dann awer iwwerdriwwen. Ech mengen ech schaffe selwer an der Schoul. Ech weess, wat dat bedeit, wann een do muss op zwou Plaze souvill Surveillance maachen. An dann ass gesot ginn, d'Kanner kënnen lo entscheede wa se vir ragginn. Mee da musse se ëmmer vir ragoen. Mir hu lo Enn Mäerz, lo kënnst d'Fréijoer, lo kënnst de Summer, mee da ginn déi lo vir eran, well d'Elteren dat gär hätten an all déi aner, déi kënnen am Haff spillen hannenaus? Déi Kanner sinn net zefridden. Also mir fannen dat alles e bësse komesch. Sou schlëmm ass dee Wee net. An dann ass jo och: Jo, hätten een dat lo dann net awer kënnen e bësse rafistoléieren? Dass eeben net bei Reen souvill Pill do wäeren. Well dat do zitt sech awer lo. Well wann dat réischt fir d'Budgetsjoer 2024 virgesinn ass, da leeft déi Surveillance do prak-

tesch e Joer géif ech mengen. An e sou e Risenopwand, nëmme well een do e bëssen d'Schong knaschteg kritt, also ech mengen zwar net. Also fir e Signal ze gi wollte mir dat eigentlech net matstëmmen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNKE): Merci. Jo mir haten dat do e Mëttwoch an der Schoulkommissioun länger an zimmlech kontrovers diskutéiert. Ech fannen dat och alles e bësselche komesch. Also bon, ech gleewen, dass d'Leit reklaméieren. Et huet een ni, egal wat ee mécht, 100% d'accord an et sinn ëmmer Leit, déi mat eppes net zefridde sinn. De Wee, do ass da vläicht heiansdo e bësse Bulli. Ech weess och net, firwat d'Elteren da mat do mussen erofgoen, well et ass e klenkt Stéck ze goen. Mee et gesäit een. Et ass awer riicht, et ass net laanscht eng Strooss, an et gesäit ee säi Kand bis un de Schluss. Also wann d'Mamm oder de Papp d'Schong net wëlle knaschteg kréien, da kann een awer d'Kand gesi bis hannen, bis et ëm den Eck geet. An d'Kanner hunn nu mol d'Schong knaschteg, och wa se net iwwertdeen dote Wee ginn. Wa se aus der Schoul komme si se oft méi knaschteg. An et ass jo och net all Dag. Ech fannen awer, wat och zu Recht gesot ginn ass. Hei ass dann awer Schoulpersonal, wat aner Saachen ze dinn hätt, wéi an zwee Schoulhäff ze stoe fir dat do ze organiséieren. A jo, ech sinn dann emol gespaant, wéi et lo geet. Effektiv, lo kënnt déi Zäit, wou schéi Wieder ass. Also ech wëll lo kengem hei ënnerstellen, dass en net dat anhält wat e verspricht. Mee eigentlech misst lo opgeschriwwen a gekuckt ginn, dass déi, déi een opgefouert hunn, dass déi awer elo och ëmmer an all Dag, d'ganzt Fréijoer an de ganze Summer vir eraginn.

An ech gesinn et kommen, dass Léierpersonal vir steet a se d'Kanner awer hanne ragoen loossen. A wie seet dann eppes? D'Léierpersonal ka se jo dann net do opfänke goen a soen: „Hei komm, Du kënns elo hei eran“. Also ech fannen deen Opwand do immens grouss, ech verstinn dass dat problematesch ass, wann een am Schafferot ass an et ruffe Leit un, an et schécke Leit Fotoen. Dat schéngt jo zimmlech schlëmm gewiescht ze sinn. Obwuel, wann ech sou héieren, et schéngt schlëmm gewiescht ze sinn. Mee wann ech dat richteg héieren hunn, geet et ëm 3 Famillen, 3 Leit. Oder vläicht e puer méi. Mee et geet net ëm 50 Leit oder esou. Wa mer dann all Kéiers wann ee fäert, d'Schong knaschteg ze kréien, op verschiddenen Deeg musse sou een Opwand maachen, fannen ech dat awer... Ech fannen et schéin, wann een de Leit entgéintkënnt, mee et kann een net ëmmer alle Leit entgéintkommen. An ech fannen dat awer lo wierklech net ganz glécklech.

Ech weess net, ech kennen näischt dovun, ob dat méiglech wär, lo einfach do e bësse Kräsi opzetippe bis et net méi souvill reent. Well bon, ech muss et dann awer soen, och wann et net heihinner passt. Mir hunn an der Schoulkommissioun geschwat, den Däich, déi froe scho laang e Poller an der Strooss. Ech weess, dass och dat net einfach ass ze decidéieren. Wou setze mer deen? A setze mer deen? A wéini ass dee rop? Mee ech mengen dat wär e Sujet, wou ee sech misst domat beschäftegen. Well do, wann do eppes geschitt, da gëtt e Kand iwwerrannt. An dat ass iwwerrannt oder ugestouss oder verletzt, ass ëmmer nach vill méi schlëmm wéi knaschteg Bullisschong. Also ech wäert dat hei och

net matdroen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Absolut richtig, wat d'Thessy gesot huet. Mir stëmmen et awer mat an zwar aus där Ursaach, well et eng Propos ass, déi aus der Schoul eraus kënnt. Well de Comité de l'école Lenkeschléi dat proposéiert huet. Dat ass eis Argumentatioun. Dat ass wéi de Jemp gesot huet. Si hunn dat zesumme mam Elterecomité, mat der Schoul, mat de Schüler decidéiert. Awer och, mir stëmmen et mat aus där Ursaach well et nämlech eng demokratesch Propos ass, an dat soll een dann och respektéieren. Du wëlls jo mat de Leit zesumme schaffen. Mir hunn awer och e bësse Bauchwéi dobäi. Et ass genau, wéi d'Thessy seet. Net dass mat zweeërlee Mooss gemooss gëtt. Hei geet et ëm knaschteg Schong. A genau déi Saach mam Poller wat s De gesot hues, wollt ech och nach erwänen. Do geet et ëm d'Sécherheet. Mir hoffen dass och an aneren Decisiounen de Schafferot dann och so schnell ass wéi lo hei fir dës Decisioun ze huelen. Voilà.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Majo ech soen dann eppes zum Däich. D'Madame Erpelding huet et selwer gesot, et ass net sou einfach. Well wann et sou einfach wär, dann hätte mer warscheinlech éischter schonn eng Léisung do fonnt. Dat ass keng Strooss, wou nëmme eng Schoul ass, dat ass eng Strooss, wou och Leit wunnen. A wa mer jo hei alles muss mat de Leit an zesummen diskutéieren, da wësst Der, datt mer scho ganz laang domadder am Gaange sinn. An deen Här, deen dat an der Schoulkommissioun bruecht huet, dee weess dat och. Well et ass net déi éischte Kéier datt hien oder iergend en aneren domadder kënnt. A wann et sou einfach wär, da wär d'Iddi bestëmmt och scho vun eis komm a mir hätte se scho ganz laang realiséiert. Mir sinn nämlech am Gaang drun ze schaffen. Mee fir se kënnen ze realiséieren, geet et net, fir einfach ënnen an d'Strooss e Poller ze stellen oder e Schëld ze stellen an dann zu 50 Awunner ze soen: Dir fuert elo net méi hei erop wann d'Schoul ugeet oder wann d'Schoul aus ass.

Dat si genau sou Biergerinnen a Bierger wéi Dir a mir alleguerten, déi musse moies schaffe goen, déi eventuell Schichte schaffen, a mir kënnen déi net ploen, well eenzel Leit sech net u Gegebenheeten halen an net wëllen, datt hir Kanner 5 Meter zu Fouss an d'Schoul ginn a menge se misste se an de Klassenall bréngen. Well dat do ass nämlech genau dee Fall. An dee Fall, dee gëtt et net nëmme um Däich, dee gëtt et a ganz ville Schoulen. An Dir wësst, mir hu ganz vill Schoulen och op Hauptstroossen. Da maache mer lo d'Hauptstroossen zou well eenzel Leit sech net kënnen un d'Reegele vum Spill halen a fäerten hir Kanner kiten d'Féiss knaschteg, wa se géifen de Bierg eropgoe bis bei den Nosbaum-Terrain. Also do hält et bei mir op. Ech sinn op enger Hauptstrooss an d'Schoul gaangen. A kuck do, ech si 50 Joer al ginn, ouni datt meng Féiss ze vill knaschteg waren an ouni datt ech iwwerrannt gi sinn. An nach eng Kéier, mir sinn do drun. A wann et sou einfach wär, da wär dee Poller scho laang do. An dat wëssen déi, wou et gefuert hunn alleguer.



JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Just fir e bëssen ze calméieren. Ech hunn dat an der Schoulkommissioun gesot, ech fannen dat lo net gutt, datt Dir dat hei net sot. Ech hunn e Méinde Rendez-vous do uewen. Mat den Elteren. Mir ware schonn e puer Mol do. Ech ginn dem Claudia Recht, sou séier geet et net. Mee si wëssen awer ganz genau, datt mer am Gaange sinn. An et ass net sou ze soen, Dir maacht näischt. Ech wëll awer elo nach eng Kéier op d'Lenkeschléi zrëckkommen. Also ech mengen ech war 7 Mol do uewen. Mat de Servicer, ouni Servicer, moies, mëttes an owes. An et ass eigentlech eng flott Beschäftigungstherapie. Ech war oft an Diskussiounen mat Elteren, mat Léierpersonal, mat, mat, mat. Dee Wee, an ech soen et nach eng Kéier, dee war ni geduecht, fir datt d'Kanner sollen iwwert den Wee an d'Schoul goen. Dat war vun Ufank un net de Plang. Ech soen lech och firwat: Den Tom Schroeder, wou deen higaangen ass a mir d'Plaz virun der Schoul proposéiert huet, wéi déi soll ausgesinn, du waren do e ganze Koup Parkplazen op der Plaz virun der Schoul.

Du hunn ech gesot: Dat kënnt op kee Fall an d'Tut, datt mir hei Parkplazen op där Plaz maachen. Dat soll d'Plaz sinn, wou d'Eltere sech begéinen, wou d'Kanner an d'Schoul raginn, a lo gi se hannen eran. Also ech kann awer net alles virausesinn. Ech weess, dee Wee ass net an der Rei, an da seet een: Oh, et ass nëmmen heiansdo, wou e knaschteg ass. Jo. Mee de Moment si schonn 18 Kanner ugemellt, fir vir eran. Also et kann een net soen, et sinn der nëmmen 3, et sinn der 18. Ech ka mech och all Moies mat enger Pancarte dohinner stelle goen, fir datt jiddwereen et versteet. Mee ech wëll einfach hei soen: Hu mir keng aner Problemer, wéi an enger Schoul, wou alles, an ech soen et nach eng Kéier, mir hunn hei en inklusiivt Schaffen. Wann ech schwätze vun inklusivem Schaffen, dat heescht, du hues net nëmme moies virun der Schoul, wäit virun der Schoul, e Schoulmeeschter do, mee och nach Personal aus der Maison Relais. Dat ass déi glécklechste Situatioun, déi mir hei an Diddeleng hunn. Well normalerweis kënnt d'Personal vun der Maison Relais wann déi aner heemginn.

Also dofir soen ech: Wannechgelift, mir maachen hei en Opwand, deen net ech gewollt hunn. Fir eppes, wat eigentlech ganz einfach kënnt ze léise sinn. Well d'Elteren hunn d'Responsabilitéit bis d'Kand an der Schoul ass. Ob dat Kand elo vir zur Dir rageet oder hannen zur Dir rageet ass eigentlech am Endeffekt egal. Dee Plan de surveillance, dee wollt si. Ech hu gesot: OK, ech kann domat liewen. Mir hunn eng fair Propos gemaach als Gemeng. Dat ass alles, wat ech dozou nach ze soen hunn. Déi Leit, déi lo sech ageschriwwen hunn,

déi mussen och domat liewen, datt se vir raginn. Vläch kënnt do eng Erkenntnis eng Kéier tëschent Personal an Elteren. A mir maachen de Wee frësch. Ech wëll just zum Wee soen, mir wollten deen ënneschten Deel frëschmaachen, deen aus der Lenkeschléi rop geet bis bei d'Spillplaz. Eleng dat kascht 70.000.- € deen Deel. Et ass e klengen Deel vum Wee, well dee muss jo waasserduerchlässeg bleiwen. Also wéi gesot, dee Budget, dee rësele mer net einfach sou aus dem Aarm. Ech hoffen, datt elo déi Diskussioun mat deem Wee do dann eriwwer ass. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER:

Merci Josiane. Merci fir d'Diskussioun an déi néideg Erklärungen. Affaire à suivre. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. **Wien ass hei mat deene Changementer averstanen an der Schoulorganisatioun? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV an eise onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an déi Lénk.**

6. PERSONAL

6.1. Creatioun vun engem Vollzäit-Salariés-Posten, Concierge, Artisans-Karriär (Karriär H3) (Service Conciergerie mobile)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER:

Hei ass d'Creatioun vun engem Concierge-Posten als Salarie an der Karriär vum Artisan, d'Karriär H3 vum Südaarbechter-Kollektivvertrag. 40 Stonnen d'Woch ab dem 1. Abrëll 2023. Dat geet virun allem fir Concierge an eise Hall polyvalent. Ech mengen do gesäit een am Alldag, wéi dee virukënnt an de Beetebuergerstrooss an do ass et dann och wichteg, dass mer dee mat engem Concierge besetzen. Et ass en neit Gebai, an dofir och hei d'Creatioun vun deem Posten, fir och deem kënnen nozoege vum Hall polyvalent.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci. Natierlech si mer prinzipiell ëmmer d'accord mat enger Création de poste. Dat ass guer keng Diskussioun. Ech hu just eng Fro, well d'Deliberatioun ass am Fong am Widdersproch mat der Deliberatioun, déi mer bei Punkt 4.4. haten. Hei steet elo: „Création pour affecter au hall polyvalent“. An am 4.4. steet an der Deliberatioun: „n'est plus opportun, d'affecter un agent uniquement à la conciergerie pour un immeuble dédié“. Fir mech ass dat e Widdersproch. Dat eent heescht, mir setze flexibel d'Conciergen an, an hei setze mer awer ee prezis fir e Gebai an. A wann et een ass, da stellen ech mer d'Fro, ob een duergeet. Oder gëtt deen eeben ersat aus engem Pool? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci. Et war e bëssen déi änlech Fro. Ob dee Posten dann an de Pool erageet? An dann ass interessehalber vläch awer net oninteressant ze wëssen, wéi vill Conciergë mer hunn? An doraus ergëtt sech warscheinlech och, dass mer eist Personal de nettoyage mussen opstocken. A wéi vill ass dat ugeduecht, oder wéi gëtt dat ausgerechent? Dat war just eng Fro.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Ech wollt an deem Kader vun deem Poste just nofroen, wéini den Hall opgeet? Ob do schonn eng Zäitschinn ass? Wéi eng Veräiner do kéinten eraplënnere? Mir wësse jo, dass de Sportsmusée do wäert rakommen. Da warscheinlech och de Gaart an Heem. An ech war op der Generalversammlung vum Schachclub. D'Madame Dall'Agnol war och do. An do war d'Demande opkomm, ob si och kéinten en neit Doheem kréien am Hall polyvalent. Jo, ech muss soen, ech war déi éischte Kéier am Hild um 1. Stack, an effektiv, den Hild bannen an, dat ass net méi ganz zäitgeméis. Ech wollt mol einfach hei och dee Wonsch eng Kéier mat rabréngen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bon, lo si mer an engem komplett aneren Szenario. Mir schwätzen hei iwwer d'Kreatioun vun engem Posten an elo komme mer dobäi, wat d'Besoinen vun de Veräiner sinn. Dat sinn deux paires de manches. Da kënne mer iwwer alles an näischt schwätzen. Dat ass um Ordre du jour, an ech wollt awer beim Ordre du jour bleiwen. Dat anert kënne mer sécherlech herno nach gären diskutéieren. Well soss kënne mer all Diskussioun immens wäit opmaachen. Par rapport zu deem, wat d'Madame Erpelding an d'Madame Kayser gesot hunn. Bon, ech hu mech verstanen, mee vläicht hunn ech mech falsch ausgedréckt. Mir schafen hei e Posten, dee kënnt an de Pool eran. Mee d'Argumentatioun fir de Posten ze schafen, dat ass dass den Hall polyvalent, dass déi Infrastruktur dobäikënnt. Ech hu mech verstanen, mee ech hu mech vläicht falsch ausgedréckt an dofir wollt ech dat hei kloerstellen. An nach eng Kéier Merci, dass Der hei d'Fro och gestallt hutt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Am Text steet explizit: „Il s'avère nécessaire d'y affecter un concierge“. Oder „d'augmenter le pool des concierges“. Dat wär vläicht méi logesch. An d'Fro eeben: Wéi vill hu mer der? Dat war nach eng Fro vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat kënne mer noschécken. Et wäerte 7-8 Stéck sinn, déi an deem Pool sinn. Mir kënnen lech dat noliwweren, déi genau Zuel. Ech mengen, dann hätt ech dat par rapport dozou gesot. Just nach vun der genereller Orientatioun vum Hall polyvalent. Et ass en Hall polyvalent an en ass natierlech net nëmmen do fir eng fest Affektatioun ze hu vu Veräiner, mee e soll vu sou vill wéi méiglech Veräiner genotzt gi wa se Aktivitéite maachen. Ob dat lo eng Versammlung ass, ob dat elo eng Generalversammlung ass, eng Comitéversammlung oder e Kongress oder mol fir privat Zwecker. Dat si generell Orientatiounen. Dat hu mer jo och an der Presentatioun hei, wéi mer de Projet op d'Rieder gesat hunn, och ëmmer gesot.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Well d'Madame Heinen sot, mir waren zesummen op där Generalversammlung vum Schach. An den Dag drop schonn huet eisen Ingenieur mam ale President an och mam neie President telefonéiert, fir e Rendez-vous ze maachen, fir all hir Doleancen, déi se do am Sall hunn unzekucken. Merci. Ass de Gemengerot mat där doter Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci.

6.2. Allocatioun vun enger Indemnitéit un d'Fonctionnairen, déi mat der Preparatioun an der Organisatioun vun de Gemengewalen vum 11. Juni 2023 chargéiert sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer och op den nächste Punkt iwwer, dat betrëfft och d'Personal. Et ass jo sou, den 11. Juni si Gemengewalen an do hu mer natierlech och Beamten, déi zousätzlech Aarbecht maachen fir dee ganze Volume kënnen ofzewéckelen an der Organisatioun vun de Gemengewalen. Virun allem administrativ Aarbecht. Dat sinn am Fong 3 Beamten aus dem Office des citoyens fir d'Travaux préparatoires an d'Organisatioun. Dat wär dann eng Indemnitéit vun 180.- €, Index 100. An ee Fonctionnaire vum Gemengesekretariat. Et ass jo all Kéiers ëmmer d'selwecht bei Walen, et sinn ëmmer déi selwecht Fonctionnairen, respektiv Employéen, déi beträff sinn. Do ass dann eng Indemnitéit vun 170.- €. Dat ass jo och dat, wat am Gemeindebudget virgesinn ass.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Also prinzipiell sinn ech jo eigentlech dogéint dass Fonctionnaire fir eppes, wat se während hirer Aarbechtszäit maachen, wou se jo dann net hir richteg Aarbecht maachen oder aner Leit hir Aarbecht mat maachen, do sinn ech éischter dogéint. Och wann ech heiansdo vläicht selwer do ka beträff sinn am privaten. An deem Fall gesinn ech et awer e bëssen anescht. Éischters ass et elo net nëmmen een, et sinn der net nëmmen zwee, mee et sinn déi dräi aus dem Biergeramt. Well ech hu jo ëmmer argumentéiert, déi aner, déi muss jo déi Aarbecht mat maachen, déi net gemaach gëtt. Et sinn der dräi. En plus mengen ech ass d'Situatioun eng relativ nei. Et si Leit, déi sech mussen nei schaffen, déi d'Walen nach net organiséiert hunn. An en plus sinn dat anert nei Mataarbechter am Biergeramt, déi och nach net sou ageschafft sinn. Dofir kann ech dann dës Kéier dat awer mat guddem Gewësse matstëmmen. Merci. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deenen Indemnitéiten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.



7. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER:

An da komme mer u Froen, déi mer kritt hu vun deene Gréngen, da géif ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci Här Buergermeeschter. Jo, effektiv hu mer dräi Froe vun deene Gréngen un de Schäfferot rakritt an ech géif déi dräi Froen da kuerz a prezis, wéi Dir mech kennt, beäntweren. Déi éischt Fro ass: Am Pressecommuniqué vum 28. September an 20. Oktober 2022 sinn d'Energiespuermoosname vun der Gemeng Diddeleng matgedeelt ginn. Am Communiqué vum 20. Oktober 2022 stoung et, datt d'Mesurë vum 1. Dezember un ugeholl ginn. Eng vun de Mesure war d'Ausschalte vun der Stroossebeliichtung an der Nuecht tëschent 2 a 5 Auer. Ass dës Mesure ëmgesat ginn? Wann dat net de Fall ass, kann de Schäfferot eis d'Ursaach matdeelen? Bon, déi Mesure ass net ëmgesat ginn. Dat huet Ursaachen am administrativen an am technesche Beräich. An ech gi just ganz kuerz am Telegrammstil oder chronologesch drop an, wéi dat zustane komm ass. Effektiv hu mir de 26.

Oktober eis Demande gestallt fir eis Belichtung kënnen tëschent 2 Auer a 5 Auer nuets auszuschalten. Dat hu mer net beäntwert kritt. Réischt nom Nohake vun eise Servicer hu mer de 14. November dann eng Äntwert kritt, dass se dat net wëllen, mir sollen eis un déi national Campagne hale vun 1 bis 5 Auer. Doropshin hu mir dat dann och ugeholl sou. Mir hunn nach eng Kéier e Courier gemaach u Ponts & Chaussées, dass mer domat d'accord sinn. Dat war dann den 29. November. An du hu mer dann och vu Ponts & Chaussées e Courier kritt, dass se domat d'accord wäeren, dass mer dat sollte sou maachen. Du hu mer natierlech och eng Lëscht mat dobäi kritt vu Ponts & Chaussées mat all deene Mesuren, déi mer müssen am Virfeld huelen, fir dass dat kann ëmgesat ginn. Dat heescht, mir hunn eng Lëscht mat lauter Wënsch, Opfuerderunge kritt. Ënner anerem hu mer missen all eis elektrësche Këschten nominéieren, wou se sinn a wem se gehéieren, ass et Ponts & Chaussées, ass et CREOS, ass et Gemeng. Du hu mer dat alles erageschéckt gehat. Du hu mer dann och erëm eng Äntwert kritt vun hinnen, si géifen dat u CREOS weiderginn. CREOS huet dunn eis matgedeelt, dass do e ganze Koup technesch Mesuren an deene Këschte musse virgeholl ginn. Wéi z.B. dass e Smart Meter muss agebaut gi fir kënnen déi Ëmschaltung ze maachen. Mee déi Aarbechte kéint een net vun haut op

muer maachen, do misste mer eis e bësse gedéllegen an hire Pronostic war den 30. November, dass mer dat Enn Januar 2023 kéinten envisagéieren. Envisagéieren! A wa se da géifen ufänken hu se eis matgedeelt, da géif dat awer nach 3-4 Deeg op d'mannst daueren, éier alles fäerdeg ass.

Dat hu mer dann Enn Januar matgedeelt kritt an du huet de Schäfferot decidéiert ufanks Februar: Gutt, dat war et dann. Du hu mer gesot, mir géifen op déi Mesure do verzichten, well de ganzen administrativen an technesche Volet, dee war sou zäitopwänneg, dass mer du schonn am Februar waren an et ass nach näischt geschitt. A vu dass d'Campagne jo sollt den 1. Dezember lassgoen an d'Mesuren och sollten direkt gräife war dat heite Moutarde après dîner. An du hu mer da geschriwwen, vun der Verifikatioun, déi se gewënscht hätten an och vun der Faisabilité an och d'Installatioun vun den technesche Moyenen, do huet dat véier Méint gedauert. Du hu mer hinne geschriwwen, dass mer do da géife renoncéieren op déi Ëmschaltung vun der ëffentlecher Beleuchtung.

Déi zweet Fro war dann: Den November 2020 goufen 10 Äschebecher MéGO opgestallt. De 4. Juni 2022 ass d'Campagne zéro mégots zu Diddeleng gestart ginn, an et koumen nach 5 Äschebecher am ëffentleche Raum derbäi. Wat sinn d'Resultater vun dëser Campagne? Gëtt dru geduecht nach zousätzlech MéGO Äschebecher uechtert Diddeleng opzestellen? Ass scho Mobilier urbain aus deene recycléierte Filteren opgestallt ginn? An der Lafzäit vum 1. Oktober 2020 bis den 30. September 2021 goufen insgesamt 19,5 Kilo Zigarettentëmp agesammelt. Dat entsprécht enger Zomm vun 78.000 Zigarettentëmp.

An dann d'Lafzäit vum 1.10.2021 bis den 30.9.2022 goufen 21,9 Kilo Zigarettentëmp agesammelt. Dat entsprécht enger Zomm vun insgesamt 87.440 Zigarettentëmp.

Dir gesitt, dat war eng kleng Hausse par rapport zum éischte Joer. Donieft hu mer awer wëlles am Quartier NeiSchmelz an och nach op aner Plazen hei zu Diddeleng nach där MéGOen opzesetzen, iwwerall do, wou opfälleg vill Zigarettentëmp um Buedem leien. A wou kommen dann déi Saachen hin? Zousätzlech hu mer dann heiansdo an de Bistroe mobil Äschebechere verdeelt gehat, d'Cliente kënnen déi dann an d'Täsch huelen a sech dann deplacéieren mat deenen Äschebecher. Ech muss ganz éierlech soen d'Campagne, eng Sensibiliséierungscampagne ass ëmmer sënnvoll. Mee Dir gitt selwer mat oppenen Aen duerch den Zentrum duerch Diddeleng, an ech mengen do ass nach ganz vill Loft no uewe fir dass dat e bësse méi e Succès gëtt, wéi mer dat alleguerte wëllen.

An dann déi aner Fro ass: Am Kader vun den Diskussiounen ronderëm den Naturpakt am leschte Gemengrot hat déi gréng Vertrieederin sech gewonnert iwwer d'Steng an de Grénganlagen an der Rue du Commerce. D'Äntwert vum Ëmweltschäfte war, datt déi schwaarz Steng géifen zäitno ewechgeholl ginn. Dat war bis de leschte Sonndeg nach net geschitt. Kann de Schäfferot eis d'Ursaach matdeelen? Dat kann de Schäfferot. Den Ëmweltschäfte huet grad, wéi d'Vertrieeder vun

deene Gréngen, déi Sténg einfach mat „Sténg“ bezeechent. Ech hu mer awer soe gelooss, dat si keng Steng. Dat si Lava-Steng, dat si ganz speziell Steng. Et ass e Planzesubstrat an ass fir déi nährstoffaarm Planzen a Stauden déi do sinn eng ofgestëmmten Zort vu Steng. D'Staude brauchen net vill Nährstoffer, se sinn dréchenheitsresistent, insektefrëndlech a bléien vill, schreiwen eis Servicer. A wann a Plaz vun dëse Lava-Steng géif da Mulch geholl ginn, wäert de Mulch sech no enger gewëssener Zäit zersetzen an et ginn nees Nährstoffer fräigesat, wat kontraproduktiv bei dëse Planze wier. Lava huet déi selwecht Eegenschaft wéi Mulch. Se schützt virun Hëtzt a Keelt, maache Schied, hemmen d'Keime vu Flugsom a späicheren d'Waasser. A wann déi Staude bis gewuess sinn, gesäit een an zwee Joer näischt méi vun deene Lava-Steng. Dat ass och alles sou mam SICONA ofgeschwat. An dat ass d'Ursaach firwat den Ëmweltschäffen de selwechten Dag nach gesot huet, mer loossen d'Steng do si wou se sinn. Merci.

Déi recycléiert Zigarettestëmp, do gëtt Mobilier draus geschaaft. Mir hu bis elo nach kee geholl, mir wäerten awer natierlech och dat eent oder anert Mobiliersstéck uschafe fir hei zu Diddeleng ze placéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK. Merci. Prezisiounsfro.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Kéint Dir dat dann och kommunikéieren no baussen, dass dat Lava-Steng sinn? Well mir kréien dann ëmmer sou ze héieren: Dir musst eppes ënnerhuelen, d'Gemeng leet Steng dohinner.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Net méi spéit wéi gëschter an der Naturpakt, kouw och ee Kommissiounsmitglied, deen och dat gesot huet, du hunn ech gesot: Entspannung, sou an sou an sou. Mee et ass richteg, eise Service Kommunikatioun kéint dat no bausen och no vir bréngen, fir dass et och siichtbar wär.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK. Dat waren dann d'Äntwerten op d'Froen. An da géife mer lo an de Huis clos eriwergoen.

Nach einer längeren Pause sollte man sein eigenes Fahrkönnen nie überschätzen. Daher ist es sinnvoll, gerade die ersten Ausfahrten der Saison langsam angehen zu lassen.

Außerdem ist es wichtig, den generellen Zustand des Motorrads und der Ausstattung zu überprüfen.

DAS MOTORRAD ÜBERPRÜFEN

- ✓ Reifen (Zustand, Profil, Alter, Luftdruck usw.),
- ✓ Bremsen (Belag, Bremsscheiben),
- ✓ Beleuchtung,
- ✓ Ölstand,
- ✓ Kühlflüssigkeit,
- ✓ Batterie,
- ✓ Kette,
- ✓ Helm (Alter, allgemeiner Zustand, Konformität zu Sicherheitsnormen) und Bekleidung.



FAHRVERHALTEN

Besonders am Anfang der Saison sollte man sich zunächst wieder an sein Fahrzeug gewöhnen. Auch andere Verkehrsteilnehmer müssen sich wieder auf Motorräder einstellen. Zudem ist es besonders im Frühling noch möglich, dass Straßen morgens feucht und rutschig sind.

Wie immer gilt es also, Fahrstil und Geschwindigkeit den Umständen anzupassen und vorausschauend und defensiv zu fahren.

Auch bei Gruppenfahrten sollte man stets einen angepassten Sicherheitsabstand einhalten und die Fahrkünste der anderen, möglicherweise unerfahreneren Fahrer berücksichtigen.

Wir wünschen eine gute und sichere Fahrt!

**Im Sinne der Sicherheit aller Verkehrsteilnehmer
wird die Polizei während der gesamten Saison
gezielte Kontrollen durchführen.**



f EVENT



FESTIVAL
*Eat, Beat
& Culture*
DUDELANGE

**SAM.
15.07**



11⁰⁰-01⁰⁰

**FREE
ENTRY**

**FOODTRUCKS • DJ'S • WORKSHOPS
PL. THIERRY VAN WERVEKE (NEISCHMELZ)**

f /EBCFESTIVAL • WWW.DUDELANGE.LU